



D'Sich nom Zauberwuert

Eng Geschicht vu Wiichtelcher,
Hexen an anere wonnerbare Wiesen

Äerenzdall
Bäerdrëf
Bech
Beefort
Béiwen / Atert

Fëschbech
Fiels
Garnech
Hiefenech
Iechternach

Käerch
Konsdrëf
Mamer
Miersch

Mompech
Noumer
Reisduerf
Rouspert

Simmer
Stengefort
Tënten
Waldbëlleg

E

ch sinn de Néckel!"

"A mäin Numm ass Maisi!"

"Mir si Wiichtelcher, grad esou grouss dass mer dir bis un de Bauch géife reechen. An der Geschicht déi's du hei ze liese kriss, göss de vill iwwer eis Wiichtelcher gewuer: mir si frëndlech, hëllefsbereet an ëmmer gutt gelaunt. Heiansdo fale mir awer och mat der Dier an d'Haus..."

"Schwätz du vu mir?" fällt d'Maisi him an d'Wuert. "Soll ech de Lieser och eppes vun dir erzielen?"

"Eise Néckel weess iwwer villes Bescheed! Hie kennt d'Geschicht vun der Regioun ewéi keen aneren. Du wäerts vill vun him léieren iwwert d'Gemengen déi mir besicht hunn. Säu Wëssen huet eis och aus esou muncher Patsch gehollef. Mee komm emol méi no..."

Seng Stëmm gött méi lues: "Heiansdo geet hien engem gewalteg op d'Strëmp mat senge Geschichten, du wäerts gesinn..."

"Hee! Wat hutt dir do ze pësperen?" De Néckel leet d'Stir a Falen. "Stell léiwer eis Frëndin vir!"

D'Maisi kickelt: "Däerf ech virstellen: d'Marie aus der Regioun *7 Vallées-Ternois* am Frankräich an säin Hausdéier d'Griselda. Hatt ass duerch Zoufall hei gelant a wëll erëm zeréck a seng Heemecht. Natierlech hëllef mir him dobäi. Looss dech net irféieren, hatt ass net ëmmer esou léif wéi hatt op den éischte Bléck schénge... mee ech hunn näischt gesot!"

D'Marie mécht ee Knécks a streckt d'Griselda no vir: "**Fir dass ech zeréck a Frankräich kann, muss du mir hëllef! Fir den Trëndel ze zauberen brauch ech en Zauberwuert. Hëllef mir d'Äntwert op all d'Froen am Buch ze fannen. Bei all Äntwert fënns de eng Zuel. Schreif dee richtege Buschtaf zu all Zuel hannen am Buch op a fann esou d'Zauberwuert eraus, dat mech an d'Griselda heem bréngt!**"

"Ech si scho ganz virwëtzig!" seet d'Maisi ongedëlleg.



Maisi

Griselda



Marie
Grauette





Néckel

Regioune Mëllerdall a Lëtzebuerg West



Fir d'Zauberwuert eraus ze fannen, maachen d'Maisi, d'Marie, d'Griselda an ech, eis queesch op de Wee duerch di zwou Regioune Lëtzebuerg West a Mëllerdall. Op der Kaart kanns du nokucke wou mir op eisem Wee dru sinn a wéi wäit et nach bis zum Zil vun eiser Rees ass. Ënnerwee hu mir vill spannend Geschichte erlieft. Looss dech iwerraschen!









W

éi sou dacks, wann d'Zäit hinne laang gëtt, spillen den Néckel an d'Maisi déi zwee Wiichtelcher zu Stengefort un der Äisch. D'Baach spruddelt iwwert Steng vun alle Faarwen a Gréissten, an d'Sonn schénge duerch d'Äscht vun de Beem.

D'Maisi setzt sech op en décke Steen a kuckt ronderëm sech: "Haut ass et gutt waarm. Ech gi buerféiss an d'Waasser!" Séier deet hatt seng Schong aus. "Wie fir d'éischt op der anerer Sait vun der Baach ukënnt, huet gewonnen!"

"Waart op mech!"

Den Néckel sicht nach no enger dréchener Plaz fir sech ze setzen. Mee d'Maisi spréngt schonn an d'Äisch a leeft, dass d'Waasser nëmmen esou sprézt, an den Néckel rennt hannendrun. Hie wëlt net schonn nees géint seng kleng Schwëster verléieren.

"BUUH!"

Aus dem Waasser kënnt eng schrecklech ellen Hex gesprongen. Si huet eng grouss kromm Nues, fatzeg Hoer a schrecklech laang kromm Fangeren. Op hierer Schëller setzt eng déck Mouk, an hiert Kleed ass aus glibberege Waasserplanzen zesummegefléckt.

Den Néckel mécht ee Schrëtt hannerzeg a kuckt déi hutzeleg Gestalt verwontert un. D'Maisi ass vu Schreck op den Hënner gefall a setzt mat groussen Aen an der Baach.

"Pffffff!"

D'Mouk op der Hex hierer Schëller hat déif Loft geholl fir grouss a geféierlech auszegesinn. Elo ka si den Otem net méi unhalen a gëtt ëmmer mei kleng. Dat gesäit esou droleg aus, dass di zwee Wiichtelcher haart ufänke mat laachen.

"Selwer BUUH! An wie bass du iwwerhaapt?" freet den Néckel, an d'Maisi kickelt.

Déi al Hex schneit eng Grimass, wëscht sech de Bulli aus dem Gesiicht an hält déi kromm Nues erof. Mat der anerer Hand fiert si sech duerch d'Hoer, an eenzock steet virun deenen zwéin ee wonnerschéint Meedchen.

"Oooh... oh hei... hei sinn d'Kanner anescht. Dir fäert mech jo guer net! Ech sinn d'Marie Graulette. Ech wunnen an der Baach an maache klenge Kanner Angscht, fir datt si net ze no un dat déift Waasser ginn, drafalen an erdrénken. Firwat fäert dir mech net?"

"Mir si keng Kanner," seet den Néckel houfreg "mir si Wiichtelcher!"

"Däerf ech mech dann och presentéieren?"

Griselda, Kinnegin vun den Déieren!" quakt d'Mouk mat engem franséschen Accent dertëschent.

"Elo hat ech d'Griselda bal vergiess!" laacht d'Marie. "Hat ass meng Hexemouk, déi onendlech vill weess. Wéi der héiert, ass si net nëmmen e bèsse vu sech ageholl, dofir schwätzt si och a Versen. D'Griselda begleet mech iwwerall hin."

"Marie *GRAUETTE* – du kënns also aus dem Waasser. Wunns du dann och tèscht de Steng um Fong vun der Baach? Mir hunn dech nach ni gesinn, obwuel mir dacks hei spillen. Wou kënns du dann hier?" freet d'Maisi virwëtzig.

"Ech hu mech veriert!" gëtt d'Waasserfrächen zou a schummt sech e bëssen. "Ech kommen aus Nordfrankräich aus der **Regioun 7-Vallées-Ternois**. Do wunnen ech säit e puer honnert Joer an de Baachen, Flëss an am Mouer. D'lescht Woch souz ech ënnert enger wackeleger Bréck zu Fressin an der Baach „La Planquette“ op Kanner ze waarden, fir se ze erschrecken. Op eemol koum ee schlëmme Sturm. D'Waasser huet ugefaang ze klammen, an ech gouf an ee groussen Trëndel gezunn... Duerno kann ech mech un näischt mei erënneren, bis ech mech hei an der Äisch erëmfonnt hunn! Elo sichen ech no engem Wee, fir erëm heem ze kommen."

"Firwat musse mir dann zréck?"

Hei ass dach och ee schéinen Eck!" iwwerleet d'Mouk, mee hier Meeschtesch ass anerer Meenung.

"Ech ginn doheem gebraucht. Wann ech net do sinn, verléieren d'Kanner hier Angscht virum déiwe Waasser..." seet si mat traureger Stëmm. "Dir musst mir hëllef, ee grouse Floss ze fannen. Do dra kann ech dann een Trëndel erbäizauberen, deen déif genuch ass fir mech an d'Griselda zréck ze bréngen."

"Du stees dach mat zwee Féiss am Waasser!" rífft den Néckel a weist um Marie seng Been, déi bis un d'Knéie vun de Wellen ëmspillt ginn.

"Déi Baach ass vill ze kleng! Mengs de, ech géif hei bleiwen, wann ech mech einfach esou kënnt heem zauberen!" jäizt hatt, an a senger Roserei verännert seng Stëmm sech, a säi Gesiicht gëtt fir ee Moment dat vun der aler Hex. Mee gläich drop ass hatt erëm dat léift Meedchen.

D'Maisi an den Néckel kucke sech verdaddert un.

"Sief net traureg. Mir Wiichtelcher hëllef jidderengem, deen eis brauch. An ech hunn och schon eng Iddi: de Weier am Park beim Centre Roudemer! Deen ass dach bestëmmt grouss genuch! Kommt emol mat."

D'Wiichtelcher dréine sech ëm an trëppelen d'Äisch erop a Richtung Stengefort. D'Marie zéckt een Ablack, hëlt d'Griselda op den Aarm a leeft hannendrun.

Stengefort



Déi véier marschéiere laanscht d'Baach, bis si bei ee Gebai kommen. "Dat ass déi al Stengeforter Schmelz!" verkënnegt den Néckel. "Kee Mënsch weess, dass mir hei wunnen. Mir Wiichtelcher liewen an den Haiser bei de Leit, ouni dass si eis gesinn. Heiansdo maache mir hinnen ee Gefalen, raumen a botzen oder bake Brout. Fir eis Merci ze soen, loosse si eis Owes eppes z'iesse stoen."

"Dat ass awer ee groust Haus. Wunnen do vill Leit dran?", wonnert sech d'Marie.

"Ma dat ass dach keen Haus!" laacht den Néckel. "Virun 150 Joer hu se hei Eise produzéiert: Eisenhalteg Steng an Holzkuel aus der Géigend goufen an dëser Fabrik zu Eise verschafft. Op der Schmelz – wéi een esou Eisefabrike bei eis nennt – hunn alt bis zu 500 Leit all Dag geschafft. Hannendru stoung eng Zillefabrik."

"Mee haut schafft hei kee méi. Aus der Schmelz ass ee Kulturzentrum ginn", rífft d'Mai-si dertëschent. "Hei ass dacks eng lass, an da kënne mir den Theater kucken oder Musek lauschteren."



Säi Brudder verdréint d'Aen: "An hatt séngt ëmmer mat an hätt eis schonn zweemol bal verroden!"

D'Griselda, dat bis elo roueg um Marie senger Schëller souz, quaakt: "Chante la grive, la pluie arrive... Umpf!"

D'Marie hält der Mouk de Mond zou, an den Néckel fiert weider: "Well d'Aarbéchter sech an de Steekaulen an op der Schmelz alt emol blesséiert hunn, gouf souguer ee Spidol fir si hei zu Stengefort gebaut."

Iwwert dem Gespréich sinn si d'Strooss eropgetrëppelt a stinn elo op engem Schinnestrank. "Firwat sinn déi Schinnen hei dann esou zougew...?"

"Pass op! Den Zuch kënnst!" birelt d'Maisi esou haart, dass d'Marie an d'Griselda erféiert an d'Heck sprangen.

"HAHAHA! Ugeschmiert! Hei fiert scho laang keen Zuch méi." D'Maisi freet sech iwwert seng Spiicht.

"Dat ass d'Atertlinn," verzielt hatt houfreg. "Déi gouf gebaut, fir d'Steng, déi an der Schmelz gebraucht goufen, erbäizebréngen, an d'Eisen, d'Zillen an den Zement déi hei hiergestallt goufen, ewech ze féieren. Virdu sinn d'Wuere mat Päerdsutschen transportéiert ginn. Dat huet laang gedauert a war vill méi beschwéierlech! Fréier ass och d'Post mat Päerd gefuer. Hei zu Stengefort war nämlech eng Statioun vun der Poststreck Thurn & Taxis."

Op der Strooss virun der Gemeng ass vill Verkéier. Si ginn iwwert d'Zebrasträifen. Bei der Kierch béie si an eng kleng Säitestrooss of a spazéieren iwwert eng Bréck, ënnert deeër d'Äisch erduerchleeft. Op eemol sti si an engem schéine Park mat engem grouse Weier, op deem e puer Inte paddelen.

"Ass dat do genuch Waasser?" freet d'Maisi. "D'Leit aus dem Duerf nennen deen Eck hei *Rout Mier* – well dee Weier sou grouss ass. Dat geet bestëmmt duer fir däi groussen Trëndel!"

"Schnësskätt, Roudemer heescht dat!" verbessert den Néckel. "Deen Numm kënnst zwar wierklech vun *"Rout Mier"*, mee dat huet een anere Grond. Wann d'Päerdsutschen mat den Eisesteng hei laanschtgefuer sinn, sinn ëmmer e puer Steng erofgefall an um Buedem zerbrach. Ee Steen, wou Eisen dran ass, ass rout wéi Rascht. Vum Reen ass dat dann ee roude Bulli ginn. D'Leit déi hei gewunnt hunn, hunn dat witzeg fonnt a soten: *Mir wunnen um roude Mier!*"

De Néckel iwwerleet. "Marie, mings de, dee Weier wäer grouss genuch?"

Wusst du schon?

An enger Schmelz gëtt Réieisen aus Eisenäerz geschmolt. Dofir gëtt an engem grouse ronnen Uewen ee gliddegt Feier gemaach. An den Uewe gi Steng gefëllt, an deenen Eisen enthalen ass. Bei 1900°C schmëlzt d'Eisen an de Steng, gëtt flësseg a leeft um Buedem vum Uewen zesummen. Dee flëssegen Eisepull gëtt dann aus dem Uewen erauslafe gelooss.


Centre d'accueil nature et forêt Mirador

De **Centre d'accueil Mirador** bitt vill flott Ausflich an Aktivitéiten un, bei deenen's du d'Äisch a Stengefort entdecker kanns a vill iwwer d'Natur, d'Planzen an hier Bewunner léiers.

Centre d'accueil nature et forêt Mirador


1, rue Collart,
L-8414 Steinfort
T: +352/26 39 34 08
F: +352/26 39 34 09
E: mirador@anf.etat.lu
W: www.emwelt.lu

Rätsel



1__CH

D'Schmelz zu Stengefort
huet vill Eisenäerz
gebraucht fir Eisen ze
produzéieren. Woumat ass
d'Eisenäerz bei d'Schmelz
geliwwert ginn?



P__RD__KU__

23



D

at probéieren ech elo aus! Äddi Wiichtelcher! Hei zu Lëtzebuerg ass et schéin, a ech géif gäre méi dovu gesinn, mee ech muss zrëck a Frankräich." D'Marie klemmt sech d'Griselda fest ënnert den Aarm an geet mat grouse Schrëtt ee Stéck wäit an de Weier eran. D'Waasser steet him bis un de Bauch, an elo wou hatt naass gëtt, gesäit een, dass säi Kleeed ganz aus Waasserplanzen ass. Déi schéi Fee verwandelt sech zeréck an di ellen Hex.

"Äddi Marie! Äddi Griselda!" Déi zwee Wiichtelcher stinn niefteneen um Rand vum Weier a waarde gespaant wat geschitt.

D'Hex am Waasser pëtzt d'Aen zou, hält d'Mouk mat zwou Hänn viru sech a seet mat konzentréiertem Gesiicht hieren Zaubersproch op:

**"Je m'appelle Marie Graulette,
Je surveille la Planquette.
Des Sept-Vallées-Ternois je viens
Je voudrais rentrer chez les miens
Tourne, tourne, tourbillon,
Ramène-moi en gros bouillons"**

Währenddeems hatt den Zaubersproch opseet, fänkt et u sech ze dréinen, fir an den Déifte vum Trëndel ënnerzetauchen an zeréck a seng Heemecht transportéiert ze ginn...

Mee et deet sech näischt. Bis op e puer kleng Wellen um Weier, déi d'Marie selwer gemach huet, ass alles roueg. D'Hex mécht d'Aen op a kuckt verwonnert deenen zwee Wiichtelcher an d'Gesicht.

"Wéi?... Wat maacht dir dann hei? Firwat huet mäin Zaubersproch net gewierkt? Firwat?!"

D'Griselda spréngt dem Marie aus der Hand. PLATSCH. Hatt schwëmmt un d'Uwänner a setzt sech nieft d'Wiichtelcher.

Mat vill Gefluchs a Gekeims klëmmt d'Hex och erëm aus dem Waasser a verwandelt sech dobäi erëm zeréck an déi schéi Waasserfrächen. Hatt setzt sech nieft déi dräi, stäipt de Kapp an d'Hänn a fänkt u mat kräischen: "'t geet net! Ech hat dach dee richtegen Zaubersproch a genuch Waasser! Et hätt misse klappen!"

**"Nëmmen do wou d'Waasser fléisst,
gëtt den Zauber ausgeléist.
Dee Floss, deen durech d'Fielse brécht,
ass deen, deen ons de Wee fräi mécht."** dicht d'Griselda.

D'Maisi dréckt dem Néckelchen en A zou: "Déi Mouk ass wierklech keng Domm!"

D'Marie kuckt déi dräi veronséichert un a freet sech wat d'Griselda domadder wuel mengt. Dem Néckel kënnt eng Iddi: "Ech mengen, ech weess wat hatt wëll soen: dëst ass keng Baach mee ee Weier. Dovunner ofgesinn ass däin Zaubersproch op franséisch a wierkt nëmmen a Frankräich. Fir dass du dech erëm heem kanns zauberen, brauchst du lëtzebuergesch Zauberwierder an ee Floss."

"A wat fir ee Floss ass dat dann, deen duerch d'Fielse brécht?" freet d'Maisi.

D'Marie knoutert am Griselda seng Richtung: "Dat häss de och direkt kënnen soen! Wéi solle mer dann elo déi richteg Zauberwierder fannen?"

D'Mouk bléist sech op a quackt weider:

**"22 Buchstawe si genuch
Op 22 Plaze geet eise Besuch
22 mol Hëllef mussen mir eis verdéngen
Dass d'Zauberwuert soll richteg kléngen"**

"Zu Iechternach gëtt et Fielsen, an do fléisst ee breede Floss, dat ass d'Sauer." iwwerleet d'Maisi

"Et ass ee laange Wee bis dohin. Do komme mir op d'mannst duerch 21 Dierfer. An ënnerwee mussen mer 22mol ëm Hëllef froen fir déi richteg Zauberwierder ze fannen! Mee wat solle mer da froen, a wien?"

Mee d'Griselda fënnt, dass hatt elo scho genuch gehollef huet. Vun deem villen Dichten ass hatt ganz midd ginn. Et klëmmt op dem Marie säi Schouss, mécht sech et gemittlech a schléift an.

Den Néckel, deen ëmmer weess wat als nächst ze maachen ass, klappt an d'Hänn an dreift déi aner un opzestoen. "Mir maachen eis einfach op de Wee op Iechternach, an ënnerwee fanne mir bestëmmt Frënn, déi eis hellefen kënnen. Ech weess och scho bei wem mer ufänken."

Dem Maisi seng Ae blénken "Ouh jo, komm mir besichen de Spillmann! Dee kennt esou vill Geschichten – do ass bestëmmt och eng iwwer Zauberspréich derbäi!"

Dem Spillmann säin Haus steet um Réibierg, deem Hiwwel, deen op halwer Streck téschent Kohler an Héiweng läit. A sengem butzegen, wandschiifen Haische wunnt hien zënter Mën-schegedenken ongestéiert am Schied vun engem Bëschelchen.

Um Wee duerch Koler ass dem Néckel esou munches agefall, wat hien deenen aneren onbedéngt muss erzielen: "Koler ass ee ganz aalt Duerf, dat scho vun de Reimer bewunnt war. Am Méttelalter huet sech souguer ee Ritter hei eng Buerg opgeriicht. Déi eng soen, den Numm kéim aus dem gallo-réimeschen *Caba-Villare*. *Caba* war dat keltescht Wuert fir Haus, an dat réimescht *Villare* heescht esouvill wéi „bei der Buerg“, also „Haiser bei der Buerg“. Déi aner soen, et kéim vun *Kalar*, dat wier dat keltescht Wuert fir eng Strooss aus Bulli. Haut kënne mer net méi soe wou genau den Numm hierkënnt..."

D'Marie pëspert dem Maisi zou: "Deen hält sech jo drun ewéi de Geck un de Bengel!"

"Haha!" D'Maisi muss sech de Bauch hale vu Laachen. "Néckel! Elo hal awer op, mir si bal do! Lauschter!..." Sâi Brudder schneit eng Schnuff, spëtzt awer d'Oueren. Eng Musek erkléngt. Tëscht de Beem daucht op eemol ee verhutzelte Mann mat engem laange wäisse Baart a verblatztem faarwegem Gezei op.

"Maisi! Néckel!" Mat ausgestreckten Äerm kënnt hien hinnen entgéint. Eréischt du gesäit hien d'Marie a seng Mouk. Hee vernäipt sech déif: "Madame! Mäin Numm ass Ludcha vu Käerch, Spillmann a Meeschtersänger mäi Beruff."

Hatt mécht en héifleche Knécks zeréck a freet: "Kenns du deen Zaubersproch, deen ech brauch, fir een Trëndel erbäi ze zauberen?"

"Als Meeschtersänger kennen ech vill Lidder a Geschichten. Dat Bescht ass, dir erzielt mir mol alles, vläit kann ech hëllefen."

Kuerz drop sëtze si zesummen am Schied vun de Beem op e puer wacklege Still. De Spillmann zerwéiert hinne Gedrénks a si loosse sech et schmaachen. D'Maisi kuckt verdreemt an d'Landschaft.

Op eemol spréngt et op a jäizt: "Wat ass dat doten dann? En Ufo?!" Hatt weist op ee ronnt Gebai op der Kopp, dat an der Sonn blénkt.

De Ludcha schmunzelt: "Dat ass den Dréinkwaasserspäicher, an deem d'Waasser fir d'Regioun gespäichert gëtt. Deen ass 2006 renovéiert ginn an zënterhier huet hien déi flott sëlwer Kap. Mee wat féiert iech bei mech?"

D'Marie erzielt seng Geschicht an de Spillmann kraazt sech um Kënn.

"Esou een Zauberwuert kennen ech net, mee waart emol..." Hie geet a säin Haischen, a si héieren en dobanne rumoueren.

"Aha!" Hien kennt mat engem ale Buch eraus, leet et viru sech op den Dësch a fänkt u mat bliederen. "Waasserfrächen... Waassergréichen" hie pëtzt dem Marie en A zou a sicht weider.

"Jëfferchen... Kättchen – do hu mer et! E Waasserkättchen ass ee Waassergeescht deen a Baachen a Flëss leeft... e kann duerch Zäit a Raum reesen, dëst duerch Trëndelen, déi mat engem eemoleg wierksamen Zauberwuert erbäi gezaubert ginn"

Hee bliedert nees am Buch: "Z wéi ... Zauberwuert: déi Zauberwierder musse mat Hëllef vun den Awunner aus der Regioun zesummegeallt ginn."

Hie kuckt an d'Ronn a gesäit, dass déi aner guer näischt verstanen hunn: "Ma et ass ganz einfach! Dir maacht iech op de Wee op Iechternach. Ënnerwee begéint dir sécher nach vill aner Léit. Si stellen iech alleguer eng Fro, an aus den Äntwerten ergëtt sech dat richtegt Zauberwuert. "

D'Marie rífft opgereegt: "Da stell mir deng Fro! Wourop waarts de?"

De Spillmann zéckt: "Mir fält elo näischt an. Mee dir kënnt mat mir zesummen op Kärch goen, dat läit op ärem Wee."

Ënnerwee ass d'Maisi ganz nodenklech. "Ech froe mech, wéini mir fir d'lescht hei waren. Stoung do schonn dee Waassertuerm um Réibierg? "

De Ludcha iwwerleet ee Moment: "Nee, dee stoung deemools nach net. Dir waart virun 260 Joer fir d'lescht hei, fir *d'Amëscht* ze lauschteren."



"Stëmmt, dat war de Gerichtsdag deen um Réibierg ofgehale ginn ass!" erënnert den Néckel sech. "Deemools hunn d'Bewunner aus der ganzer Ëmgéigend sech hei virun engem Riichter versammelt, fir hier Streidereie bäizeleeën oder Verbriecher ze bestrofen."

D'Maisi rífft: "Ajo! Dat war ëmmer spannend! Weess de nach, wou deem ale Jang ee Sak Äerz geklaut ginn ass, deen en a stonnaanger Aarbecht ënne beim Réibierg gesammelt hat. Hie war esou béis! Hie wollt deen dach zu Simmer un d'Schmelz vun de Bridder Bidart verkafen."

De Néckel laacht: "Dovu war en och net méi aarm ginn. An deene Steng vum Réibierg war ni vill Eisen dran. Do hätt hinnen d'Eisebunn, déi se herno nach wollte vun hei op Esch bauen, fir besser kënnen ze verkafen, och näischt bruecht."

Wéi si duerch Garnech trëppelen, fänkt et u mat drëpsen. A well d'Sonn hinnen am Réck steet, gesinn si viru sech iwwert dem Dall ee Reebou. D'Marie ass begeeschtert an et erzielt eng al Geschicht, an deeër um Enn vum Reebou ee Schatz begruewe läit. De Ludcha fiert sech iwwert de Baart: "Hei zu Garnech gouf et och ee Schatz. Wee weess, vläit gëtt et en nach haut. D'Léit erziele sech, dass ee Mönch aus der Abtei Almënster virun 200 Joer ee grouse Sak voller Gold ënnert engem Bam verstoppt hat. De Schatz huet bis elo kee fonnt!"

"... um Späicher d'Riedche steet,

Si meng gëllen Dreem verschwonnen..."

Gedankeverluer séngt d'Maisi dat aalt Liddchen. Dem Ludcha kënnst eng Iddi: "Dat do bréngt mech op eppes!"

Wusst du schon?

De gréissten Deel vun eisem Drénkwaasser kënnst aus dem Grondwaasser. Reewaasser, dat sech ënnert dem Buedem a Quelle sammelt. D'Quelle ginn a Becken opgefaangen a fléissen vun do an d'Sammelbehältere vum Pompwierk zu Käerch. Vun hei aus gëtt et duerch Drockleitungen an den Haaptbehälter um Réibierg gepompelt, deen op 400 Meter iwwert dem Mieresspiegel läit an 32.000 Kubikmeter Drénkwaasser späichere kann. Ongeféier 1/3 vum Drénkwaasser kënnst aus dem Stauséi bei Esch-Sauer. Um Réibierg gëtt d'Waasser vun hei mam Stauséiwaasser gemëscht. Dat fäerdegt Drénkwaasser fléisst da mat natierlechem Gefäll zu de lokale Waasserspäicheren a Waassertiirm an deenen eenzelne Gemengen.

Rätsel

Marie, hei ass meng
Fro un dech: Wéi ee Gebai
um Réibierg huet eng
sëlwereg Kap?



W _ A _ _ ER _ U _ _ M
2



Ënnerwee fir op Mamer gött et sou lues däischter. D'Marie ass hongereg, midd a granzeg.

"Griselda, du kanns och gutt selwer lafen, ech hunn dech de ganzen Dag gedroen!" Hatt setzt d'Mouk op de Buedem an deeër bleift näischt anescht iwwreg wéi hannendrun ze sprangen.

**"Ech hunn de Réck an d'Been sou wéi!
Ech brauch eng Paus, ech kann net méi!"**

Och den Néckel streckt sech a gaapst: "So, wunnt net eise Koseng Abbes mat senger Zwergfamilie am Kazefiels bei Mamer? Du weess jo, déi déi no Gold an de Fielse gruewen a Mënzen herstellen?"

"Nee Néckelchen, dee wunnt dach net méi do, zënter dass een aarme Mann aus dem Duerf e gesinn hat. Do ass hien dach fir ëmmer verschwonnen."

"Ajo!" Den Néckel erkläert dem Marie: "De Kazefiels läit un der Kielbaach. Déi kleng Baach leeft duerch en Dällche laanscht de Juckelsbësch an do an d'Mamer. D'Mamer war eng wichteg Baach: do stoungen an der Zäit véier Millen hannerteneen, an deenen d'Bauern aus der Géigend hier Käre konnte muele loossen."

"Konnten? Si hu missen!" De Ludcha rëselt de Kapp. "D'Bauere ware verflucht, hier Käre an deeër Mille muelen ze loossen, déi dem Grondhär gehéiert huet. Dat gouf Millebann genannt. An ee Gaaschthaus gouf et och, do sinn ech oft higaange wéi ech nach jonk war!"

Grad komme si zu Mamer laanscht de Kierfecht, do héieren se e fuerchtbare Kaméidi. Wéi wann ee mat engem Hummer op Metall géing schloen an dobäi haart jäizen a laachen.

"Wat ass dat do? Ech fäerten!" D'Maisi dréckt sech hannert d'Mauer, an d'Marie an den Néckel traue sech net weiderzegaen. De Ludcha luusst ëm den Eck, zitt awer séier de Kapp erëm zréck a pëspert: "Dat si Kobolden, si gruewen do eppes aus. Looss mer léiwer waarden, bis se fäerdeg sinn."

Kuerz drop verschwannen d'Kobolden.

"Kuckt, si hunn eppes vergiess!" D'Marie weist op ee grouse Steen, deen aus dem Buedem luusst. Um Steen, deen d'Form vun engem Fouss huet, si réimesch Buchstaven agemeesselt. Op eemol erschéngt ee Mann mat engem laangen Ëmhank virun hinnen.

"Ee Geescht!" rífft den Néckel, mee d'Maisi trëtt him mat breede Been entgéint a salutéiert: "Ave Réimer!"

De Réimer ass rosen: "Wie stéiert mech a menger éiweger Rou?" En zitt säi Schwäert a setzt dem Maisi d'Spëtz op d'Broscht.

"Här Réimer!" De Ludcha dréckt d'Schwäert ewech. "Mir wollten net stéieren. Mir sinn zoufälleg hei laanscht komm."

De Réimer mécht ee strengt Gesiicht a riicht säi Schwäert déi Kéier um Spillmann seng Broscht.

"Sidd dir iwwerhaupt réimesch Bierger?" freet en.

"Ehm...nee, mir si Lëtzebuerger. An dëst ass d'Marie aus Frankräich." tuddelt de Néckel.



"Also sidd dir Barbaren!" rífft de Geesch. "Dir sidd heimat gefaangen an dir gitt Sklaven a menger Villa." Hien dreift di fënnef Frënn mat sengem Schwäert viru sech hier.

No enger Zäit gëtt de Réimer allerdéngs ëmmer méi lues. Hee kuckt ronderëm sech a säi Gesichtsausdrock ass verwonnert. Schliisslech bleift e ganz stoen a stupst de Ludcha mat der Spëtzt vum Schwäert an de Réck.

"Barbaren, wat hutt dir mam réimesche Vicus gemaach? D'Duerf gesäit ganz verännert aus. Eraus mat der Sprouch: Wou sinn déi réimesch Haiser, a wouhin ass d'Griewerfeld verschwonnen?"

D'Maisi dréint sech ëm a probéiert z'erklären: "Här Réimer! Mir sinn am 21. Jorhonnert. D'réimesch Duerf an d'Griewer si fort. D'Iwwerreschter vun den Haiser a Mauere leien am Buedem oder sinn ofgerappt!"

"Wat schwätzt du Barbar! Och wann d'Leit keng Päerd méi hunn, fir hier Ween ze zéien – déi grouss Réimerstrooss ass nach ëmmer do. Si schéngt zwar e bëssen anescht ze verlafen, mee féiert si éieren net nach ëmmer vun Augusta Treverorum bis op Reims? Eis réimesch Stroossen si schliisslech gutt ausgebaut a breet, fir dass eis Legiouné séier viru kommen."

"Stëmmt!" gëtt d'Maisi kleng bäi. "D'Strooss féiert ëmmer nach um ale Réimerwee vun Treier bis op Arel."

Den Néckel ka sech net zeréckhalen: "Goufen d'Leit bei de Réimer net laanscht d'Stroosse begruewen? No bei der Strooss stoungen dach déi grouss Morguen aus Stee fir déi räich Bierger. Hannendru waren déi einfach Griewer mat en Urne vun den aarme Leit. An hei zu Mamer gouf et en Zillenuewen, dee steet haut zu Capellen. A Millen, Thermen, Wunnhaiser..."

"Sou ass et! Barbar, du weess vill iwwert eis Kultur! Mamer ass ee grouse Vicus!"

Hie marschéiert weider: "An hei si mer bei den öffentlechen Thermen ukomm, direkt um Fouss vum Gaaschtbiërg, wou meng Villa steet. Mee ..."

Si kucken op eng Wiss wou d'Iwwerreschter vun de Mauere virun hinnen am Niwwel verschwannen, deen aus dem Dall eropgezunn ass. De Réimer ass paff.

"Ech probéieren der et jo déi ganzen Zäit ze erklären: et si keng Therme méi do, an deng Villa ass och fort!" fléift d'Maisi.

Den Néckel erzielt monter weider: "Dat hei sinn d'Mauere vun der Hypokaustanlag, dat war d'Heizung mat deeër de Buedem gehëtzt gouf. Mee am Gebai waren net ëmmer Thermen, nom Verfall vum Réimesche Räich ass et ëmgebaut ginn an e Wunnhaus ..."

"VERFALL vum RÉIMESCHE RÄICH!!" De Geescht kann et net faassen. "Barbaren! Ech sot jo schonn ëmmer, dass déi eisen Ënnergang bedeiten!" Hee fuchzelt mam Schwäert, an déi véier bécke sech séier ewech.

"Aarghhh!" Vu lauter Roserei trampelt de Geescht um Buedem. Op eemol ass e verschwonnen an et ass wéi wann en ni do gewiescht wier.

"Wow! Wann et bei de Réimer eng Hell gouf, dann ass deen elo dohi gefuer!" otemt d'Maisi op, an déi aner laachen erliichtert.

Si verbréngen duerno ee gemittlechen Owend am Koseng Abbes senger Hielecht um Kazefiels.

Wusst du schonn ?


Ee Vicus war zu réimescher Zäit näischt anescht wéi en Duerf. Wunnhäiser, Betriber an öffentlech Gebaier wéi Thermen, Theater an Tempele stoungen hei niefteneen. D'Bierger vun esou engem Vicus, si hunn sech Vicani genannt, hunn entweder an den Betriber am Duerf geschafft oder op enger vun den Villaë vun méi räiche Réimer, di net wäit vum Vicus ewech op hierem Land stoungen. Si hunn all méiglech Wuere vir den Alldag hiergestallt an um Maart verkaaft.

Entdeck op 5 thematesche Weeër vun 3-6 km Längt alles iwwer d'Geschicht vun der Gemeng Mamer. D'Broschür um **Mamer Geschichtspad** kann een an der Recette vun der Gemeng Mamer fir de Präis vun 10€ kafen.

Mairie de Mamer

1, Place de l'Indépendance,
L-8252 Mamer
T: +352/31 00 31 - 1
F: +352/31 00 31 - 72
E: info@mamer.lu
W: www.mamer.lu

Rätzel



M _ XIV
3

De Néckel huet Recht,
räich réimesch Bierger
hu sech direkt laanscht
d'Strooss a prachtige
Griewer begruwe gelooss.

Déi waren dacks mat
Steeplatten geréscht op
deenen Szenen aus dem
Alldag vum Verstuerwene
gemeesselt waren.

Hei ënnen drënner
gesäis du esou eng
Steeplat. De Buschtaf fir
d'Zauberwuert fënns de
wanns de d'Joereszuel
a réimeschen Zifferen
op de Stréch schreifs.

Eng kleng Hëllef:


M = 1000 Joer

X = 10 Joer

V = 5 Joer

I = 1 Joer





Deen aneren Dag, soubal d'Sonn sech hannert de Koppe weist, maachen eis fënnef Frënn sech erëm op de Wee. Wéi si vum Wandhaff erof an den Dall trëppelen, gëtt de Ludcha ëmmer méi nodenklech.

"Mir kommen op Käerch! Meng al Heemecht!" muermelt en. "Hei hunn ech musizéiert, an d'Häre vum Gréiveschlass hunn andächtig nogelauschtert."

"D'Gréiveschlass!" rífft den Néckel. "Kuckt, dohanne bei der Gieweler Baach, do steet et! Oder wéinstens dat, wat nach dervun iwwreg ass."

"Jo, deemools war dat eng dichteg Buerg," erkläert de Ludcha. "Den Hexenturm war bal dräimol sou héich wéi elo. Dee gréisste Biergfrid wäit a breet. An do iwwer stoung nach eng Buerg, déi war nach méi al: d'Fockeschlass."

"Dovu gesäit een awer näischt méi," stellt den Néckel fest.

D'Marie mëscht sech an: "Mengt der, mir kéimen an dat Gréiveschlass eran, fir eis deen Hexenturm méi genee unzekucken?"

Wéi si tëscht de Ruine stinn, kuckt de Ludcha verwonnert ronderëm sech.

"Hmmm. Ech sinn hei net méi kënneg. Dir musst wëssen, sou eng Buerg, déi gouf net an enger Kéier opgericht. Do gouf bestänneg eppes ëmgeännert oder bäigebaut, ëmmer an deem Stil, dee grad modern war. Zu menger Zäit war Gotik ugesot. Dee rechteckegen Tuerm dohannen, huet de Gilles vun Autel-Käerch baue gelooss. An de Kapellenturm mat der Méchelskapell och..."

"Deng Zäit," fällt d'Maisi him an d'Wuert, "dat war jo dann de Mëttelalter. D'Zäit vun de Ritter – wéi romantesch..."

"Jo, an duerno koum d'Neizäit." fiert de Ludcha virun. "Do war déi Buerg den Hären net méi kamoud genuch, a si hunn ee Schlass draus gemaach. Wunngebaier mat Prunksall, Gemächer, Kapell, Kichen a Ställ koumen derbäi. Wou soll ech mech do nach erëmfannen!"

"Prunksall! Gemächer! Wéi romantesch...", schwärmt d'Maisi.

"A wat ass mat deem Hexentuerm?" freet d'Marie genervt, a seng Stëmm gëtt schonn erëm méi heess.

"Den Hexentuerm, dee war gefaart:

Do goufen d'Hexen agespaart. Quak!" pëspert d'Griselda dem Marie an d'Ouer.

Dat schuddert sech: "Oh mei! Stëmmt dat?"

"Tjo...", grommelt de Ludcha. "'t war net alles romantesch déi Zäit."

D'Marie gëtt ongedëlleg. "Eraus mat der Sprooch! Wat hu se mat deenen Hexe gemaach?"

De Ludcha hält déif Loft: "Hexen haten ëmmer ee schlechte Ruff, dat wësst der jo. Dem No-per seng Kou huet keng Mëllech ginn, 't ass ee Feier ausgebrach, de Karschnatz war schlecht – ëmmer krut eng Hex d'Schold. An dann..."

"An da goufen si an den Hexentuerm gespaart?" rífft d'Marie entsat.

"Genee. Do hu si gewaart, bis de Riichter säin Uerteel gesprach hat. Si sollten hier Verbiechen zouginn, a wann se dat gemaach hunn, goufen se verbrannt."

De Ludcha kuckt an de Buedem, déi aner schäre mat de Féiss. 't seet keen ee Wuert, bis d'Marie sech zesummerappt. "Kommt, mir ginn! Ech wëll hei fort!"

D'Maisi ass frou. "Kuckt mol dohannen, wat een drolege Kierchtuerm!" rífft hatt begeschtert.

"Een Zwiwweltuerm, heescht dat." verkënnegt den Néckel. "D'Remigius-Kierch vu Käerch gëlt als déi schéinst aus dem Land. Vu bannen musst der se réicht gesinn!" Hien zitt d'Paart eng Spléck op a schlaufft eran. "Phantastesch, deen Dekor: den Altoer, d'Molereien, d'Grafsteng..."

"Wuer gi mer elo?" freet d'Marie, wéi se aus der Kierch erauskommen.

"Wëllt dir Pilzen op den Dësch,

Da kommt mat d'Leesbësch," mellt d'Griselda sech zu Wuert.

Domadder ass jiddereen averstanen. Zesumme marschéieren si iwwert d'Landstrooss, bis se bei ee Wee kommen, deen tëscht de Beem erduerch féiert.

"Fir Pilzen ze sichen, hu mer besser eis ze trennen," mengt den Néckel. "Herno begéine mer eis hei erëm a kucke wat mer fonnt hunn."

Sou trëppelen se all duerch de Bësch, schäre Blieder op d'Säit a luussen tëscht Hecken a Straich. D'Maisi huet scho seng Mutz gefëllt a wëllt grad d'Kéier maachen, op eemol bleibt et verwonert stoen. Virun him wuessen aus dem Buedem iwwerall Mauerreschter amplaz Beem. Verschotert mécht hatt e puer Schrëtt drop zou a gesäit, dass déi Maueren d'Form vun engem groussen a verwéinkelten Haus hunn, mat villen Zëmmeren, engem Keller, enger Terrass...

"Dat gesäit jo richteg modern aus. Bestëmmt hunn hei viru laanger Zäit räich Leit gewunnt. Dichteg Bierger, déi..."

D'Maisi bleibt stoen. "Oh neen! Net schonn erëm!" Hatt dréint op den Talleken ëm an hält d'Been an de Grapp. Beim Wee sti seng Frënn ze waarden.

"Dajee, du Träntelkett!" rífft den Néckel.

"Firwat bass du dann esou bleech?" freet d'Marie. "Hues de schonn erëm ee Gespenst gesinn?"

D'Maisi tuddelt: "Ech?... Ee Gespenst?! Neeeee..."

"Maisiiii!" mécht den Néckel. "Du verheemlechs eis dach eppes!"

"Ech mengen, ech weess Bescheed," rífft de Ludcha. "Eist Maisi war bei der Réimervilla vu Giewel. An hatt huet keng Loscht, dass mer all dohi vuerwétze ginn."

"Dat kann ech verstoen", seet d'Marie. "Net dass eis erëm sou een ale granzege Réimer iwwert de Wee leeft."

No kuerzer Zäit sëtzen si ronderëm ee Feierchen a genéissen hier Champignoen. De Ludcha gëtt iwwerdeems ëmmer méi roueg. Op eemol steet hien op.

"Meng léif Frënn," erkläert hie feierlech. "Eis Weeër trennen sech op dëser Plaz. Ech hunn nach hei an der Géigend ze dinn, an dat muss ech eleng erledegen."

"Ludcha!" ruffen déi zwee Wiichtelcher mateneen. "Dat has du eis net gesot! Wat hues du da wëlles?"

"t ass eng al Geschicht," erzielt de Spillmann. "An der Leesbech, net wäit vu Käerch, kënt all siwe Joer ee schnéiwäisst Päerd mat engem gëllene Suedel laanscht galoppéiert. Dat ass a Wierklechkeet eng verwonsche Prinzessin. Wien et fäerdeg bréngt, op deem Schëmmel ze reiden, kann domat déi aarm Prinzessin befreien. Mee et muss ee jonke Mann sinn, dee 'reng' ass."

"Reng?" freet den Néckel. "Wat mengs de domat?"

"Ech weess et och net! Sou heescht et an der Geschicht." klot de Ludcha. "Mee vläit sinn ech jo reng genuch. Ech wäsche mech zweemol am Joer, an ech hunn nach näischt Schlëmme gesticht."

"Wann dat alt duergeet," mengt den Néckel. "Wat geschitt da mat deenen, déi et net packen?"

"Dofir soen ech iech jo Äddi! Déi sinn all verschwonnen an ni méi erëmkomm! 't ass egal! Dëst Joer ass et erëm sou wäit, an ech wëll mäi Gléck versichen. Maacht et gutt, a passt op iech op!"

De Ludcha wénkt nach eemol an ass geschwënn net méi ze gesinn.

"Wat huet deen sech eppes an de Kapp gesat!" grommelt den Néckel, an d'Maisi geréit erëm an d'Schwärmen. "Wéi romantesch!"

Am **Waasserwëssenszentrum vum Syndicat des Eaux du Sud** kanns du viles iwwer d'Drénkwaasserversuergung vu Lëtzebuerg léieren. Beim Besuch vun der Ausstellung ThemAqua kanns de dāi Wëssen iwwert Waasser testen an erweideren. Besuch fir Gruppen op Ufro.

Syndicat des Eaux du Sud Koerich
Fockemillen,
L-8386 Koerich
T: +352/39 91 96 - 1
F: +352/39 98 15
E: info@syneauxsud.lu
W: www.ses-eau.lu



Rätsel

"Ech si ganz duerchernee
 mat deene villen Nimm.
 Wéi huet elo scho méi
 dat Schlass zu Käerch
 geheescht? An dat wat et
 net méi gött? A wat leeft
 do fir eng Baach? A wou
 stoung d'Réimervilla?"
 "Gréiwébësch a Leeskierch,
 Remigius, erënnert iech!
 Fockebaach a Gieweler
 Schlass
 Sot mir wéi et richtig ass!"
 Wéieen Buschtaf feelt?"

GR _ IW _ SCHLASS _ = 5
L _ _ SB _ SCH
FOCK _ SCHLASS
GI _ W _ L _ R BAACH

Wusst du schon?

Hexen haten ëmmer ee schlechte Ruff. Wann am Duerf en Ongléck geschitt ass oder et de Léit schlecht gaangen ass, ass e Schëllege gesicht sinn. Fraen di liesen a schreiwen, déi sech mat Kraider auskannten a Medikamenter hierstelle konnten, waren de Léit am Mëttelalter onheemlech. D'Kierch huet gepriedegt dass déi Fraen a Männer mam Däiwel am Bond stéingen an zaubere kéinten. D'Léit hu gegleeft dass Hexen d'Léit verzauberen an hinne Schlechtes wëllen. An dofir huet et geheescht, si missten all verbrannt ginn. Se sinn an den Hexentuerm gespaart ginn. Mee déi Fraen, déi am Hexentuerm souzen, dat ware mol keng richtig Hexen. 't giong duer, datt si rout Hoer haten, oder sech net sou beholl hunn, wéi hire Mann dat gäre gehat hätt. Dann huet et geheescht: 'Dat ass eng Hex!'. Am Hexentuerm hunn si gewaart, bis e Riichter säin Uerteel gesprach hat. Dacks goufen si geschloen a gefoltert, datt si hier Verbrieche sollten zouginn. A wann se dat gemaach hunn, goufen se verbrannt.

Nodeems si de Spillmann zeréckgelooss hunn, trëppele si virun a komme géint der Owend an een déiwe Bësch.

Den Néckel téint: "Fäert net, Meedercher! Ech si bei iech! Souwisou misste mer geschwënn op Simmer kommen."

"Drolegen Numm! Simmer bal do? Haha!" laacht d'Maisi.

"Op franséisch heescht dat Septfontaines, also 'Siwe Bueren'," beléiert den Néckel hatt. "Wéinst deene ville Quellen, déi hei zesummelafen."

't gëtt sou lues däischer. D'Strooss ass kéierereg, an déi véier fänken un, midd ze ginn. Si wëllen eng Ofkierzung duerch de Bësch huelen, mee dobäi verlafen si sech. Den Néckel ass bleech wéi een Duch, an d'Giselda verkraucht sech ënnert dem Marie sengem Fische.

D'Maisi faasst sech een Häerz: "Dat Besch ass, mir sichen eis eng Plaz fir z'iwwernuechten." Hatt kuckt ronderëm sech. "Do ënne bei der Baach, dat ass dach eng Hielecht. Déi ass grad richtig!"

A scho klotert hatt den Hiwwel erof. "D'Loft ass reng! Dir kënnt kommen."

D'Hielecht ass zwar däischer a ficht, mee 't ass ëmmer besser, wéi duerch deen onheemleche Bësch ze iren. Si maache sech et esou gemittlech wéi et geet a wëlle sech grad schlofe leeën, dunn héieren se vu baussen ee Ruffen:

"Raus mat iech Fatzbeidelen!"

Virsiichteg strecken si d'Käpp eraus. Vrum Agank vun der Hielecht sinn d'Ëmrëss vun engem Ritter op sengem Päerd ze erkennen. Hien hält eng Fakel an d'Luucht an zitt säi Schwäert.

"Hei losse keng Wëll sech méi nidder, do waachen ech driwwer!"

Eis Frënn kommen eraus. Am Liicht vun der Fakel blénken hier verängschtet Aen. De Ritter bekuckt si vum Päerd erof.

"Hmmm... Keng Hoer um Kierper, keng laang Zänn!... Dir sidd keng Wëll, oder?..."

Wéi hien d'Marie gesäit, spréngt hien erof a knéit sech virun hatt. "Meng léif Dame! Verzeit dat ongehuwweelt Behuelen, zu deem eng schwéier Missioun mech zwéngt."

D'Marie ass ganz verdaddert. De Ritter huet just Ae fir hatt.

"Wat ass dann deng Missioun?" freet d'Maisi virwëtzig.

"Är Mod, wonnerschéi Prinzessin, ass wuel schlecht gezillt. Ech däerf mech virstellen: Ritter Gottfrid vu Simmer, zu Ären Déngschter. Ech sinn et, dee viru Joeren d'Wobaach an d'Ëmgéigend vun enger schlëmmer Plo befreit huet. Dir sollt wëssen: an dëser Hielecht hat sech eng wëll Fra niddergelooss. Si war vu Kapp bis Fouss mat Hoer bedeckt. Hier spat Zänn an hier laang Krallen ware Waffen, deene kee Schwäert gewuess war. Mee virun iech steet hiere Bezwénger. Aus mengem Rousekranz hunn ech eng Feilspëtzt geformt a mat engem Schoss an d'Broscht d'Ongeheier niddergestreckt."

D'Maisi léisst sech net beandrocken: "Dann ass jo alles an der Rei. Wat féiers de dann esou eng op?"



"Pssst!" mécht den Néckel a stéisst hatt an d'Säit.

"Ech wëll nach eemol iwwert dat onerhéiert Behuele vun Ärem Gesëndel ewechkucken. Et sief! Ech, meng Häerzallerléifst, gesinn et als meng Missioun un, dës Gewan, déi ech als meng Lännereien däerf betruechten, vu wëlle Fraen an aneren onduggene Gestalte reng ze halen."

"Gesëndel! Hues de héieren, Néckelchen? Deen hält eis fir Gesëndel!" zischt d'Maisi getouft.

D'Marie versteet d'Welt net méi. D'Giselda kraucht aus senger Stopp eraus.

**"Wa Männer, léift Marie, sou soueren,
Si si verléift bis iwwert d'Oueren!"**

De Sigismund fiert an d'Luucht. "Är Schëller, Schéinheetsgëttin! Do sëtzt eppes op Ärer Schëller! Ewech, Ausgebuert vun der Häll!"

Mat sengem Schwäert wëllt hien d'Mouk oppicken. Mee d'Marie zitt sech, an hien trëllt no vir a rennt poulriicht an ee Bam.

"Wat geet dech un, du Vulleschäich! Looss mäi Griselda mat Rou!" jäizt hatt.

De Ritter ass ganz doruechter. "Ech... ech hoffen, Dir vergitt mer och dëse Mëssel, o Stär vu mengem Aeliicht. Mir huet geschéngt, wéi wann dat... Déier do... Ah! Ech verstinn: et handelt sech ëm Äert Wopendéier... Mee genuch domat! Ech gesi jo, Dir hutt Iech verluer a wësst net, wou Der dës Nuecht Ären engelsgläiche Kapp sollt betten. Abee, Dir sidd mäi Gaascht."

De Sigismond klëmmt an de Suedel, hieft d'Marie viru sech a reit lass... Den Néckel an d'Maisi lafen hannendrun. Matzen duerch d'Gaasse vu Simmer geet et, an dann de Bierg erop. Eng Buergruin läit op der Kopp am Moundschäin.

"Hei si mer," rífft de Sigismond. "Wëllkomm op mengem Domaine, o Blumm vun der Nuecht!"

Mee amplaz duerch dat grousst Portal eranzereiden, klëmmt hie vum Päerd a mécht eng Säitendier op, déi an de Keller féiert.

"Wéi?" wonnert d'Marie sech. "Deen dichtege Buerghär schläicht sou a säin Heem?"

"Ech fäerten, ech muss Iech eng weider Kéier ëm Entschëllegung bieden, meng Allergniedegst. Leider därf ech just nach de Keller vun dëser Buerg mäin Eegen nennen," pëspert de Ritter a geleet seng edel Dame iwwert eng schmuel Trap erof.

Si trieden an ee grousse verwëllefte Raum, dee vu Fakele beliicht gëtt. Eis zwee Wiichtelcher schlaufe just nach eran, iert d'Dier hannert hinnen zouknuppt, a verzéie sech an en däischteren Eck, an deem eng wackleg Bänk steet. De Ritter féiert d'Marie un ee graff gezammerten Dësch, op deem ee Krou an e puer Tase stinn.

"Betruecht dëst bescheident Gemaach als Äert, edelt Wiesen. Méi kann ech Iech zur Zäit net bidden, well zënter deem grousse Brand hunn ech mech hei zrëckgezunn. Nei Buerghären hu viru kuerzem alles no hierem Goût erëm opgericht. Si wëssen näischt vu mir, well ech mech jo nëmmen nuets dobaussen ophalen," erzielt hien.

Den Néckel spëtzt d'Oueren. "Stëmmt!" pëspert hien dem Maisi an d'Ouer. "D'Buerg war kuerz virun der franséischer Revolutioun ofgebrannt a louch am Koup, bis an den 1950er Joeren ee modernt Wunnhaus hei gebaut gouf. Lauschter gutt no, hei kënne mer eppes bäi..."

Mee d'Maisi kritt näischt méi mat. Hatt huet de Kapp op sengem Brudder seng Schëller geluecht an ass ageschlof. Och dem Néckel falen elo d'Aen zou.

D'Marie ënnerdréckt ee Gaapsen. "Ech hätt nawell Duescht..."

"Ooh wéi konnt ech et dat vergiessen?!" rífft de Sigismond a schëtt eng goldgiel Flësegheet aus dem Krou. "Dëse Schlofdronk vun der Simmerfarm deet Iech sécher gutt.

Mee d'Marie hätt kee Schlofdronk méi gebraucht. De Kapp fält him op d'Broscht, an de Ritter leet hatt virsiichteg op seng Brëtsch. "Gutt Nuecht, o lackelegt Geschëpf."

Wusst du schon?


Op der Simmerfarm goufen tëscht 1932 an 1945 heemesch Heel- a Gewierzplanzen ugebaut oder an der Natur ronderëm gesammelt an zu Téi, Drëppen a villen anere Saache verschafft.

Rätsel

Am Duerfkär zu Simmer
steet e Buer. Wéi vill Quelle
spruddelen hei an de
Baseng?



S _ _ EN
4




Tënten

Am Keller ass et nach ëmmer stackdäischer, an ausser engem Ronken héiert ee kee Mucks. Just duerch eng Spléck an der Dier luusst d'Dageslicht eran.

D'Marie ass dat éischt, dat erwecht. "Wou sinn ech?... Ech hu vun engem drolege Ritter gedreemt... O mei, ech fäerten, dat war guer keen Dram!"

Hatt steet op an tappt bis bei den Dësch, op deem ee Bréif läit.



D'Marie pléckt d'Mouk vu senger Schëller a vernennt et Schëmmel a Bless: "Wat geet dech un, du Quakmaschinn, deem raschtege Kärel do mäi Liewen ze verzielen!"

**"Hie war charmant a gutt erzunn,
Esou ee kréi'n ech net belunn..."**

"Pfff!" mécht d'Marie. "Wann e sech wéinstens géif kloer ausdrécken! Wat heescht dat Gekro-zels do iwwerhaapt?"

Vun deem Gebläers sinn d'Wiichtelcher wakreg ginn. Den Néckel hält de Wësch a liest.

"Hm, do bleift näischt anescht, wéi eis a Richtung Westen op de Wee ze maachen."

D'Äisch glënnert an der Moissonn, wéi si aus dem Duerf eraus marschéieren.



"Marie, waart op eis!" ruffen d'Wiichelcher, mee hier Frëndin léisst sech net ophalen. Schët-zeg geet et duerch di kleng Uertschaft Bur mat hierer Kapellchen, weider laanscht d'Waasser, wou nach virun 100 Joer eng Millen un der Bach stoung.

Op eemol sti si virun enger riseger Eisepaart, déi grouss opsteet. Si trieden an ee Schlasshaff an errechen ee wonnerschéine Park. Verdreemt trëppelen si duerch d'Alleeë mat de Statuen an de Sprangbueren.

"De Ritter vun DĚSEM Schlass hätt ech gäre kenne geléiert," stellt d'Marie verbattert fest.

"Hei gouf et ni ee Ritter," verbessert den Néckel. "Dat ass de Grand Château vun Ansebuerg. Dat huet d'Famill Bidart am 17. Joerhonnert gebaut. Niewendru stoung och eng Schmëtt, wou d'Eisen aus dem Schmelzewe vu Simmer verschafft ginn ass ..."

"Genuch getrëntelt!" ënnerbrécht d'Marie hien. "Mir musse virun!"

A schonn ass hatt erëm ënnerwee, an déi zwee Wiichelcher musse kucken, dass se nokommen.

"Kuckt, do uewen op der Kopp steet di al Ansebuerg," keimt den Néckel. "An do vir gesitt der schonn dat aalt Klouschter Märjendall."

"Dat gesäit awer net aus ewéi ee Klouschter!" rífft d'Maisi.

"Haut ass et jo och ee Jugendzentrum vum Centre national de jeunesse," erkläert den Néckel. "Do sinn..."

"Wéi heescht dat, sees de?" fält d'Marie him an d'Wuert.

"Märjendall," wídderhëlt den Néckel verwonnert. "Haut seet een dofir éischer..."

"Ech ka mer et denken! Dat Klouschter mam Numm, deen u mech erënnert. Mir mussen d'Aen ophalen. Vlät fanne mer hei eppes wat eis weiderhëlleft."

Si trëppele ronderëm a kommen esou bei een Tuerm, deen direkt nieft der Baach steet. "Den Tuerm vum Yolanda!" stellt den Néckel fest. "D'Yolanda vu Veianen war Äbtissin vum Klouschter virun iwwer 800 Joer."

"Dat war dat aarment Meedchen, dat vu sengen Eltere gezwonge gi sollt sech ze bestueden!" rífft d'Maisi dertëschent. "Mee hatt huet sech gewiert an ass dunn als Nonn heihi komm. Den Tuerm ass him zu Éiere gebaut ginn."

"Spéider huet ee Pater seng Geschicht opgeschriwwen," hánkt den Néckel drun. "Dat alle- réischt Buch op Lëtzebuergesch!"

D'Maisi ass schonn duerch d'Dier am Tiermche verschwonnen a kuckt uewen zur Fënster eraus.

"Ech sinn d'Prinzessin Maisi! Do uewen ass de Fiels vun der Räiterlee! Ohh, do gëtt et eng ganz spannend Geschicht vun engem dapere Ritter vun Huelmes!" schwärmt hatt.

"Vun engem Ritter well ech näischt héieren!" baupst d'Marie.

Mee d'Maisi léisst sech net ofbréngen. "Bilt der nëmmen näischt an. Hien ass mat sengem Päerd do erofgespronge fir senge Verfolleger ze entkommen. A wéi hien ënnen ukoum haten alle béid emol keng Schrëibs."

Knapps gesot, gesinn si vun Huelmes erof ee Mann op engem Päerd kommen.

D'Marie verdréint d'Aen: "Net schonn nees...!"

"Dat ass en!" pëspert d'Maisi. "Dës Kéier sinn ech un der Rei. Ech weisen dir mol, wéi een dat mat sou engem Ritter mécht."

Dee Frieme bleift virun hinne stoen, ee raue Kárel mat roudem Vollbart. "Sicht der eppes?"

**"Mat engem Zaubersproch wär eis gedéngt,
deen eis vun hei op heem zou bréngt,"** quakt d'Giselda.

"Verstinn ech net," äntwert dee Bäertege kuerz ugebonden a späizt op de Buedem. "Louis mäin Numm, Ritter vun Huelmes. Gitt der verfollegt? Da kommt mat op meng Buerg."

D'Maisi trëtt no vir. "Neen, neen, Här Ritter, mir si fräiwëlleg hei. Mir sichen... ähem... Kënnt ech vläit een Autogramm vun Iech kréien?"

Hatt ass rout am Gesiicht an hält him d'Recksäit vum Sigismond sengem Ziedel dohinner.

"Ha!" mécht de Ritter, rāpst eng Kéier a moolt véier Houf op d'Blat.

"Genee sou wéi déi Ofdréck, déi een do uewen um Fiels ka gesinn!" D'Maisi ass begeeschtert.

De Louis verzitt keng Minn. "Hutt dir eng Muttergottesstatue gesinn?"

Si rësele verwonnert de Kapp.

"Hunn déi an engem ale Bam fonnt an zu Tënten an d'Kierch gestallt. Verschwénnt ëmmer iwwer Nuecht. Hu souguer eng Kapell gebaut. Heescht Mont-Marie. Näischt ze maachen!" Hee kraazt sech hannert dem Ouer.

"Dee Bréif hei!" hien zitt eng zerknautert Enveloppe aus der Täsch a kommandéiert: "Huel e mat a gitt en um Helperknapp of. Vlāit ass d'Statue do opgetaucht. Merci!"

"Dat maache mir gären," äntwert den Néckel äifreg. "Mir ware souwisou ënnerwee fir eiser Frëndin d'Kapell vum hellege Willibrord ze weisen."

Mee de Ritter huet scho säi Päerd gedréint a verschwénnt hannert der nächster Kéier.

Rätsel

Sécher kanns du dir
och denken, wéi een de
Märiendall nach nennt?



MA _ _ _ N _ AL _

6



Wousst du schonn ?

Ora et labora – Bieden a Schaffen, no deem Grondsaz hunn d'Nonnen am Klouschter Mariendall gelieft. D'Nonnen am Klouschter ware Fraen, di meeschtens aus räiche Verhältnisser koumen. Si waren Duechtere vu Grofen a räiche Bierger. Schaffe vir d'Allgemengheet, bieden, faaschten, einfacht Iessen a Gezei - am Klouschter hunn si an einfache Verhältnisser gelieft.

De **Centre de jeunesse Hollenfels** an de **Centre de jeunesse Mariendall** bidde fir Schouklasses a Gruppe vu Kanner a Jugendlecher vill verschidden Aktivitéiten un.

Centre de jeunesse Hollenfels
Château de Hollenfels,
L-7435 Hollenfels
T: +352/24 78 64 30
F: +352/30 87 44
E: hollenfels@snj.lu
W: hollenfels.snj.lu

Centre de jeunesse Marienthal
Rue de Keispelt,
L-7411 Marienthal
T: +352/24 78 64 20
F: +352/30 75 25
E: marienthal@snj.lu
W: marienthal.snj.lu

"Mäi léift Maisi! Do has de der jo ee richtege Kavaléier gekroopt!" kickelt d'Marie, wéi si queesch duerch de Bësch laanscht d'Mandelbaach wanderen. Mee gläich drop mécht hatt erëm ee laangt Gesiicht. "Mat deem Gedeessesems hunn ech mäi Sproch nach ëmmer net."

D'Maisi geet net drop an. "Wiem solle mer dee Bréif iwwerhaapt ginn?"

Hatt rappt dem Néckel d'Enveloppe aus dem Grapp a sicht no enger Adress. "Ermitage Helperknapp! Dee spénnt jo! Um Helperknapp wunnt dach haut kee méi!"

Zu Bruch komme si laanscht eng grouss Steekaul. Mat vill Stëbs fuere Camionen aus an an, vun deenen heiansdo e puer Steng eroffalen.

D'Marie béckt sech. "Ech hunn eng Muschel fonnt!"

"Eng Muschel? Matzen am Bësch?! Du mengs e Schleekenhaischen!" verbessert de Néckel.

"Ma nee! Kuck!" Hatt hält deenen anere seng Entdeckung virun d'Nues. Ganz däitlech ass d'Form vun enger Muschel z'erkennen.

De Néckel ënnersicht dat Stéck. "Dat ass ee Fossil. Wahrscheinlech läit et schonn zënter Milliounen Joer do. Wann an der Steekaul déif am Buedem gebaggert gëtt, fënnt een heiansdo verstengert Déieren a Planzen. Virun enger Zäit goufe souguer Dinosaurierzänn hei fonnt!"

"Oh! A mir hunn nëmmen eng Muschel! Schued!" Enttäuscht wëll d'Maisi de Steen ewech geheien.

D'Marie hält him e séier of a stécht en a seng Täsch. "Amstand, deemools wéi déi Muschel gelieft huet, gouf et mol nach keng Dinosaurier!"

Vu Bruch aus geet et op den Helperknapp. D'Kapell, déi dem hellege Willibrord geweit ass, läit op enger Kopp. Di véier klammen de Bierg erop, käichen a japsen. Ausser Otem kommen si uewen un an d'Marie léisst sech an d'Gras falen.

De Néckel klappt fest un d'Dier vun der Kapell. Tock-tock-tock. Alles bleift roueg.

"Ech sot der jo, dass hei kee wunnt." iergert d'Maisi sech. "Elo si mer fir näischt hei erop geknéchtelt."

"Du häss dengem Ritter Louis och kenne soen, e soll säi Bréif selwer ofginn!" knoutert den Néckel.


"MÄIN Ritter Louis?!..."

PLÄTSCH! Iwwerdeems den Néckel an d'Maisi matenee streiden, wëllt d'Marie wësse wou dat Geräisch hierkënt. E puer Schrëtt ënnendrenner stéisst hatt op ee butzegt Gebai. Eng Quell spruddelt aus der Mauer an ee kleng Baseng. Mat engem Ploufert hopst d'Griselda dran. D'Marie hält eng Hand voll Waasser an drénkt.

"Huel roueg eng Schlupp, dat deet der gutt!" seet eng ziddereg Stëmm hannert him. D'Marie fiert erëm. Um Wee steet eng al knetzeleg Fra mat engem frëndleche Gesiicht.

"Den Helperbur ass eng Quell mat Heelwaasser. Wien doraus drénkt, fillt sech gesond a voller Energie. Souguer de Keeser Karel de Groussen ass duerch dat Waasser vun enger Aekrankeheet geheelt ginn, an den hellege Willibrord huet viru laanger Zäit dora Kanner gedeeft.





Fills de dech scho besser?"

"Oh, v-vill besser!" äntwert d'Marie a fëschd d'Griselda aus dem Bur. Op eemol tauchen och d'Maisi an de Néckel op.

"Ech geheien dee blöde Bréif elo einfach an d'Dreckschést," granzd d'Maisi. Mee wéi hatt déi Al erbléckst, strahlt et.

"Tréis, bass du dat?! Néckel kuck, wien do ass!"

"Wiichtelcher! Haalt op iech ze zermaulen an zielt mer: Wat féiert iech heihin?" freet d'Fra.

"Dat ass eng laang Geschicht!" laacht de Néckel.

"An du? Hunn se dech erëm verdriwwen, Geessefra?" freet d'Maisi matleedeg.

"D'Leit vu Béiwe behaupten, ech hätt hier Kéi verhext. Déi géife wéi Kaazen iwwer d'Gaardemauer lafen. Elo wunnen ech hei uewen an der Kapell."

D'Geessefra schmunzelt. "t ass jo net fir d'éischt. Ech weess wéi et geet: Wann se um Helpermaart kënne Kraidersirup géint den Houscht bei mer kafen, dann ass alles erëm vergiess!"

"Helper-Maart?" wonnert d'Marie sech. "Ass dat hei net e bësse wäit vum Schoss, fir ee Maart ofzehalen?"

"Do hues du Recht, mäi Kand," stellt déi Al fest. "Den Helpermaart huet ëmmer vill Händler a souguer Seeldänzer an Akrobaten ugelackelt. Fréier war e jo och um Helperknapp, mee lo ass en all Joer op Päischtsonndeg zu Bëschdref. Deemools konnten d'Léit Véi, Stofft a Liewensmëttel do kafen. Haut gëtt et Kleeder, Blummen, Konschthandwierk, Essen a Gedrénks..."

"An Owees gëtt gedantz a gesongen!" D'Maisi sprénge ronderëm a klappt an d'Hänn.

"De Ritter vun Huelmes...", hieft den Néckel un ze schoulmeeschteren.

D'Maisi friet an der Täschen sengem Autogramm.

"... deen huet sech d'Opsicht vum Helpermaart mam Buerghär vun Esch-Sauer gedeelt. Moies huet deen Huelmeser opgepasst, a mëttes deen aneren. Si hu Verbriecher bestrooft a Steieren opgehewen. Vun enger Käerchen Brout waren zwee Leiwer fir de Buerghär..."

"Do fält mer bäi: de Ritter vun Huelmes huet eis dat hei fir dech matginn." Den Néckel hält der Fra de Bréif dohin.

Si liest a rëselt de Kapp: "Oh, dee Louis! Ech mengen, deen ass d'Räiterlee just erofgesprongen, well e gemengt huet, e géif a sengem Bett landen. Sou doruechter, wéi deen ëmmer ass!... Neen Néckelchen, huelt dee Bréif mat op Miersch bei den Theodorich. Am Beschte gitt der laanscht de réimesche Grafhiwwel op der Bill, an do iwwert de Wee bis der bei de Menhir an d'Eenelter Kapell kommt.

Bis geschwënn, Wiichtelcher! Kaazt net ze vill a sidd léif mat ärer Frëndin!"

D'Tréis dréint sech ëm a schlappt zeréck an d'Kapell.

Wee méi iwwer d'Geschicht vum Helperknapp, d'Réimer an d'Kelten an der Regioun Lëtzebuerg West wësse wëll, kann en Optrëtt vu **Geschicht erlieden** reservéieren. Schauspiller spillen eng Persoun aus dem Mëttelalter, der Industriezäit oder gallo-réimescher Zäit an erziele vu Klaatsch an Traatsch a Geschichten aus hirer Zäit. Reservatioun fir Gruppen op Ufro. Méiglech op verschiddene Plazen an der Regioun. E Spill fir Kanner kann zousätzlech gebucht ginn.

Geschicht erlieden

Natalia Sánchez

T: +352/621 38 91 02

E: artlux@pt.lu

W: www.geschichterlieden.lu

Rätsel

Wou huet d'Marie di ural
Muschel fonnt?



7 — UCH



Wusst du schon?

Fir Stroossen, Haiser a vill aner Saachen ze bauen, ginn all Dag vill Tonne Steng, Sand a Kräsi gebraucht. Déi Steng ginn an engem Steebroch wéi deem zu Bruch ofgebaut. Dofir ginn aus dem Fiels grouss Stécker eraus gebrach, déi dann zerklengert a verkaaft ginn. Am Fiels kann een dacks och Fossilie fannen. Zum Beispill verstengert Déieren a Planzen, déi viru laanger Zäit gelieft hunn. Zu Bruch am Steebroch gëtt Sandsteen ofgebaut, dat weist eis dass viru Milliounne Joer déi ganz Géigend um Fong vun engem Mier war. Aus deem Grond kann een zu Bruch am Steebroch virun allem Muschele fannen.



Et war ee beschwéierleche Wee vu Béiwen op Miersch, laanscht d'Eenelter Kapell an dee risege längelzege Steen, deen do steet. Elo sëtzen déi véier Frënn zu Miersch op enger Wiss an erblosen sech.

"Wat sinn dat fir komesch laang Sträifen am Gras?" freet d'Maisi, deem d'Zäit schon erëm laang gëtt.

"Ech weess et och net," äntwert de Néckel.

"Wéi? Du weess et net?" stëppelt d'Maisi. "Néckelchen, du enttäuschs mech!"

Deen ass beleidegt: "Ech kann och net alles wëssen! Mee wann der et onbedéngt wëllt gewuer ginn, da gi mer op d'Méchelsplaz a froen an der Touristeninformatioun."

Op der Méchelsplaz steet een alen Tuerm mat engem Daach a Form vun enger Ënn. Den Néckel spadséiert poulriicht zur Dier eran a steet virun engem Comptoir mat allerlee Prospekter, Landkaarten a Bichelcher. Hien zitt sech ee Stull erbäi a klëmmt drop. Hannert dem

Comptoir sëtzt eng jonk Fra op engem Computer ze tippen. Si kuckt verwonnert op, wéi si deen ongewéinleche Besuch erbléckst.

"Sot emol Joffer! Kënnt Dir eis soen, wat dat fir eng komesch Plaz dohannen an deeër Wiss ass. 't gesäit bal aus ewéi eng Schwämm ënnert dem Buedem."

"Genee dat war et och eemol: eng Schwämm. An déi huet zu enger grousser réimescher Villa gehéiert, wou een Offizéier vun der réimescher Arméi gewunnt huet."

"Réimer! Do hu mer se schonn erëm!" D'Marie trëtt nieft den Néckel.

"Mir sichen no engem Här Theodorich! Kennt dir dee vläicht?" rífft d'Maisi a quëtscht sech tëscht déi zwéin. "Mir hunn nämlech ee Bréif fir hien."

"Da sidd der awer e bësse spéit un," laacht déi jonk Fra. "Den Theodorich war ee Buerghär, deen am 13. Joerhonnert am Mierscher Schlass gelieft huet."

"Dann ass e jo knapps..." D'Maisi leet d'Stir a Falen. "... 800 Joer al."

Den Néckel stéisst hatt an d'Säit. "Meng Schwëster mécht de Geck. Mee wësst der wat? Mir leeën de Bréif einfach virun d'Schlasspaart. Do kann den Theod... deejéinegen e jo dann ewechhuelen."

D'Fra rëselt de Kapp. "Kann ech Iech soss nach iergendwéi hëllefen?"

Lo mell d'Marie sech zu Wuert: "Jo, ech wësst nawell gär, wat dat hei fir een Tuerm ass?"

"Dat ass de Klackentuerm vun der fréierer Mëchelskierch. D'Kierch gouf am 19. Joerhonnert ofgerappt, mee den Tuerm hu se stoe gelooss, well en der hollännescher Kinnigin, déi deemools och Gräfin vu Lëtzebuerg war, sou gutt gefall huet."

"Ech hunn och eng Fro," rífft d'Maisi dertëscht. "Dee grouse Steen bei der Eenelter Kapell – wat ass dat fir eppes?"

"Dat ass ee Menhir aus der Steenzäit. 't weess keen esou genee, wat déi Steng fir eng Bedeutung haten. Op jidde Fall ass et dat eelste Monument vu Lëtzebuerg."

"Een Hénelsteen a Mënschegestalt, Wien huet deen nëmmen dohinner gestallt?"

D'Griselda luusst kuerz ënnert dem Fische eraus a verstoppt sech erëm séier.

"Ups, pardon," tuddelt d'Marie. "Mäi Mo grommelt..."

"Villmools Merci, Joffer! Dat wäer alles." Den Néckel vernäipt sech kuerz, an déi ganz Band mécht sech aus dem Stëbs.

Knapps sinn se dobaussen, huet d'Maisi eng Iddi: "Mir sinn net wäit vun der Wiichtelcherslee ewech, oder?"

"Jo, a vun de Mamerleeën a vum Mamerlach. Vergiess dat, Maisi! Dat ass en Ëmwee!" decidéiert den Néckel.

"Ma..."

"Nee Maisi! Mir ginn elo weider!" Den Néckel schubst hatt viru sech. D'Maisi mécht eng Schnuff, dréint sech ëm a marschéiert senger Wee.

D'Marie fret: "Wat ass da mat deene Mamer... dénger?"

"D'Mamerleeë sinn Hielechten, déi vum Mënsch an de Fiels geschloe gi sinn. Et gëtt och nach eng natierlech Hielecht, dat ass d'Mamerlach. Dat läit alles am Mierscherbësch."

"A firwat kënnen mer net dohin?"

"Meng Schwësterche wëllt mol erëm d'Wiichtelcherslee besichen. Dat war fréier eng 'Fliehbüerg', wou d'Leit sech a Sécherheet bruecht hunn, wann d'Duerf ugegraff gouf. Do wunnen awer och Bekannter vun eis. Si verkafte Souveniren aus deem haarde Stee, deen se aus dem Fiels haen. An ëmmer wa mir duer op Besuch ginn, léisst d'Maisi sech ee Souvenir undréinen. Mir hu schonn een Zëmmer voll vun deem Geschier doheem!"

Et ass Owend ginn, a wéi si zu Pëtten virun der Büerg ukommen, steet de Vollmond um Himmel. Si kluteren iwwert eng zerfalle Maierchen an de Buerghaff.

"Huuuuuh! Huuuuh!" haalt eng daierlech Stëmm. Eng bleech Gestalt erschénkt tëscht de Ruinen. Hier laang Hoer flattern am Wand, an hiert Kleed hänkt a Fatze laanscht hiere gouerege Kierper.

"Gitt mir mäi Kand zrëck!" wëimert déi wäiss Fra a schwieft iwwert de Buedem op si zou. Si gi Schrëtt fir Schrëtt hannerzeg, bis se widdert d'Mauer stoussen.

"Iiiihhh!" D'Marie weess selwer net, ob et vun Angscht jäizt, oder well d'Griselda him grad de Réck erof gerutscht ass.

D'Gespenst kënnt ëmmer méi no. Et streckt schonn eng Hand no hinnen aus. Si pëtzen d'Ae fest zou an drécke sech widdert déi kal Steng.

Een äisegen Hauch feet hinnen an d'Gesicht an... 't ass näischt geschitt!

De Geescht ass einfach duerch si gefuer an am Gemaier verschwonn. D'Marie ass wéi ugewuerzelt, den Néckel wëscht sech de Schweess vun der Stir.

"Brrrrr!" mécht d'Maisi a rëselt sech. "Déi wäiss Fra vun der Pëttener Büerg!"

"Hoffentlech fënnt se hiert Kand enges Daags erëm...," pëspert d'Marie. "Deen traurege Bléck wäert ech ni vergiessen..."

Wëlls du méi iwwer d'Mamerlaye wëssen? Wéi se entstanen sinn a gesinn, ob et do wierklech Souvenir-Verkafsstänn vun de Wiichtelcher gëtt? Dann erfueresch d'Mamerlayen zesumme mat engem Expert vum **Groupe spéléologique de l'Attert**. Op Ufro vu Mee bis September.

Groupe spéléologique de l'Attert

12, rue Principale,
L-8715 Everlange
T: +352/23 63 91 52
E: guyeven@pt.lu
W: www.speleoteam.lu

Rätzel

Wéi nennt een dee risege
Steen, dee wéi ee Mënsch
ausgesäit?



M _ _ H _ R
8



Wusst du schonn ?

Menhire si Monumenter aus laang vergangenen Zäiten. D'Wuert Menhir bedeit näischt anescht wéi "laange Steen". Déi Monolithen, wéi esou Steng och nach genannt ginn, konnte verschidde Formen hunn. Déi eng haten d'Konturen vu Mënschen, déi aner hate Musteren ageritzt. De Stee vum Béisenerbierg ass ee menschenähnleche Menhir a gouf vermutlech als Gëttersteen opgestallt.

Fëschbech

D'Nuecht verbréngen d'Marie, d'Griselda, d'Maisi an den Néckel an enger Scheier no bei der Uelzecht. Mee si schlofen net gutt. Déi wäiss Fra geeschtert duerch hier Dreem a rifft no hierem Kand, an d'Marie lauschtert op d'Geplätschers vum Waasser. Dofir sti si op, ier et mol richtig hell ass, a wanderen iwwert d'Koppe laanscht Aangelsbiërg duerch de Bësch, bis se den Daach vum Fëschbecher Schlass tëscht de Beem erblécksen.

"Pssst!" zischt den Néckel. "Hei wunnt dee fréiere Groussherzog Jean, dee wëllt bestëmmt net vun eis wakereg gemaach ginn."

Iwwerdeems si op Zéiwespëtze ronderëm d'Schlassgelänns huschen, fiert den Néckel am Pëspertoun weider mat sengen Erklärungen.

"Fréier gouf et och hei zu Fëschbech eng Schmelz mat engem vun den éischten Héichiewen zu Lëtzebuërg. An zwou Pabeiermillen an eng Seeërei an nach e puer Käremille gouf et och hei. Déi louche bei der Wisebaach an un der Wäisser Iernz..."



Mam Néckel sengem Gebraddels am Ouer si si am Duerf ukomm. Grad wéi si laanscht d'Kierch ginn, fält ee Sonnestral op déi faarweg Fënsteren.

"Kuckt wéi dat blénkt!" rífft d'Marie. "t mengt ee bal, si géifen eis Zeeche maache, dass mir solle bis erakomme sollen!"

Virwétzeg drécke si déi schwéier Dier op an trieden an. Duerch déi laang, schmuel Kierche-fënstere fält Luucht an alle Faarwen an deen héije Raum. D'Marie ass iwverwältegt.

"D'Fënstere vun der Fëschbecher Kierch si grouss Konschtwierker. Bekannte Moler hunn..."

"Kanns de net eemol de Mond halen?" ënnerbrécht d'Marie hien. "Ech géif dat alles gär a Rou op mech wierke loossen."

Dat war däitlech genuch. Den Néckel zitt de Kapp téscht d'Schëlleren a schäert genéschelt eraus. Et dauert ee Strapp, bis déi aner hannendru kommen. D'Marie huet ganz blénkeg Aen, an d'Maisi otemt déif duerch. "Dat war schéin!"

Déi aner Säit vum Duerf geet et erëm duerch de Bësch, laanscht e puer zerfale Mauerre-schter vun der Fëschbecher Schmelz. Vu wäitem gluckst eng Baach.

Den Néckel pëtzt de Mond zesummen. "Dat ass d'Wäiss Iernz," grommelt hie fir sech, "Mee ech soen näischt, soss heescht et erëm..."

Op eemol bleift e stoen a spëtzt d'Oueren. Elo héieren déi aner et och.

"Omammomammammomamm..." souert et lues am Wand.

"Wat ass dat?" freet d'Maisi.

"Bestëmmt ee Kand, dat sech veriert huet," mengt d'Marie besuergt.

"Oh Mamm oh Mamm!..." mécht et nees, a gläich drop kuckt ee klengt näischnotzegt Gesiicht mat enger spatzer Nues a luussegen Aen aus dem Gestraich.

"Ee Fuuss!" ruffe si mateneen.

Schei kraucht d'Déier aus senger Stopp ervir. Et ass nach jonk an e bëssen tapseg. D'Marie sëtzt sech op d'Huppen a fiert him iwwert dee muussege Pelz.

"Wat jéimers du da sou, Fiisschen? Fënns de och däi Wee net heem?"

"Oh Mamm!" äntwert de Fuuss just.

"Do bass de jo, klenge Raiber!" rífft eng däischer Stëmm. Hannerun hinne steet ee risege Kärel mat enger wäisser Mutz um Kapp an engem Sak op der Schëller. "Bass de erëm amgang, däi Leed ze kloen?"

De Fiisschen ditzt bei de Mann a luusst téscht senge Been erduerch.

"Maacht iech näischt aus sengem Gejéimers!" réit hien. "Hie léisst sech gär bedauern!"

"Wat ass da mat him? Ass e krank?" freet d'Maisi.

"A wouhier! Kärge sond ass en, an dat schonn zënter e puer honnert Joer! Ech hat deemools nach meng Millen do ënne bei der Iernz, wéi hien als deen duerchdriwwenste Lausbouf aus der Géigend gegollt huet. Hien huet keng Geleeënheet ausgeloo, fir eng ze stiichten, bis en eng Kéier enger aler Witfra d'Eeër aus dem Héngerstall wollt klauen. Do war en un eng Hex geroden, an déi huet hie kuerzerhand an dat verzaubert, wat der lo virun iech gesitt."

"Deen aarme Kärel!" rifft d'Marie. "Dat ass awer eng haart Strof fir e puer Eeër!"

"Oh Mamm oh Mamm!" stëmmt de Fiisschen zou.

De Mëller laacht. "Sou wëllt ech och bestrooft ginn! Dee ganzen Dag duerch de Bësch fatzen a sech vu léiwe Meedercher, déi laanscht kommen, heemele loossen!... "

**"Ech géif och gär geheemelt ginn,
Ee schéine Kärel misst et sinn..."** wëncht d'Griselda sech.

"Wann dat sou ass, Fiisschen, dann hues de jo kritt, wat s de gär gehat häss!" schmunzelt d'Maisi. "Mee sot eis, léiwe Mëller, mir kéime gär op Iechternach bei d'Sauer. Si mer hei richtig?"

"Da maacht der awer grad en Ëmwee," stellt de Mëller fest. "Gitt bis dohannen op Kéideng, an dann huet der d'Strooss a Richtung Osten, der Moiesonn entgéint."

Zu Kéideng gëtt et zwar nëmmen ee Grapp voll Haiser, dofir awer ee weidert herrschaftlecht Gebai.

"Wat ass dat do da fir ee Schlass, Néckel?" freet d'Marie. Den Néckel äntwert net.

"Eisen Néckelchen ass getouft," kickelt d'Maisi.

"Oh mei! Ech hat dech ugemault, 't ass wouer!" fällt dem Marie bäi. "Wéi kann ech dat da lo nees gutt maachen? Soll ech dech och e bëssen heemelen?"

Hatt zitt dem Wiichtelchen d'Mutz vum Kapp a krault en hannert dem Ouer. Den Néckel gëtt kriibsrout am Gesiicht a grinst ewéi ee Paangech.

"Da so mer et! Ech si virwëtzeg!"

"Mmmh! Dat gouf vum Schmelzhär Collart gebaut, deem och déi Fäschbecher Anlage gehéiert hunn. Dir wësst jo, wien ech mengen..."

"Collart," iwwerleet d'Maisi. "Dat seet mer eppes, mee ech komme lo net drop."

"Ma dach!" rifft d'Marie. "Dat war dach dee vun... ganz am Ufank vun eiser Rees..."


Wusst du schon?

Fréier ass Pabeier net aus Holz, mee aus Lompen hiergestallt ginn. Al Lompe goufe kleng geschnidden a gewäsch a fir e puer Wochen op ee Koup gehäit. Doduerch sinn se gefault an d'Fasere vum Stoff si ganz mëll ginn. Ee Stampfwierk huet d'Lompe mat Waasser zu engem Bräi zerklengert. Dat Stampfwierk gouf vun engem Millerad ugedriwwen. De Schöpfer huet e Sift an de Bräi getaucht a vun ënnen no uewen erausgezunn. Eng dënn Couche Bräi blouf dobäi um Sift leien, déi nach gedréchent a gepresst gouf. Aus enger Couche Lompen-Bräi ass esou ee Blat Pabeier hiergestallt ginn.

Rätsel



Ee Schmelzhär, dee Collart
heescht, dovun hate mer
scho rieds. Kanns du dech
erënneren, wou dat war?
Blieder mol zrêck...



S _ E N G _ F _ R _

9

Zënter enger Weilche sinn dem Marie déi vill Fielsen opgefall, déi sech riets a lénks vun hierem Wee optiermen. Déif Schluchten zéie sech derduerch an hier Formen erënnere heiansdo u riseg Gesichter oder Déieren.

"Mir sinn am Mëllerdall," verkënnegt den Néckel. "Och nach déi Kleng Schwäiz genannt. Gesitt der déi vill Lächer am Steen? Déi si viru Milliounen Joeren entstanen, wéi d'ganz Géigend nach vu Waasser iwwerschwemmt war."

"t ass iwwerhaupt een apaarte Steen," stellt d'Marie fest a fiert mat der Hand driwwer. "Rau an haart, awer net eckeg..."

"Dat ass Lëtzebuerger Sandsteen. Well e sou stabil ass a sech trotzdem gutt zouhae léisst, kann ee ganz gutt dermat bauen. Hei bei Hiefenech, um Beezebierg, do gouf et fréier Steekaulen. Mee hei muss et de Leit scho laang virun eiser Zäit gutt gefall hunn, well et si galloresch Griewer fonnt ginn, a souguer Spuren aus der Steenzäit."

Am Agank vun Hiefenech stoussen se op een elegant, laanggezunnt Gebai.

"Steinborn," liest d'Maisi op engem Schëld a pëtzt dem Marie en A zou. "Ass dat och aus der Steenzäit?"

"Ma Maisiiii!" rifft den Néckel genervt. "Deen Haff heescht guer net sou wéinst dem Steen, mee well hei vum 17. bis an d'19. Joerhonnert eng Famill Stein gewunnt huet. Wann der onbedéngt eppes iwwert d'Steenzäit gewuer ginn, da gi mer lo dee Wee rof!"

"Begéine mer do engem Steenzäitmënsch?" D'Marie ass begeeschtert. "Dat wär mol eppes anescht wéi ëmmer nëmme Réimer a Ritter!"

Den Néckel setzt eng geheimnisvoll Minn op. "Wie weess...?"

Grad wéi si wëlle weidergoen, spréngt ee schnéiwäisst Lämmchen hinnen iwwert de Wee.

"Nee, wéi häerzeg!" jüipst d'Maisi.

"Bass du éieren och ee verzauberte Lausbouf?" freet d'Marie.

D'Déier ass ganz heemeleg an hopst ee Stéck virun hinnen.

"Wëlls du mat eis goen?" D'Marie hält et op den Aarm. Du mellst d'Griselda sech eneresch zu Wuert:

**"Bleif ewech mer mat deem Déier,
Oder du bereis et schwéier!"**

D'Mouk klotert hierer Meeschtesch bis op de Kapp, fir nëmmen net mam Scheefchen a Beréierung ze kommen.

"Kann et sinn, dass du jalous bass?" freet d'Marie. "Sou kennen ech dech jo guer net."

Hatt setzt d'Lämmche erëm op de Buedem, an dat trabt monter nieft hinnen am Summe-
rwee, bäisst sech heiansdo ee Putsch Gras of a wäicht net méi vun hierer Säit.

Wat si méi wäit marschéieren, wat d'Fielse ronderëm si ëmmer méi héich ginn. Matzen am Bësch, um Fouss vun enger besonnesch mächtiger Wand, wou déi kleng Loschbur-Baach an d'Schwarz Iernz leeft, stellt den Néckel sech virun déi aner.



"Wëllkomm an der Steenzäit!" rífft hien. D'Maisi an d'Marie kucke sech ëm.

"Aha!" mengt d'Marie dréchen. "A wouru solle mer dat mierken?"

"Hëllef! Ee Mammut! Ee schluedwäisse Mammut!" rífft d'Maisi a weist op d'Lämmchen, dat onbekëmmert aus der Baach drénkt.

"Hei war d'Graf vun deem éischte Lëtzebuenger!" erkläert den Néckel. "Kuerz virum 2. Weltkrich huet ee Schoulmeeschter, den Nicolas Thill, op dëser Plaz ee Skelett fonnt, dat haut am Naturmusée an der Stad läit. Wëssenschaftler aus ganz Europa interesséiere sech bis haut fir de "Loschbur-Mann". Si hunn erausfonnt, dass en 8000 Joer al ass, a viru kuerzem hunn se, mat héichmoderne Methoden, een zimlech exakte Portrait vun him konnte maachen."

"An? Gläicht en éischer dem George Klunni oder dem Justin Bibber?" lästert d'Maisi.

"Op jidfer Fall, wann en eis géif an der Jeansbox an am Pullover iwwert de Wee lafen, géife mer e fir ee ganz normale Mënsch vun haut halen."

"8000 Joer ass jo och nach net sou laang hier," kommentéiert d'Marie. "Also meng Bomi huet mer ëmmer vun hierer Kandheet erzielt, wou d'Leit nach mat Feil a Bou op d'Juegd gaange sinn..."

D'Maisi duckelt sech ënnert de Fiels a gaapst. "Hien hat sech am Fong eng gemittlech Plaz erausgesicht – direkt beim Waasser, geschützt viru Reen a Wand. Ech mengen, ech maa-chen him et lo mol no. Ech tässele mech heihin an halen een Tëmpchen."

Och d'Marie an den Néckel si midd. Si leeë sech nieft d'Maisi, an déi dräi si geschwënn ageschlof, iwwerdeems d'Griselda Wuecht hält. D'Scheefche léisst sech net wäit vun hinnen nidder.

Alles ass roueg, just déi zwou Baache plätscheren an d'Vigel sangen. Bis ee fierchterlecht Gequaaks se all zesummen an d'héi Luucht fueren deet.

**"Looss mech, Monster, maach dech fort!
Du bass keent vu menger Zort!"**

Do wou d'Lämmche louch, sëtzt elo ee brongt, glëtschegt Déier, sou grouss wéi ee Schéife-rhond. Soubal et mierkt, dass et entdeckt ginn ass, hieft d'Ongeheier sech schwéierfällig a verschwënnt an enger Spléck am Fiels.

D'Griselda ass ausser sech:

**"Et leeft mer kal de Réck erof:
Eng riseg Mouk gouf aus dem Schof!
Do sollt een als Lektoun draus zéien,
Wéi sou ee wäisse Pelz ka léien!"**

D'Maisi schuddert sech, an den Néckel mengt: "D'Griselda huet Recht: dat do war eis eng Léier. Vu lo un passe mer op, mat wiem mer eis aloossen!"

D'Marie ass nodenklech: "Léier ass gutt. Ech muss mer dach alles verhalen, wat ech op eiser Rees erliewen.

Wusst du schonn ?

De Loschbur-Mann huet an der mëttler Steenzäit gelieft a war e Jeeër a Sammler. Hie war 1,60 m grouss, hat brong Hoer a blo Aen. D'Mënschen an der Steenzäit hu beim Fiels vum Loschbur gelieft, dee se virum Wieder geschützt huet. Virum Loschbour leeft eng Baach: d'Schwarz Iernz. Aus der Baach konnten si Waasser drénken a Fësch fänken. An der Géigend ronderëm de Loschbur gouf et vill Bësch mat Wëld. Fuerscher hunn erausfonnt dass de Loschbur-Mann sech zum gréissten Deel vu Wëllschwäin an Hirsch ernäert huet.



Rätzel

De Steenzäitmensch,
dee bei Hiefenech fonnt
ginn ass, gouf Loschbour
Mann genannt. Loschbour
heescht de Fiels an
d'Géigend ronderëm.
Sécher hat de Mann
awer och ee richtigen
Numm, deen haut leider
kee méi weess. Denk der
ee schéinen Numm fir de
Loschbour Mann aus!

Am Numm muss en E
virkommen. Dro den
E als Nummer 10 am
Zauberwuert an!

Schreif de Numm hei op de Stréch

E=10





Eis Frënn stinn op enger Kopp, héich iwwert dem Dall vun der Maanzebaach.

"Dat ass awer eng romantesch Buergruin!" D'Marie ass begeeschtert vun der Aussiicht déi si vun hei op dat Dierfchen hunn, iwwert deem op engem héije Fiels eng Buerg trount.

"Dat ass d'Fiels!" weess den Néckel.

"Dat gesinn ech och, dass do ee Fiels ass."

"Jo, mee sou heescht och dat Duerf," äntwert den Néckel. "Am Laf vun der Geschicht och Feltz, Rupes oder Roketa genannt."

"Déi hunn sech net vill de Kapp zerbrach, fir op deen Numm ze kommen," stellt d'Maisi fest.

"Maacht séier Stëpp an d'Nueslächer,

Hei si mer bei de Biddesecher!" quakt d'Griselda a stécht sech zwee Fangeren an d'Nues.

"Iiiih", jipst d'Maisi a mécht dem Griselda et no. D'Marie gluckst: „Ech richen näischt!"

"Déi Zäite si laang vergaangen!" fiert den Néckel dertëschent. "Fréier stoung virun der Fielser Stadmauer Bidde, an déi d'Leit aus dem Duerf strunsele gongen."

"A firwat dat dann?" freet d'Marie entsat an hieft seng Räck an d'Luucht, wéi se bei ee Pull Reewaasser kommen.

"An der Fiels gouf aus gefierfter Woll Stoft hiergestallt. D'Wollfierwer hunn déi frësch geschuere Woll an deene Bidde gewäsch, fir dass d'Fett sollt erausgoen," verzielt den Néckel. "Duerno konnt se gefierft ginn. Dat huet natierlech net besonnesch gutt geroch! Haut gëtt d'Woll mat kënschtlechem Ammoniak entfett, mee am Prinzip ass et datselwecht."

D'Maisi hält sech nach ëmmer d'Nues zou: "Stëbbt dat och? Richt ee wierklech dddäischt bbbéi?"

"Dat ass scho laang hier an haut richt een *NÄISCHT* méi!" seet den Néckel streng.

D'Marie léisst berouegt säi Klee lass an si trëppelen zesummen de Bierg erof. Bei engem Waachtuerm vun der Buerg bleiwe si stoen a kucken iwwert d'Duerf.

"Haut gëtt och kee Stoft méi an der Fiels hiergestallt. Déi lescht Fabrik huet virun 40 Joer hier Dieren zougemaach. Och de Jangeli gëtt et net méi."

"Wien ass dann elo erëm de Jangeli?" wëllt d'Marie wëssen.

"De Jangeli war en Zuch!" rífft d'Maisi. "Deen ass tëschent der Fiels a Kruuchten gefuer. En huet Leit a Wuere gefouert."

"... ënnert anerem och dee faarwege Stoft aus der Fiels!" ergänzt den Néckel.

Mee d'Maisi huet schonn erëm keng Rou. Beim Bléck op d'Buerg blénke seng Aen: "Do wëll ech hin!"

Sécher hofft hatt nach ëmmer, ee flotten Ritter ze begéinen. An ier hatt erëm an d'Schwärme kënnt, sinn déi aner mat sengem Vierschlag averstanen. Fir d'éischt maache si sech op de Wee erof an d'Duerf, wou ee klengt Haischen um aneren sech ënnert de Fiels duckt. Iwwert ee schmuele Piedche klamme si dann erop bei d'Buerg.

"D'Fielser Leit hunn hiert Duerf viru laanger Zäit ronderëm eng Millen un der Wäisser Iernz gebaut. Duerch den Handel mam Stoft ass d'Uertschaft ëmmer méi räich a méi grouss ginn, an d'Buerghären aus der Fiels ware wichteg Männer am ganze Land."

"A firwat ass d'Buerg haut eng Ruin?" keimt d'Marie ganz ausser Otem. De Wee ass géi, an hatt muss och nach d'Griselda schlefen.

"Am 16. Joerhonnert ass se bei engem Brand zerstéiert ginn."

Endlech sti si virum Agank vun der Buerg. Hei ass eng kleng Barrière, ënnert deeër d'Maisi an den Néckel erduerch schlaafen. De Mann an der Keess erkläert dem Marie frëndlech, hatt misst Entrée bezuelen. Mee hatt huet natierlech keng Sue bei sech.

"Da kann ech dech net eraloossen!" bedauert de Mann.

"Dat wäerte mer jo gesinn!" grommelt hatt béis, an d'Roserei mécht aus him fir ee Moment déi ellen Hex. De Mann am Guichet erféiert a verstoppt sech hannert sengem Stull. Der Hex hiert Gesiicht gëtt erëm glat, a kuerz drop spadséiert dat schéint Marie laanscht d'Haischen an den Haff.

"Dat wat dir vun der Buerg haut nach gesitt, sinn d'Reschter vum Homburger Haus an dat restauréiert Kriechinger Haus. Allen zwee goufen se am 14. Joerhonnert gebaut. Da waren hei nach Ställ a Wunnhaiser..." erklärt de Néckel.

"Ech gi spadséiere mat OPPE SCHONG!"

Si stinn ënnen am Kriechinger Haus. Hei ass een ale Pëtz esou déif an de Fiels geschloe ginn, dass ee kee Fong gesäit. D'Maisi steet iwwert de Rand gebéckt a lauschtert.

"... ZOPPENHONG!" schaal et aus dem Pëtz zeréck an hatt quiitscht vu Laachen.

"Maisi, béck dech net esou wäit iwwert de Pëtz!" warnt de Néckel, mee et ass schonn ze spéit.

"Wuuuahhh!" D'Maisi verschwënnt am Pëtz. Et dauert ee ganze Strapp, ier si et plumpsen héieren: "Au!"

D'Marie an de Néckel probéieren duerch d'Däischtert ze erofzeluussen. "Maisi! Liefs de nach?" rífft de Néckel an d'Lach.

"Ech... autsch... ech mengen!" rífft hatt vun ënnen erop. "Ech si méll gelant!"

Si héieren hatt rumoueren. "Dat musst der gesinn! Kommt mol rof!"

Erlichtert klammen den Néckel an d'Marie op d'Mauer a sprangen. Och si landen, ouni sech wéi ze doen, an engem Gewull vum Decken a Këssen. Verwonnert stelle si fest, dass se an enger gëllener Wéi sëtzen. D'Marie klotert als éischt eraus a bréngt seng Räck a Fassong. Den Néckel kuckt ronderëm sech, soubal seng Aen sech un d'Däischtert gewinnt hunn.

"De Schaz vum Buergvogt!" D'Maisi steet virun der Wéi, nieft sech ee Koup Gold.

"Eng al Geschicht erzielt, dass feindlech Ritter aus der Noperschaft d'Buerg Fiels viru laanger Zäit iwwerfall hunn. De Buergvogt hat si an der Nuecht eragelooss an ass dofir mat Gold belount ginn. Fir net an de Géigner hier Hänn ze geroden, ass d'Buerghärin mat hierem Kand a senger gëllener Wéi an de Pëtz gesprong. Wéi d'Abriecher deen aneren Dag gesouche wat geschitt war, hu se dem Buergvogt d'Schold ginn an hien zesumme mat sengem Gold hannendru gehäit."

Den Néckel hält den Otem un. "Hoffentlech ass nëmmen deen Deel vun der Geschicht wouer, soss..."

Op eemol geet ee waarmen, schwieflege Loftzoch duerch d'Hielecht. Ee Fauchen ertéint, an ee risege Kapp kuckt mat klengen, béisen Aen eran. Aus senger Maul schloe Flamen.

"Den DRAACH!" jäizt de Néckel. Si huelen d'Been an de Grapp a jauwen op ee schmuele Schloff zou, duerch dee Luucht era kënt. Een ënnerierdesche Gank féiert si eraus an de Bësch.

Um **Geocaching Culture Caching Larochette** muss du Këschten an a ronderëm d'Fiels mat Hëllef vu GPS-Koordinate sichen. An all Këscht fënns de Interessantes a Witzeges ronderëm d'Geschicht vun der Uertschaft a muss e Rätsel léise, fir d'Koordinate vun der nächster Këscht ze fannen. Nom Tour kanns de nach d'Buerg besichen. Vum 15. Mäerz bis den 31. Oktober.

Château Larochette

L-7612 Larochette

T: +352 83 74 97

F: +352 83 74 97

E: chateaularochette@pt.lu

Informatiounen an Download

vum Flyer op:

W: www.larochette.eu



Rätzel

Och dee franséischen
Numm vun dësem Duerf
huet eppes mat engem
Fiels ze dinn. Kenns du en?



___ R _ CH _ _ _ _

11

Wusst du schon?

Duerch d'Handelsstrooss, déi laanscht d'Wäiss Iernz duerch d'Fiels gefouert huet, hunn d'Fielser Bewunner scho viru laanger Zäit ugefaangen, Handel ze driewen. Dofir hunn si verschidde Saachen hiigestallt: Stoff, Kleeder, Schong a Biischten. Virun allem mat der Produktioun an dem Verkaf vu Stoff hunn d'Fielser Awunner hier Sue verdéngt. An dat vum Mëttelalter bis an 20. Joerhonnert eran. Am Mëttelalter schonn hat d'Fiels déi besonnesch Erlaabnis vum Keeser Jang de Blannen, véier Wiefstill ze bedriewen. Aner Dierfer haten nëmmen d'Erlaabnis ee Wiefstull ze besëtzen. Am Laf vun de Joerhonnerten ass esou an der Fiels eng ganz Textilindustrie mat enger Stoff-, Schong- a Biischtefabrik entstanden. Réischt viru 40 Joer hunn déi lescht Betriber hier Diere missen zouspären.

D'Marie, den Néckel an d'Maisi lafen a lafen, fir nëmmen dee grujelegen Draach hanneru sech ze loossen. Ouni émzekucken, stierme si aus der Fiels op Noumer zou, bis d'Marie stoe bleift an no Loft schnaapt.

"Ech... kann net méi... Ech mengen,... ech komme mol net méi iwwert deen Hiwwel do."

Virun hinnen zitt sech ee längelzege Bockel téscht de Beem erduerch, derlaanscht verleeft ee Gruef. Den Néckel ass heemlech frou, well hien hätt et och net méi laang gepackt.

"Dat ass keen natierlechen Hiwwel," keimt hien. "Dat ass de Schutzwall vun enger keltescher 'Fliehbuerg'. Deemno si mer an den Noumerleeën, op der Aalbuerg."

Op eemol héieren se am doudege Laf eppes raschelen, an eng quakseg Stëmm hieft u mat Käichen a Knouteren.

**"Aalbuerg, Fléihbuerg, Noumerleeën,...
Al sinn ech och, mee ech kann net fléien!"**

"Griselda!" ruffen s'allen dräi wéi aus engem Mond. An hierer Opreegung hate si d'Mouk an der Wéi ënnen am Pëtz sëtze gelooss.

"Ee Gléck, dass den Draach dech net erwëscht huet," rífft d'Marie, hëlt d'Déier op den Aarm an dréckt em ee Kuss op déi knubbeleg Stir. "Wéi bass du eis da sou séier nokomm?"

**"Den Draach huet mech heihinner bruet.
'n huet bësse Mondgeroch, dat ass schued,
Well hie war richtig fei mat mir!
Kommt, ech stellen iech e vir!"**

D'Griselda dréint sech no sengem neie Frënd em, mee deen ass scho verschwonn, just eng schwiefleg Wollek hänt nach an der Loft, wou hie passéiert ass.

Si hu keng Zäit, fir sech weider mat deem Virfall auserneenzenesetzen, scho kënnegt sech een neit Erliefnis un. Vu wäitem kënnt ee Jeeër mat sengem Hond op si duer. Hien ass deeër Jéngster kee méi, dat gesäit een u senger almoudescher Kleedung a sengem wäisse Baart. Aus senger raschteger Fléint ass wuel scho laang kee Schoss méi gefall. De Mupp schläicht mat laanger Zong nieft him. Soubal de Meeschter stoe bleift, setzt hie sech op den Hënner fir ze raschten.

"Ech hoffen, dir sidd keng deeër Knaschtpittien, déi mengen, si missten iwwerall hier Spuren hannerloossen," knoutert deen Ale streng.

"Op kee Fall, Här Jeeër," äntwert d'Maisi. "Mir si Wiichtelcher, mir maache keen Dreck, well mir wëllen an enger propperer Natur liewen. An dat hei ass eis Frëndin, d'Waasserfräche Marie Graulette aus Frankräich, mat hierer Mouk..."

D'Marie mécht ee Knécks, an de Jeeër béit säi midde Réck, fir sech galant ze vernäipen. Seng Minn gëtt méi frëndlech.

"Wann dat sou ass, misste mir eis verstoen. Wësst der, ech muss op mäin alen Dag oppassen, dass kee méi den Déieren hiere Liewensraum zerstéiert. Hei am Bësch ronderëm Noumer gëtt et e puer bedreeten Aarten, déi bal néierens méi eng Plaz fannen. Wann der wëllt e puer vu menge Frënn kenneléieren, da musst der iech bis den Owend gedëllegen."



An domat lued hien déi ganz Band an, fir bei him am Juegdhaischen zu Nuecht z'iessen. Nodeems se sech et all gutt schmaache gelooss hunn, fänkt de Jeeër seng Lanter un an hält déi véier mat op een Tour duerch säi Revéier. Vun der Luucht ugezunn, komme Fuuss, Marder an Dachs aus dem Gestraich a lafen hinnen entgéint ouni ze fäerten. Och den Hond Karo schéngt sech gutt mat hinnen ze verdroen.

"Ëm déi hei maachen ech mer keng Suergen. Si hunn sech un d'Mënschen ugepasst, och wann se net ëmmer hier beschte Frënn sinn." Eng grouss gro Kaz mat engem geréngelte Schwanz schläicht mësstrauesch ronderëm si. "Mee wéini hutt dir fir d'lescht eng richtig Wëllkaz gesinn?"

Den Néckel leet d'Stir a Falen. "Do hutt der Recht... A wéi ass et da mat de Wëllschwäin, de Réi, den Huesen..."

"Deeër gëtt et genuch!" Op eemol bleift de Jeeër stoen. "Pssst! Lauschttert mol..."

"Huhuh! Huhuh!" hurelt et uewen an de Beem.

"Oh neen, net schonn erëm ee Gespenst!" pëspert d'Maisi.

De Jeeër laacht. "Dat ass dach kee Gespenst! Dat ass ee Kauz, deeër klenger Eilen eng! Vu senger Zort gëtt et der och net méi sou vill wéi fréier."

An Tëschenzäit sinn si am Naturschutzgebitt vum Aechelbur ukomm. Iwwert hiere Käpp flattere kleng flénk Schieter ganz ouni Geräisch.

"An dat si Fliedermais!" D'Marie an d'Maisi zéien d'Käpp an. "Neen, déi braucht der och net ze fäerten. Si fléien iech net an d'Hoer, a si suckele kee Blut!"

"Genee! Vergiesst dat mat de Vampiren aus deene kitschege Meederchersfilmer!" téint den Néckel a fillt sech staark. "Fliedermais si léif an nätzlech Déieren, déi vill schiedlech Insekte fänken."

"Dofir ass et gutt, dass mer eis och ëm hiere Liewensraum këmmere. Si halen ee laange Wanterschlof, an dofir sinn d'Hielechten, an déi si sech zrëckzéien, iwwert de Wanter zougespaart. Sou hu si hier Rou!" verzielt de Jeeër.

Virun hinne läit am Moundschäin eng dréchen Heed mat e puer struppegen Eechen. Fielsen a grouss Steng leie verspreeet iwwert di ganz Kopp, an an der Mëtt steet eppes wéi e risege Champignon aus Steen.

"Eng Plaz wéi an engem Mäerchen!" rífft d'Maisi.

"Hei si mer op der Lock," erkläert de Jeeër. "An hei gesitt der och, firwat ech kengem Spadsiergänger méi trauen."

Hie fiert mat der Hand iwwert de Fiels an hält d'Lanter derbäi. De Steen ass voll mat Krozeleien, déi d'Leit hei hannerlooss hunn.

"Wann dat sou weidergeet, ass et geschwënn eriwwer mat der Mäercheplaz. Wie wëllt scho wëssen, dass de Kevin an d'Cindy och schonn eemol hei waren? Un dese Fielsen kann een nämlech Schläiffrillen an alle méigleche Formen gesinn, di Mënschen virun dausende Joeren hei an de Stee geklappt hunn." De Jeeër gëtt richteg béis, an den Hond fänkt un ze billen. "t ass gutt, Karo. Komm mir berouegen eis nees. Dat hëlleft jo alles näischt..."

"Leet äre Kapp a Rou, léiwe Jeeër," tréischt d'Maisi hien. "Mir setzen eis dofir an, dass d'Leit méi verstänneg mat sou Plaze wéi deeër heiten ëmginn. Schliisslech strofen se sech jo selwer."

An domat gi si zrëck bei d'Juegdhaischen, wou deen ale Mann hinnen ee gemittlechen Eck ubitt fir ze schlofen.



Rätzel

Wat hunn d'Mënschen an
der Steenzäit aus Holz a
Steen hiergestallt?



SCH _ _ F _ _ S _ _ _ R
12

Wusst du schon?

Op der Lock zu Noumer kanns de an de Fielsen haut nach Spure fanne vu Mënschen, déi virun dausende Joren hei geliefert a geschafft hunn. Fir ze schaffen haten d'Leit och deemools schon héich entwéckelt Schaffgeschir aus Steen, Schanken oder Holz. Aus Holz a Stee goufe Feiler vir d'Juegd gemaach. Aus Schanken Nole fir ze bitzen. Op der Lock kann ee Spure gesinn, wou d'Leit Steen aus dem Fiels geschloen hu fir hiert Geschir hierzustellen. Fuerscher hunn op der Plaz och Messeren a Beiler aus Stee fonnt.

Äerenzdall



Deen aneren Dag ass den Himmel iwwert dem Juegdhaischen an den Noumerlaye gro. Dovunner losse sech zwee Lëtzebuenger Wiichtelcher an eng Waasserfrächen aus Nordfrankräich natierlech net kleng kréien! Si marschéieren daper drop lass, loosse d'Fiels hanneru sech a wandere iwwert d'Landstrooss op Crëschtnech zou. Op der Kopp bléist ee stramme Wand, an et fänkt u mat reenen.

"D'Wieder passt bei meng Stëmmung," käicht den Néckel.

"Wisou? Dat bësse Reen wäert dir dach d'Laun net verdierwen," widdersprécht d'Marie.

"Wësst der, wéi déi Plaz hei heescht?" freet den Néckel flemmseg a weist op ee stengent Monument, op deem "Hougeriicht" ze liese steet.

"Déi heescht net fir näischt esou. Hei stoung dee Gaalgen, op deem 1793 déi lescht Hiirichtung zu Lëtzebuerg vollzu gouf."

"Oh mei!" D'Maisi hält d'Hand virun de Mond. "Dat wusst ech och net. Dat muss jo ee schlëmme Borscht gewiescht sinn. Bestëmmt een Terrorist..."

Den Néckel rëselt de Kapp: "Dee Veruerteelte war de Mathes vu Miedernach, een aarmen Däiwel, dee bei engem décke Bauer e puer Su geklaut hat, fir dass seng Famill net sollt erhéngeren."

"Dat ass jo... barbaresch!" rífft d'Marie entsat.

"An dat Schlëmmst ass, hien hat d'Suen erëmginn! Mee de Mathes war ee Friemen, an e war net räich... dat gOUNG duer!"

Op der Spëtzt vum Monument lant een décke Kueb.

"Kroah! Wat maacht dir da fir driibseg Gesiichter?"

"Ma mir hu grad iwwert deen aarme Mathes vu Miedernach geschwat...", äntwert den Néckel.

"Dat ass laang hier, kroah! Deem braucht der net méi nozeraueren. Kennt dir Miedernach? Neen, ech hat mer et geduecht! Da kommt mat!"

"Jo, mee..." äntwert d'Maisi mësstrauesch. "Dat läit am Fong net op eisem Wee. Mir müssen op Iechternach, a mir hu scho vill Zäit verplempert."

"Ma dann träntel net, Meedchen!" kregéilt de Kueb, flattert um Maisi seng Schëller a krallt sech fest. Mat e puer kräftege Fillekeschléi hieft hien d'Wiichtelchersmeedchen an d'Luucht a schleeft et mat fort.

"Dajee dir Lidderhanessen, ech wëll iech mäin Duerf weisen!" rífft hien deenen aneren zou. Deene bleift soss näischt iwwreg, wéi hannendrun ze ditzten. Op enger Kopp iwwert dem Dall vun der Wäisser Iernz léisst de Vugel sech op engem Poul néier.

"Hei gesitt der d'Ärenzdallgemeng, déi gétt et réischt zënter 2012. Lauter léif kleng Dierfer: ganz riets hutt der Eppelduerf, ënnendrun Iermsdref, do hanne läit Folkendeng, a lénkerhand Miedernach! Wusst dir, dass et fréier um Gebitt vun der Ärenzdallgemeng zéng Mille gouf? Neen, dat wusst der net, dir kleng Toperten! Abee da sot, ech hätt iech et gesot! Kroah!"

Den Néckel wëllt weisen, dass hien och eppes kennt. "An déi hunn net nëmme Miel gemuel, mee si hunn zum Beispill och Stroum produzéiert!"

Mee de Kueb hält d'Maisi erëm mam Schlawittchen a flattert drop lass.

"Wat ass dat fir ee freche Kärel!" rífft den Néckel am Lafen dem Marie zou.

"Deem misst ee mol de Schniewel stoppen..."

"Ee Kärel?" D'Griselda huet ee Verdacht.

**"Hexe gouf et hei fréier en masse!
Ech friessen ee Biesem wann dat keng ass!"**

"Dat ass bestëmmt déi al Bocken, déi viru laanger Zäit hiert Onwiesen hei gedriwwen huet."

"Mir müssen d'Maisi befreien!" pëspert d'Marie. "Wéi solle mer dat nëmme maachen?"

"Vläit hunn ech eng Léisung," iwwerleet den Néckel. "Mol kucken..."

An deeër Zäit sinn si am Duerfkär vu Miedernach ukomm. Ronderëm si stinn e puer stilvoll al Haiser.

"Bestëmmt wësst dir och net, wéi een dee schmocke Baustil nennt, wéi der en hei gesitt! Neen, dat war jo kloer!"

"Hal op eis fir domm ze verkafen!" rífft den Néckel kéng. "Dat si Maria-Theresien-Haiser, no deeër éisterräichescher Keeserin benannt! Deemools goung et de Leit nawell gutt, dofir konnte si sech sou schéi Gebaier opriichten."

"An dat ganz ouni Architekten!" hänkt d'Maisi drun a probéiert ëmsoss, aus dem Kueb senge Krallen z'entwutschen.

Den Néckel dréckt him een A zou. "Dat ass jo alles ganz flott, Här Kueb, mee wa mer schonn hei sinn, géif ech nach gär déi Folkendenger Kapell besichen."

Dovunner ass de Kueb net sou begeeschtert. Mee well hie sech keng Bléisst wëllt ginn, spillt hie weider de Guide. Ënnerwee kroopt den Néckel sech d'Griselda. Déi zwéin diedege mateeneen, ouni dass soss een eppes matkritt.

Soubal si zu Folkendeng ukommen, wëllt de Kueb erëm mat sengen offällege Bemierkungen ufänken, mee den Néckel kënnt him zuvir. Hie stéisst d'Dier vun der Kapell op a geet mam Griselda poulriicht op den Altoer zou, wou ee Bild mat enger eleganter Klouschterfra hänkt.

Mat haarder Stëmm seet d'Griselda ee vu senge Spréch op:

**"Léift Adelgundis, loosst d'Maisi fräi
A verjo déi al Bocken am Kuebegezei!"**

"Kroaaaaah!" bläert de Kueb a wëllt fortfléien. Mee seng Filleke ginn ëmmer méi kuerz, an aus senge schwaarze Plomme gëtt ee knaschtegt, zerfatztent Kleed. Amplaz vum Vogel steet eng rosen al Fra do. Si dreet mat hieer Fäisch an deet fierchterlech Kreesch, mee da schlauft si ënner Gefluchs aus der Kapell eraus a verschwënnt.

"Fréier hunn d'Leit d'Patréinerin vun der Kapell ugebiet, wann si sech a Gefor gefillt hunn," erkläert den Néckel, wéi si all erliichtert virun der Dier stinn. "Ech hu gehofft, dass déi al Bocken et géif mat der Angscht ze di kréien, wann hieren Numm virun deem Altoer fält."

"Däin Trick huet geklappt," laacht d'Maisi.

"Heiansdo kann engem seng Bildung vu grousser Hëllef sinn!" schmunzelt den Néckel. "An e bësse Poesie och, natierlech!" D'Mouk fillt sech geschmeechelt.

"Gutt dass du dat mat deeër éisterräichescher Keeserin wousst," lueft d'Marie hien. "Wéi huet se scho méi geheescht?"

Um **Buerfousswanderwee** zu Miedernach kanns du mat alle Sënner d'Natur entdecken. Beim Goen iwert verschidden Ënnergrënn wéi Steng, Mulch, Dillendäpp, Sand a Kiselsteng kanns de e Gefill fir di verschidde Materialien entwéckelen. Ee ganz neit Naturerlebnis!

**Syndicat d'Initiative
et du Tourisme Medernach a.s.b.l.**

L-7633 Medernach

T: +352/83 71 86

F: +352/87 83 23

E: linda@kengert.lu

Informationen an Download

Flyer op:

W: www.medernach.info



— = 13



Rätsel

Ee Bauer vu Miedernach huet op sengem Stéck 12 Säck Käre gedrescht. Déi bréngt e bei de Mëller vun der Bannmille fir se Muelen ze loossen. Vun deenen 12 Säck Käre kritt de Bauer 10 Säck rengt Miel. En muss 40% vu sengem Miel awer un de Mëller vir d'Muele bezuelen a geet granzeg mam Rescht heem. Och de Mëller knoutert, well hie muss vun deem wat hie verdéngt huet d'Hallschent un de Grondhär bezuelen, fir weider dierfen an der Millen ze schaffen. Wéi vill Säck Miel kritt de Grondhär vun deenen 12 Säck Kären?

Wusst du schon?

Millen hu fréier dem Grondhär vun engem Duerf gehéiert a goufen un de Mëller verpacht. D'Bauern aus dem Duerf hu missen hier Kären an der Mille vum Grondhär muele loossen, dat huet ee Millebann genannt. De Bauer huet de Mëller mat engem Deel vu sengem Miel fir d'Muele bezuelt. De Mëller konnt dat ganzt Miel awer och net fir sech halen an huet missen en Deel un de Grondhär ofginn, well hien d'Mille jo nëmme gepacht hat. Op déi Manéier hat de Grondhär um Enn vum Summer ëmmer frëscht Miel an der Spënnchen an en huet selwer näischt missen derfir schaffen!

Eis véier Frënn marschéieren iwver Eppelduerf queesch duerch d'Felder. D'Sonn dréckt aus engem kräfteg bloen Himmel erof, an et geet eng waarm Léftchen. Op enger Kopp, an enger Wis mat villen Uebstbeem, maache si eng Paus a kucke sech déi wäitleefeg Landschaft un, déi sech virun hinnen ausbreet.

Den Néckel gëtt alt erëm säi Wëssen zum Beschten. "Eppelduerf huet säin Numm net geklaut. Kuckt iech mol dat schéint Uebst un."

D'Marie trëppelt verdreemt téscht de Beem, pléckt e puer gréng Äppel a stécht se an d'Täsch. Op eemol deet et ee Freedekreesch: "Hei! Do ënnen! Dat ass dat wat ech gesicht hunn: ee schéine breede Floss..."

"Wourop waarde mer dann nach?" rífft d'Maisi. Si wësche sech séier de Schweess vun der Stir, an d'Rees geet schétzeg weider, bis si an engem Duerf ënnert der Bréck um Uwänner stinn.

D'Maisi zappt d'Féiss an d'Waasser. "Ei, gutt kill!"

"Ech mengen, mir si geschwënn um Zil," stellt den Néckel fest. "Dat ass d'Sauer!"

D'Marie an d'Maisi fänken un an de Wellen ze danzen. "Hurra! Mir hunn et gepackt!"

""t ass nach ze fréi fir heemzegoen! Denkt un déi 22 Froen!"

"D'Griselda huet Recht," iwwerleet den Néckel. "Mir sinn hei zu Reisduerf. Wa mer laanscht d'Sauer eroftrëppelen, komme mer haut nach zu Iechternach un. Mee da feelen eis e puer Etappen."

D'Marie léisst de Kapp hänken. "Ech verlaangere no heem..." Hatt léisst sech an d'Gras falen.

"Pfffffffff..." spruddelt eppes nieft him. D'Marie ass direkt erëm op de Been. Eng Schlaang kréicht op hatt zou. "Pfffffffff..." Si hieft de Kapp a kuckt béis duerch hieren décke Brëll. "Wat ffffinn dat vir Manéieren! Du häffff dech bal op mech geffffat!"

"Gelift?... Ah sou... ëhm, pardon!..."

"Du hueffff Chanffffe daff ech mäi Gëffffffant net unhunn."

"Däi Gëftzant," widderhëlt d'Maisi a laacht. "Wat hues du dann domat gemaach?"

"Pffffff, wann ech dat wéiff!" klot d'Schlaang. "Ëmmer wann ech meng Moiefffftoilette hei an der Ffffauer maachen, dinn ech d'Gebëfff auff. Wéi ech haut auff dem Waaffer koum, hat ech vergiefff, wou ech et higeluegt hat. Ech mengen, ech gi vergëfffferlefff, ähm, vergëfff..."

"Vergësserlech, mungs de!" D'Maisi amëséiert sech. "Dat ass jo net nozelauschteren! Kuck mol dass de däi Gebëss erëmfënns. 't versteet een dech jo net."

"Nu gëff net frech, Meedchen!" keift d'Schlaang. "Hëlleft mer léiwer fffichen. 't gët Pffäit fir d'Mëttegiefffen, an ech ka mol net bäiffen..." Si wërft ee gierege Bléck op d'Griselda a léisst hier gespléckten Zong erausfuere.

"Ok," seet den Néckel. "Mir hëllefe sichen, mee da muss du eis och ee Gefale maachen."



"Pfff! D'Jugend vun haut!" mécht d'Schlaang pickéiert. "Wat wëllff du Fffnuddeler da vu mir?"

"D'Ardennenoffensiv: seet dat der eppes?"

"Pffftffff! Déi al Geffichten! Gët et net bal Zäit, dass een dat vergëffft... ähm... verg..."

"Vergësst?! Op kee Fall!" widdersprécht den Néckel. "D'Ardennenoffensiv, dat war am Zweete Weltkrich. D'Amerikaner waren do, an déi Däitsch haten de Krich scho bal verluer. Mee dunn hu se am Wanter 1944 nach eemol ugegraff. An den Ardennen an am Éislek, bis erof op Dikrech, gouf et erbatter Schluechten, bis se endlech opginn hunn. An der Gemeng Reisduerf, zu Wallenduerf an zu Héischdrëf bei der Our, do hunn d'Kämpf besonnesch laang gedauert."

"Fro mol déi eeler Leit, déi déi schrecklech Zäit erlieft hunn, ob een dat soll vergiessen!" mellt d'Maisi sech zu Wuert.

"t aff jo fffo gutt!" wiert d'Schlaang sech. "Wat wëllt der da lo vu mir?"

"Zu Héischdrëf gëtt et ee Monument an ee Wanderwee, iwwert deen een allerhand gewuer gëtt iwwert deemools. Ech hätt gär, dass de eis dohinner féiers!"

"Jo alfffo, do muffe ee fir d'éiffft hei d'Ffftrooff erop..."

"Stop!" rifft d'Marie. "Iers de weider schwätz: hei sinn deng Zänn."

D'Marie hat am Gras geschäert an d'Gebëss ënnert engem Stee fonnt. Hatt hält der Schlaang et dohinner, an déi mécht de Mond scho grouss op.

"Ee Moment! Net dass de nach op domm Gedanke kënns..." Hatt gräift a seng Täsch an hëlt een décke gréngen Apel eraus. Dee stécht et der Schlaang tëscht déi spatz Gëftzänn.

"Abee merschi!" granzt d'Schlaang. "Domat huesch de mer vill gehollef! Lo kann esch jo nach net bäischen!"

"Doru kanns de knabberen, bis däin Appetit op Mouken der vergaang ass!" mengt d'Marie, an domat maachen si sech op de Wee op Héischdref.

"Upsch!" mécht d'Schlaang no enger Weilchen. "Dir muscht entschëllegen, deen Apel ass net tscheidesch." Sou séier wéi se kann, huscht se hannert eng Heck.

"Kommt, mir maachen eis aus dem Stëbs!" rífft d'Maisi. "Vun hei aus kenne mer jo souwisou de Wee!"

**"Eemol an de saueren Äppel bäissen,
An duerno hannert d'Hecke sch..."**

"Griselda!" rífft d'Marie. "Huel léiwer d'Been an de Grapp, amplaz Schwéngereien ze dichten."

**Looss mer déi Bekanntschaft vergiessen,
Ech soen iech, déi Schlaang wollt mech friessen!"**

hänkt d'Mouk nach drun, wéi se schonn ënnerwee sinn.

Soubal se zu Héischdref beim Monument ukommen, ass et eriwwer mam Gegecks. Eescht an nodenklech maache si den Tour iwwert d'Grenz ewech mat deene villen Informatiounstafelen.

D'Schieter gi scho méi laang, wéi si zeréckkommen.

"Gutt dass mir Wiichtelcher näischt mat Krich a Misär ze dinn hunn," seet d'Maisi beadrockt. "Déi aarm Mënschen..."

Dee Moment ass vu wäitem eng Musek ze héieren. Eng lëschtég Melodie ertéint, op enger Gei gespíllt.

"Dat kënnt vun do iwwer," stellt den Néckel fest.

D'Marie ass begeeschtert. "Mir mussen dohin! Ech wëll danzen!"

Vum Virwëtzt geleet zéien si iwwer d'Bréck aus dem Duerf eraus a geroden déi aner Säit an een déiwe Bësch. D'Musek gëtt méi haart, an d'Maisi fänkt u mat den Héften ze wackelen.

"Do hanne muss et sinn!" Si lafen op eng Schneis zou, mee do ass näischt ze gesinn. 't ass ee Moment roueg, an dunn ertéint d'Gei aus enger anerer Richtung. Ëmmer wann si mengen, si hätten erausfonnt, wou se hierkënnt, hält d'Musek op, fir da vun iirgendwou anescht hier ze lackelen. Mat deem Geschéck lafe si ëmmer méi wäit an de Bësch eran. Bis et komplett däischter ass, a si sech verluer hunn.

Op der **Promenade du Souvenir** zu Reisduerf kanns du erliewe wéi eng Auswierkungen d'Ardennenoffensiv am 2. Weltkrich op d'Regioun hat. De 17 km laange Wee, deen an zwou Etappe kann duerchwandert ginn, féiert dech laanscht 17 Informatiounstafelen.

Administration communale de Reisdorf

2, place de l'Eglise,

L-9391 Reisdorf

T: +352/83 62 21

F: 352/86 92 30

E: commreis@pt.lu

Informatioun an Download Flyer:

W: www.reisdorf.lu



Rätsel

Wat fir ee Land huet no
der Ardennenoffensiv
missen kapituléieren?



D _ _ _ S C H _ A _ D

14

Wusst du schon?

Den 2. Weltkrich gouf vun de Länner Däitschland, Italien a Japan op der enger Säit an USA, Groussbritannien, Frankräich a Sowjetunioun op der anerer Säit gefouert. De Krich huet am September 1939 ugefaangen an huet 6 Joer méi spéit am September 1945 en Enn fonnt. Ausléiser fir de Krich war en Ugrëff vun däitschen Truppen op Polen. Si wollten d'Gebitt vu Polen un Däitschland uschléissen. Frankräich a Groussbritannien hunn dorops hin Däitschland de Krich erklärt an et koum iwwerall an Europa zu Kämpf. Mat der Landung vun der US Arméi 1943 an 1944 an Europa huet sech d'Blat fir déi däitsch Wehrmacht gedréint. No zwee Joer haarde Kämpf huet Däitschland kapituléiert an et gouf erëm Fridden an Europa. Lëtzebuerg war als klengt Land tëschent de grouse Staaten staark vum Krich betraff.

Eis véier Frënn ire verzweiwelt duerch de Bësch, vum Sauerdall ewech op de Beeforter Plateau erop, bis se vu wäitem Luucht gesinn. Erliichtert lafen si drop duer a komme bei eng Kapell, an deeër Kärze brennen.

"Ah d'Beeforter Heedkapell, och Klaisgen genannt," de Néckel bereet sech op eng vun senge Rieden vir.

Mee d'Marie ënnerbrécht hien: "Haha! Se gesäit aus wéi wann se ee Gesiicht hätt. Déi zwou kleng ron Fënstere lénks a riets, d'Dier exakt an der Mëtt wéi eng Nues an ënnen de Mond."

D'Maisi muss laachen, mee den Néckel fënnt dat net witzeg.

"Dat sinn Ochsenaefensteren," erkläert hien. "D'Kapell gouf am 17. Joerhonnert während der Peschtzäit gebaut. Niewendru war ee Kierfecht, op deem d'Affer vun der Pescht begruewe gi sinn, wäit ewech vum Duerf."

Lo gëtt och d'Maisi nodenklech: "D'Pescht war eng schlëmm Krankheet, déi sech rasant uechter Europa ausgebreet huet. Och hei zu Lëtzebuerg ware vill Dierfer betraff. Ganz Uertschafte sinn ausgestuerwen an existéieren zënterhier guer net méi."

"Jidderee konnt sech ustiechen. 't huet mat héijem Féiwer an eeteregen Entzündungen um ganze Kierper ugefaangen, an no kuerzer Zäit sinn d'Léit gestuerwen," fiert de Néckel weider.

"D'Léit waren a grousser Nout, Näischt huet gehollef géint dee schwaarzen Doud,"

pëspert d'Griselda an et leeft hinnen all kal de Réck erof.

"Zu deeër Zäit war net alles esou propper wéi haut. D'Leit hunn sech net gewäsch, Iwwerreschter vum Iessen, Knascht an och de Schissi hunn d'Léit einfach op d'Strooss gehäit. Et war knaschteg an et huet gestonk."

"Haut wësse mer, dass d'Pescht duerch d'Raten a Fléi iwwerdroe gëtt, mee deemools wousten d'Léit sech hierer Hänn keen Rot. Si hunn an der Angscht gelieft, zu all Moment ugestach ze ginn. Dofir hunn se an esou klenge Kapelle wéi deeër heiter zu Gott an den Hellegen gebiet, fir vun der Krankheet verschount ze bleiwen..."

Si stinn nach ee Strapp virun der Kapell, bis dem Néckel säi Bauch sou haart grommelt, dass si aus hie Gedanken gerappt ginn.

"Wann den Néckelchen net geschwënn eppes tëschent d'Zänn kritt, muss d'Griselda sech virun him an Uecht huelen!" stëppelt d'Maisi. De Néckel reift sech de Bauch a laacht mat deenen aneren.

"An der Buergkiche vum Beeforter Schlass kënne mer bestëmmt ee Maufel kréien!"

Mat deem Virschlag sinn se all averstanen an esou maache si sech de Bierg erof op d'Buerg zou, deeër hier Ëmrëss am Moundschäin ze erkenne sinn.

Op eemol bleift d'Maisi stoen. "Pssst! Lauschtert emol: do ass erëm déi Musek!"

"Awer lo ass et eng lëschteg Weis!" stellt den Néckel fest.



D'Melodie zitt déi véier op en Neits an hieere Bann, an den Honger an d'Pescht si vergiess. Si verschwannen am Bësch, op der Sich nom Musikant.

Si trëllen a klammen iwwert Äscht, bis si op enger klenger Schneis ee Mann op engem Bamstamm gesi sëtzen. Et ass en dënne Kärel, dee ganz verdéift op senger Gei spillt.

D'Maisi spréngt tëschent de Beem eraus an danzt iwwert d'Plaz.

"Komm looss eis sängen an danzen!"

D'Maisi dréint sech, dass seng Jüpp nëmmen esou ronderëm flitt. Och déi aner loose sech vu senger Freed ustiechen a sprangen hannendrun. Si fillen sech wéi verzaubert. De Museker gëtt sech drun, de Rhythmus gëtt ëmmer méi séier. Si dréine sech an hopse ronderëm, bis d'Musek ophält, a si sech naass geschweesst an d'Gras fale loossen a japse vu Begeeschtung.

Wéi se endlech zou sech komm sinn, kuckt d'Marie ronderëm sech. "Wat ass dat fir eng Plaz, wou mir hei sëtzen?"

"Dat ass d'Albuerg. Et ass eng Fliehbuerg aus keltischer Zäit," verzielt de Musikant.

"Albuerg! Dat seet mer dach eppes!" rífft d'Marie dertéschent. "Sou eng Plaz hu mer dach schonn anzwousch begéint. Wat ass dat dann iwwerhaapt?"

"Bei Gefor hunn d'Leit sech an de Bësch op esou eng Fliehbuerg zeréck gezunn. Dacks war et eng einfach Festung aus engem Äerdwall, dee mat Holzpalissade befestegt war, meeschtens um Virsprong vun engem Fiels. Esou eng Plaz huet sech besser verteidege gelooss wéi een Duerf."

De Mann mat der Gei kënnt op si duer.

"Mäin Numm ass Veit," stellt hie sech vir.

Hien huet ee frëndlecht Lausbouwegesicht, mee hien ass net sou jonk, wéi en op den éischte Bléck wierkt. Hien ass einfach gekleet, just ëm seng Héften hänkt en opfällige Liederrimm mat allerlee Schrëftzeechen drop.

"Veit! Deng Musek ass wonnerbar!" laacht d'Maisi.

De Néckel freet virwëtzig: "Wat steet op dengem Rimm?"

"Dat aalt Stéck hunn ech geierft, 't ass näischt Besonnesches," entgéint de Veit an erbléckst d'Griselda, dat kuerz ënnert dem Marie sengem Fische erausluusst. "Wuer sidd dir dann ënnerwee?"

"Mir gi bei d'Schlass!" äntwert d'Marie. "Mir hoffen an der Buergkichen eppes ze iessen an ee Bett ze fannen!"

Den Néckel seet näischt. Him ass net entgaangen, dass de Mann senger Fro ausgewach ass.

De Veit grinst: "Do sidd der awer un der falscher Adress. D'mëttelalterlech Buerg vu Beefort ass zënter 200 Joer eng Ruin, an am Renaissance Schlass niewendru begéint der dagsiwwer héchstens e puer Touristen."

"Dass Touristen d'Buerg an d'Schlass besiche wonnert mech net: d'Buerg ass aus dem 11. Joerhonnert. Si steet op engem Fielsvirsprong aus Sandsteen, deen d'Architekter gekonnt mat de Mauere vun der Buerg verbonnen hunn. Et war eng wierhaft Buerg mat zwou Réngmaueren a Waachtierm. Banne gouf et Wunnhaiser, eng Kichen, ee siwe Meter déiwe Bur,..."

"Merci Néckel!" fällt d'Maisi him an d'Wuert. "Wann mer do näischt ze bäisse kréien, brauch ech nach Musek fir mech ofzelenken. Veit, spills du eis nach eng lëschteng Weis?"


De Néckel schneit eng Schnuff, mee wéi de Mann seng Géi erëm an de Grapp hält an di aner nees sängen an danzen, kann och hien net laang roueg sëtze bleiwen an si ameséieren sech bis déif an d'Nuecht.

Besich d'**Beeforter Renaissance Schlass** an d'**mëttelalterlech Buerg**. Di zwee Schlässer sinn op vun Abrëll bis Ufank November. Geféiert Besichtigungen op Ufro.

**Burg Beaufort & Renaissance
Schloss - Beaufort**
Rue du Château,
L-6313 Beaufort
T: +352/621 27 95 06
E: chateau.beaufort@pt.lu
W: www.castle-beaufort.lu

Rätsel

D'Beeforter Schlass ass aus der Renaissance. Aus wat fir enger Zäit staamt déi grouss Beeforter Buerg niewendrun?



M _ T _ _ _ A _ T E R
15

Wusst du schon?

D'Albuerg zu Beefort ass eng Fliehbüerg aus keltischer Zäit. D'Kelten hunn an hiren Dierfer gewunnt, Kären op hire Felder ugebaut a Kéi, Schof a Geesse gehalen. Wa Krich war, an aner Stämm hiert Duerf ugegraff hunn, hunn se sech an de Bësch an eng befestegt Fliehbüerg zeréckgezunn. Déi vu Beefort stoung op engem Fielsplateau, dee just vun enger Säit en Agang hat. Ronderëm war nëmme Fiels an Ofgrond. Esou eng Plaz huet sech vill besser verdeedege gelooss wéi e ganzt Duerf. An der Albuerg, esou gëtt d'Fliehbüerg zu Beefort genannt, stoung e grousst Haus, mat engem Wunnraum an engem Stall. Hei hunn d'Leit gelieft bis d'Gefor vun engem Iwwerfall erëm eriwwer war.

Bäerdrëf

Deen aner Moien ginn si eréischt spéit wakereg. D'Sonn schénge duerch d'Äscht vun de Beem an d'Villercher päifen.

D'Marie riicht sech op a reift sech d'Aen. "Ech fille mech geriedert! Mir deet all Schank am Léif wéi!"

Och de Néckel an d'Maisi keimen. Just d'Griselda ass monter a quaaht:

"Wee laang lompe geet..."

D'Marie ënnerbrécht hatt a knoutert: "...brauch sech net ze wonneren, wann de Kapp ëm wéi deet! Merci och fir dee Sproch!"

"A wou ass dann eise Museker hin?" freet d'Maisi. Hatt ass schonn iwwert d'Schneis getrëpelt a konnt de Veit néirens fannen.

"Mir brauchen hien net. Loosst eis léiwer weidergoen!" dreift de Néckel déi zwee un. Si wanderen duerch Beefort laanscht d'Kierch a verloossen de Plateau Richtung Grondhaff.



"De Grondhaff huet an der Vergaangenheet eng wichteg Roll gespillt fir d'Regioun. A lo rot emol firwat?"

"Entweder war et eng Schmelz oder eng Millen," mault d'Marie.

"Béides!" laacht den Néckel. "Et wor e grouse Komplex mat enger Schmelzmillen enger Schmëtt an engem Seewierk. D'Besëtzer ware räich Leit, déi sech souguer en Härenhaus gebaut haten."

"Èmmer déi selwecht Geschicht! Langweileg!" gaapst d'Maisi. Si genéissen hieren Tréppel-tour ouni weidert Gespréich. Uewen op der Kopp erblécksen si d'Dierfchen Bäerdrëf mat senger Kierch.

Grrrrrrr...

Dem Néckel säi Mo grommelt nees haart an ënnerbrécht hiere rouege Marsch.

"Oh mei! Ech hunn och esou een Hunger!" beschwéiert d'Marie sech.

"Ei! Een Dësch voll Paangecher an Eisekuchen!" schwärmt d'Maisi. "Gebrodene Poulet a frësch gebake Brout! Eng gutt Zopp!"

Domat mécht hat och deenen aneren de Mond wässereg.

D'Marie bleibt stoen. "Richt der dat?"

Si strecken d'Nues an d'Loft. "Et richt wonnerbar, no Poulet a Brout an Eisekuchen... komesch!"

D'Maisi verschwënnt hannert enger Kéier. "Kommt séier! Et ass net ze gleewen!"

Kuerz drop sti si virun engem Dësch, räich gedeckt mat allem wat d'Maisi opgezielt huet. Voller Freed gräife si zou. Mee wéi de Néckel sech ee Stéck Brout an de Mond wëll stiechen...

"Wuah! Et ass fort!" Ongleeweg bekuckt hie seng eidel Hand. Den Dësch mat deem ganze schéinen lessen huet sech a Loft opgeléist.

"Spannen ech elo?" freet d'Marie. Just deen Ament gesinn si eng Gestalt op si duerkommen.

"Veit! Do bass de jo! Hues de dat gesinn?" rífft d'Maisi opgereeht.

"Nee, wat dann?" freet hien a grinst frech. "Wollt der net bei d'Beeforter Schlass? Lo sidd der schonn zu Berdrëf: an der Gemeng vun de Fielsen."

"Eigentlech wëlle mer jo och op Iechternach!" knoutert den Néckel.

"Ma dann hutt der et geschwë gepackt. Wann der hei um Wee laanscht d'Kierch gitt, kommt der duerno laanscht d'Breechkaul an d'Huellay. Da geet et bis bei de Perekop erof duerch d'Wollefsschlucht, a scho sidd der zu Iechternach."

De Veit weist mam Fanger de Wee erof, a knapps hunn déi véier de Kapp gedréint, ass hie schonn erëm verschwonn.

"Dat ass awer ee komesche Kauz," iirgert d'Marie sech.

Am Duerf huele si bei engem Bauer een zerguttstert Mëttegiessen zou sech an zéien da wei-der. Virun der Kierch bleibt den Néckel onschlësseg stoen.

"Waart! Dobanne gëtt et eppes ganz Sielenes ze gesinn!" rífft hien hannert deenen aneren hier. "Ee Véiergëttersteen aus réimescher Zäit!"

A schwups ass hien an d'Kierch eran. D'Maisi an d'Marie verdréinen d'Aen a ginn him no.

"Dëse Véiergëttersteen stoung beim Haus vum Beronis, der Villa vun engem Réimer, vun deem Bäerdrëf säin Numm hier huet. De Stee war Deel vun enger Sail, op all Säit war eng aner Gottheet agemeesselt: Juno, Apollo, Hercules a Minerva..." zielt den Néckel op.

"Minerva! Jo, mech nervt en och!" kickelt d'Maisi.

"Du häss och besser Minerva geheescht, Néckel!" laacht d'Marie. "Dat war d'Gëttin vun der Weisheet!"

Den Néckel hält et als Kompliment a stolzéiert un der Spëtzt vun der Trupp aus der Kierch eraus a weider iwwert d'Strooss. Esou kommen si iwwert allerlee Gegecks um Aussichts-punkt Birkelt un.

Hei gesäit ee wäit iwwert de Sauerdall bis op Iechternach. Obwuel hatt sech fret, gëtt et dem Marie schwéier em d'Häerz, wéi et drun denkt dass hatt um Enn vun hierer Rees seng Frënn muss verloossen. Fir sech näischt umierken ze loossen, setzt hatt sech op ee Bams-tamm nieft dem Wee a fret: "Wat waren dat fir Nimm, déi de Veit virdrun opgezielt huet: Perekaul a Briechkapp?"

Si maache sech et op der Bänk gemittlech an de Néckel erkläert: "Perekop a Breechkaull! Hei zu Berdrëf gëtt et vill Fielsen. D'Briechkaull an d'Huellay sinn Hielen, déi vum Mënsch kënschtlech geschaf goufen, wéi si Millerieder aus dem Stee gebrach hunn. Iwwerall kann een nach d'Form vun de ronne Steng erkennen déi erausgebrach goufen."

"De Perekop, Tour Malakoff, de Priedegtstull... dat si Fielsen, déi wéinst hierer besonnescher Form Nimm kruten. Déi meescht komme vun hollänneschen Zaldoten déi hei stationéiert waren," ergänzt d'Maisi, houfreg, dass hatt och eppes weess.

"WUAH!" Am héije Bou fléie si op de Buedem a landen niefteneen um Bauch.

"Wat war dat?" fret d'Maisi, reift sech d'Nues a setzt sech. De Bamstamm ass fort, dofir setzt de Veit net wäit ewech op engem Steen a grinst frech.

"Lo geet et mir awer duer!" bläert den Néckel a spréngt op. "Ech weess wien's du bass! Du bass de Veit den Zauberer! An dat do ass däin Zauberrimm!"

De Mann laacht haart: "Gutt Néckel, du bass wierklech een dapere klenge Kärel! Et mécht mir Spaass, de Wanderer, deenen ech begéinen, eng ze spillen an dofir, léif Frënn, schécken ech iech op ee klengen Ëmwee! Esou einfach op Iechternach ze kommen, dat wier jo net lëschtteg!"

Hie gräift u säin Zauberrimm, an déi véier spire wéi si vun engem staarke Wand gepaakt an an d'Luucht gehuewe ginn.

De 50 m héijen **Aquatower** vu Bäerdref mécht am Abrëll 2015 seng Dieren op an ass fir Schouklasse a Gruppe vu Kanner a Jugendlecher interessant. Nieft der phänomenaler Vue iwwer Bierg an Dall ginn och Aktivitéiten an Ausstellungen zum Thema Waasser ugebueden.

Aquatower Berdorf

106 A, rue de Consdorf,
L-6551 Berdorf
W: www.aquatower-berdorf.lu
(ab Mäerz 2015)



Rätsel

Kuck dir de Steen op deenen zwee Biller gutt un, si weisen de selwechte Steen nēmmen aus engem anere Bléckwénkel. Wat fir ee staarke Mann ass op der Säit déi's de net gesäis?



H _ R K _ _ E S
16

Wusst du schon?

D'Hielechten zu Bäerdréf si vum Mēnsch geschafe ginn. Op der Plaz wou ee gutt un de Fiels erukomm ass, hunn si ugefaange Millerieder aus dem Fiels ze sprengen. Deemools gouf awer net mat Dynamit gesprengt, mee mat Holz. De Steemetzer huet mat Meessel an Hummer dat ganzt Millerad aus dem Steen erausgeschafft, bis et just nach mat der hēneschter Säit um Fiels festhoung. Dann huet e ronderēm Lächer hannert d'Rad an de Fiels geschloen an Holzkäiler dra gedréckt. Déi Holzkäiler si mat Waasser naass gemach ginn. Doduerch quēllt d'Holz an no enger Zäit ass den Drock esou grouss, dass de Stee vum Fiels ofgesprengt gētt.

Waldbëlleg



De Wand ass esou staark, dass eis véier Frënn ewéi wielech Blieder am Hierscht duerch d'Luucht flatteren. Iwwer Bierg an Dall gi si gedroen, bis se endlech mat engem onfräiwëllege Kopplabunz an enger Wis bei Waldbëlleg landen.

Mat vill Gekeims riicht den Néckel sech op a reift sech den Hënner. Hie geheet ee Bléck ronderëm sech, flucht eng Kéier a léisst sech erëm falen.

"Néckelchen!" rifft d'Maisi, dat sech och sou lues erkrabbelt. "Hues de eppes gebrach? Du bass ganz bleech!"

"Pfff! Sou ee klenge Loftzoch geheet mech dach net ëm! Mee kuck mol eng Kéier dohannen déi Kopp, kënt déi der net bekannt vir?"

Lo ass d'Marie och op de Been. "Oh neen! Mir sinn zrëckgehäit ginn! Dohannen ass dach déi Plaz, wou dee leschte Gaalge stoung. Wéi heescht se scho méi?..."

"Tjo, jéimeren hëlleft näischt!" entscheet d'Maisi. "Da musse mer alt nach eemol dru glewen."

Den Néckel hält hatt zrëck. "Waart mol. De Kueb hat eis souwisou vum Wee ofbruecht. Iwwer Crëschtnech ass et méi no."

Ënnerwee gëtt hien erëm vu sengem Wëssen zum Beschten. "Zu Waldbëlleg steet iwwregens d'Gebuertshaus vum Méchel Rodange. Dat ass dee berühmten Dichter vum Renert ..."

Kuerz virum Duerf stousse si op eng Baach. Do béie si lénks of an trëppele laanscht d'Uwänner.

"Bass de sécher, dass mer hei richteg sinn?" freet d'Marie ongedëlleg. "Ech hu keng Loscht

méi op Ëmweeër! Wann ech bedenken, dass mer schonn bal ukomm waren..."

Seng Nues wíisst, säi Réck krëmmt sech, an d'Marie ass schonn erëm déi al Hex. Sou trëppelt hatt weider a grommelt viru sech hin: "An et soll kee méi kommen an eis vum Wee ofbréngen, soss..."

"Platsch!" Aus dem Waasser spréngt ee klenge gouerege Kärel hinne virun d'Nues a rëselt sech, dass si plätschnaass ginn. Als Kleedung huet hie laang Waasserplanzen ëmhänken, säi Baart a seng Hoer si mat Gréngespoun iwwezunn. Am Grapp huet hien eng laang Staang mat engem Krop, mat deeër e wëll duerch d'Luucht wéitscht.

"De Pëtzmännchen!" jäizt d'Maisi.

"De Kropemann!" jäizt den Néckel.

"Mäi Koseng!" rífft d'Marie. Déi zwee Waassergeeschter fale sech an d'Äerm a kesse sech mat vill Geschmatz.

"Schéin, dass ee sech endlech mol begéint! Ech hu scho vill vun dir héieren!"

"Mir zwéi kennen eis just vum Héieresoen," erkläert d'Marie senge Frënn. "Fréier souz hien am Pëtz ze laueren, dofir gouf e Pëtzmännche gedeeft. Well et awer bal keng Pëtzer méi gëtt, dreift hie säin Onwiesen a Flëss a Baachen. Vun do un nennen s'en och nach Kropemann."

"t ass net schwéier ze errodén, dass dir Famill matenee sidd," mengt den Néckel.

"Ass et wouer?" freet d'Marie. "Ech fannen, ech gesi vill méi schrecklech aus. Wéi sollen d'Kanner da sou eng Schéissbudefigur wéi hien do fäerten?"

"Wat?!" äntwert de Pëtzmännchen. "Wëlls du domat soen, ech géif meng Aarbecht net gutt maachen? Da pass emol op!"

An hie spréngt doruechter, rëselt sech a wéitscht mat senger Staang. Den Néckel an d'Maisi zéie sech, mee d'Marie léisst sech net beandrocken. Hatt gestikuléiert, streckt seng laang kromm Fangeren aus a laacht mat gräisslecher Hexestëmm. Déi zwéi sprangen an d'Baach a maachen ee richtege Concours, wien d'Kanner am meeschte fäerten doe kann.

"Ëhm, Marie!" rífft d'Maisi. "Du wollts dech dach net méi vum Wee ofbréngen loosse, oder...?"

Dat huet gehollef. D'Marie kuckt verschotert dran a steet kuerz drop als schéint Meedchen am Waasser. Hatt schummt sech e bëssen.

Den Néckel erzielt dem Kropemann vun hierer Rees, an dee bitt sech un, si ee Stéck wäit ze begleeden. Sou trëppelen si weider a komme bei ee schick renovéiert Gebai, an deem Leit mat Rucksäck a Reesbengelen aus- an aginn.

"Dat ass d'Heringer Millen," erkläert de Kropemann. "Fréier, wéi d'Millerad nach gedréint huet, hunn ech mech gären hei verstoppt. Lo ass hei ee Restaurant an en Informatiounszentrum fir Touristen an Wanderer ënnerbruecht."

"Heringer...", iwwerleet den Néckel. "Gëtt et net och eng Bueg, déi sou heescht?"

"Duer gi mer lo!" äntwert de Kropemann. "Dir wäert gesinn, dat ass Äres!"

Iwwer schmuel kéiereg Pied geet et, duerch déif Schluchten an iwwer hëlze Bréckelcher. De Kropemann leeft vir, a si kréie kaum Zäit, sech all déi Fielsformatiounen, Baachen a Waasserfäll richtig unzekucken.

"Dat ass jo eng richtig Zauberwelt!" schwärmt d'Marie. "Heiansdo mengt ee bal, d'Fielsen hätte mënschlech Gesichter."

"Mir sinn am Mëllerdall," verkënnegt den Néckel. "Och nach déi Kleng Lëtzebuerger Schwäiz genannt."

"Bestëmmt well déi Fielsen duerchlächert si wéi Schwäizer Kéis!" geckst d'Maisi.

"Déi Lächer si viru Milliounen Joeren entstanen, wéi d'ganz Géigend nach vu Waasser iwwerschwemmt war," verbessert de Néckel.

Si kloteren eng géi stengen Trap erop a kommen uewe bei eng eise Paart. De Pëtzmännche schlauft derduerch.

"Wëllkomm op der Heringer Buerg," rífft hie feierlech.

"Dat soll eng Buerg sinn?" freet d'Marie. "Do hu mer awer scho méi beandrocker gesinn!"

"Jo, mee dëst ass eng besonnesch Buerg," mécht de Kropemann geheimnisvoll.

"Si ass ganz an de Fiels gebaut. Dofir erkennt ee kaum, wat vu Mënschenhand ass a wat virdu schonn do war. An ausserdeem..."

Hien hält de Fanger virun d'Lëpsen. Alles ass roueg, just e puer Vigel päifen, an de Wand geet lues duerch d'Blieder. De Wand? Neen, dat ass eng Stëmm, eng klackenhell, reng Fraestëmm, déi séngt. Déi ganz Trupp steet stëll, wéi verstengert.

"Wat ass dat fir ee wonnerschéine Gesank?" pëspert d'Marie mat Tréinen an den Aen. Och den Néckel ass ergraff.

"D'Griselinde, d'Sängerin aus dem Mëllerdall. Si war d'Duechter vum Heringer Ritter. Duerch eng onglécklech Léift ass si gestuerwen, mee si kënnt ëmmer erëm, fir de Wanderer hier traureg Lidder virzedroen."

**"Gutt dass mir musikalesch sinn,
Soss géife mir zu Steen hei ginn,"** muermelt d'Griselda.

"Stëmmt!" mengt d'Maisi an otemt schwéier. "Wie vun der Griselinde hierem Gesank net ergraff ass, gëtt nämlech an ee Fiels verzaubert."

"Dofir all déi stenge Gesichter!" stellt d'Marie erféiert fest.

Lues a lues gëtt d'Stëmm méi lues, an de Wand gëtt erëm den Toun un.

"Wou ass mäi Koseng?" freet d'Marie a kuckt verwonnert ronderëm sech.


An der **Heringer Millen** kanns du erliewe, wéi een aus Käre Miel a Brout, Kichelcher a Kuch hierstellt. Nieft dem Besuch vun der Mille gëtt et hei och nach vill aner spannend Veranstaltungen: Piraten- a Ritterschatzsich, Intefëschen um Millekanal, Geocaching, Atelieren, asw.

Touristcenter Heringer Millen

1, rue des moulins,
L-6245 Mullerthal
T: +352/87 89 88
E: touristcenter@mullerthal-millen.lu
W: www.mullerthal-millen.lu

Rätzel

Weess du nach wéi d'Kopp
geheescht huet op der
de leschte Galgen vu
Lëtzebuerg stoung? Soss
blieder mol zrëck op déi
Säit, wou di véier dem
Kueb begéinen...




H _ U _ _ R I _ _ _ T
17

Woussst du schonn ?

De Mëlldall gëtt och nach déi Kleng Lëtzebuenger Schwäiz genannt, an deen Numm kënnt net vun ongeféier. D'Schwarz Iernz huet sech hei Joermilliounen laang an de Sandstee gefriess. An esou kann een haut duerch en déiwen Dall mat schroffe Fielse laanscht déi kleng Bächelche spadséieren. Virun ongeféier 190 Milliounen Joer louche grouss Deeler vun Europa ënnert dem Mier. Um Fong vun engem Mier gëtt et Sand, esou och hei. D'Mier ass verschwonnen an aus de Sandkäre gouf am Laf vun der Zäit Sandsteen. An deem fënnt een heiansdo nach verstengert Muschelen a Mieresdéieren. Sandsteen ass ee ganz mëlle Fiels, an esou huet d'Waasser am Laf vun der Zäit Lächer an de Steen eragefriess. Dofir hunn d'Fielsen am Mëlldall haut all méiglech Formen: déi eng erënneren u Gesichter, déi aner hu Lächer... fuer dohin a kuck der se selwer un!

Konsdrëf



"Ass däi Koséng musikalesch?" freet d'Maisi ängschtlech a kuckt sech ee Fiels un, dee ganz mat Moos bewues ass.

Mee do spréngt de Pëtzmännchen och schonn hannendrun eraus. "Gesitt der! Lo hunn ech iech awer nach fäerte gedoen!"

"So eis léiwer, wou et weidergeet!" seet d'Marie streng.

"Konsdrëf ass déi nächst Etapp," mengt den Néckel. "Den Numm Konsdrëf kënnt vun engem gewësse Kunolph, deen do viru laanger Zäit säin Haff hat. Dat muss een Dichtege gewiescht sinn, well ronderëm hu seng Kniechten an Aarbechter hier Heipen opgeriicht, an doraus ass dat Duerf entstanen."

De Pëtzmännchen leeft erëm vir. "Ech kennen eng Ofkierzung. Awer ech warnen iech, do ass et däischer."

Ënnen am Dall erkläert hien hinnen de Wee a si soe sech Äddi. Déi véier trëppele weider, bis se bei eng Fielsspléck kommen.

"D'Kuelscheier, do musse mer duerch," stellt den Néckel fest. Bannen dra gesäit een d'Hand net virun den Aen, an et ass sou enk, dass dat mockelegt Griselda ëmmer erëm hänke bleift.

**"Vun hei aus geet et net méi zréck,
Well dofir ass mäi Bauch ze déck."** käicht hatt.

"... net méi zréck... Bauch ze déck!" schalt et téscht de Fielsen.

"Ohei, een Echo!" rífft d'Maisi, dat vir geet an nom Wee taascht. "Hallo!"

"Hallo... hallo..."

"Ech sinn d'Maisi!" – "d'Maisi... d'Maisi..."

"A wie bass du?" – "Ech sinn de Kevin!"

D'Maisi bleibt stoen, sou dass den Néckel, d'Marie an d'Griselda an et knuppen.

"An ech de William!" "An ech de Sven!" Eng Täscheluucht flackert op, an dräi kleng Geselle verspären hinne breetspureg de Wee.

"Déi Konsdréfer Wiichtelcher, d'Lämmele vun der Famill! Wollt dir éieren de Geck mat eis maachen?" freet d'Maisi.

"Jou!" äntwert de Kevin. "Dir Luuser!" laacht de William. "Ey!" mécht de Sven.

"Haha, gudde Witz!" mellt den Néckel sech vun hannen. "Da loosst eis elo laanscht, mir musse virun!"

"Jou! Fir d'éischt musst dir eis Muttprouf bestoen," erkläert de Kevin. "Kommt mat, dir Luuser!" laacht de William. "Ey!" mécht de Sven.

Si quëtsche sech duerch ee Schloff a krauchen an eng Hielecht. Vun hei aus geet et weider an aner ënnerierdesch Kummeren, déi all matenee verbonne sinn.

"D'Wiichtelhaier!" staunt den Néckel. "Hei wunnt dir also!"

"Jou!" äntwert de Kevin. "An dohanne wunnt eis Nopesch, d'Goldfrächen."

Virun enger vun den Hielechte sëtzt eng eeler Fra an engem wäissen Nuetshiem an enger schwéierer gëllener Ketten ëm den Hals. Si schéngt ageschlof ze sinn.

"An hierer Wunneng läit ee Schaz, dee mir gär hätten," fiert de Kevin weider. "De Schaz ass an engem Schaf agespaart, an de Schlëssel huet déi Al am Mond."

"An elo rot emol, wat dir musst maachen, dir Luuser!" laacht de William. "Ey!" mécht de Sven.

"Loosst mech mol probéieren," seet d'Marie a geet virsiichteg op d'Fra duer.

"Entschëllegt, Madame..." Hatt tippt hier ganz duuss op d'Schëller "Mir hunn eis verlaf, kënnt dir eis soen..."

Déi Al mécht d'Aen op an deet fierchterlech Kreesch.

"Wat geet dech un, mech a mengem Schéinheetsschlof ze stéieren, du Schnuddelkätt!" bläert si. "Bestëmmt hunn déi frech Borschte vun do iwwe dech geschéckt! Mee si kréien de Schaf net op! Dofir suergen ech!" An dobäi rappt si de Mond sou grouss op, dass de Schlëssel erausfällt, ouni dass si eppes mierkt. D'Griselda kroopt sech en.

An deeër Zäit wou d'Marie déi Al oflenkt, schläichen déi aner dräi an d'Zëmmer a spären de Schaf op. Mee do ass kee Gold a keng Diamanten! Tëscht Spëtzeneckercher a kitschegem Kreemche fällt hinne just een Apparat op mat engem Grëff an e puer Knäppercher. Si huelen deen eraus a bréngen de Bouwen en.

"Jou! Eisen Joystick!" freet de Kevin sech. "Mega!" laacht de William. "Ey!" mécht de Sven.

"Déi Al hat eis en ewechgeholl, well mir hier ze vill Kaméidi gemaach hunn." erkläert de Kevin.

"Villmools merci, Madame," laacht d'Marie héiflech. "Dir hutt mir vill weidergeholf." Hatt geet senger Wee a léisst déi Al weiderbläeren.

"Lo sidd der eis awer ee Gefale schëlleg," fënnt d'Maisi. "Gitt mat der Täscheluucht vir, dass mer de Wee raus fannen."

"Jou, cool! Keen Thema!" äntwert de Kevin. "Voll easy!" mengt de William. "Ey!" mécht de Sven, an déi dräi marschéiere virun hinnen, bis se un d'Dageslicht kommen, a begleeden si souguer nach ee Stéck weider. Si komme bei eng Grott, iwwert deeër hierem Agank een Daach aus Äscht hänkt.

"D'Méchelskierch!" méngt den Néckel.

"Ech gesi keng Kierch," bemierkt d'Marie, dat net schonn erëm wëllt stoe bleiwen.

"Dat heescht och nëmmen esou, well hei eemol een Eremit gelieft huet, dee Méchel geheescht huet" erkläert den Néckel.

"Een Ere-wat?" freet de Kevin.

"Eräh-Mith, du Luuser!" mengt de William. "Weess de net méi? Dat ass dat Spill, wou den Eräh-Mith muss mat sengem Léiserstaf géint 50 Ritter kämpfen an 10 Draachen ëmleeën..." "Ey!" mécht de Sven begeeschtert.

"Ah jo, gäil!" erënnert de Kevin sech. "A wou iwwerall schläimeg Monsteren aus dem Buedem..." an déi dräi verdéiwen sech esou an hiert Gespréich, dass se näischt méi matkréien.

"Een Eremit," probéiert den Néckel si verzweifelt ze beléieren, "dat ass een Einsiedler..."

Mee d'Borschte lauschtere guer net no, an d'Maisi zitt hie mat virun. "Komm mir ginn!"

D'Griselda rëselt de Kapp.

"Ech froe mech, ware mir dann och esou An deem Alter? Ma ech fäerte jou!"

Si si schonn ee ganzt Stéck getrëppelt, wéi se hanneru sech ee Ruffen héieren:

"Jou, waart emol!" – "Dir Luuser!" – "Ey!" De Kevin, de William an de Sven ditzten hinnen no.

"Alen!" käicht de Kevin a riicht sech un den Néckel. "Mir hunn eist Passwuert vergiess. Du kanns eis bestëmmt hëllef, well du bass jo voll deen Checker!"

"Ech sinn zwar réischt e puer Honnert Joer al," mengt den Néckel, "mee vu Computerspiller verstinn ech näischt..."

"Dat brauchts du och net, Alen! Eist Passwuert ass den Numm vun deem Typ, dee Konsdrëf erfonnt huet."

Den Néckel pëspert dem Kevin eppes an d'Ouer, an domat schären déi dräi Bouwen zefridden hierer Wee.

Och du kanns dech duerch d'Kuelscheier quëtsche wéi d'Griselda. Zu Konsdrëf um Wanderwee vun der **Adventure Kuelscheier** gëtt et nach aner opreegend Fielsformatiounen mat spannende Nimm wéi Rittergang an Déiwepëtz op schmuele Weeër ze entdecken. Ausgangspunkt fir dës Wanderung ass Konsdrëf um Rondwee C2 oder d'Route 2 vum Mullerthal Trail.

**ORT Region Müllerthal -
Kleine Luxemburger Schweiz**

T: +352/72 04 57

F: +352/72 75 24

E: info@mullerthal.lu

W: www.mullerthal.lu

Rätsel

Oh méi! De Mann, dee mat sengem groussen Haff d'Duerf gegrénnt huet. Wéi huet deen schon nees geheescht? Géff d'Passwuert séier an!



K _ _ D O L _ _
18



Wusst du schon?

En Eremit nennt een ee fromme Mann, deen an der Einsamkeit lieft a seng Zäit mat Bieden an Nodenke verbréngt. Déi Mënsche wollten ongestéiert fir sech liewen, ouni mat anere Léit a Kontakt ze kommen. Oft woussten si vill iwwert d'Liewen an der Natur, si hunn an Hielechten oder klinge Kapelle gelieft. Si hunn sech vun deem ernäert wat si am Bësch fanne konnten an hunn aus der Baach gedronk. Leit aus dem Duerf hunn dem Eremit och heiansdo eppes z'iesse bruecht, dofir huet hien da fir si an hier Famill gebiet.

Wéi si Konsdrëf hanneru sech hunn, fänkt den Néckel un ze trëntelen.

"Wat ass lass?" freet d'Maisi. "Maach elo net schlapp, mir si geschwënn zu Iechternach."

"A mir hu scho bal all eis Rätsele geléist!" fënnt d'Marie.

"Mhm!" grommelt hien. "Iechternach ass eng Stad mat vill Trafic."

"Dat ass awer lo näischt Neits, Bridderchen!"

"Wéi wär et da, wa mer ee kleng Eemwee géife maachen?"

D'Marie ass entsat. "Néckel! Ech wëll endlech heem!"

"Abee gutt! Da gi mer lo virun, bis mer op eng breet Strooss mat ganz villen Autoe kommen. Déi trëppele mer dann erof a passen op dass mer net iwerrannt ginn. A wa mer dat iwverlieft hunn, komme mer laanscht e puer Tankstellen a rout Luuchten. An iwverall ass et voller Mënschen..."

"t ass scho gutt!" muss d'Maisi zouginn. "Den Néckel huet Recht. Fir eis Wiichtelcher ass dat ee geféierleche Wee. Wa mer awer hei rop ginn, da komme mer vun enger anerer Säit, wou et méi roueg ass."

Dat liicht dem Marie an. Si loossen de Mëllerdall mat senge Fielsen a Bëscher lénks leien a marschéieren duerch eng hiwweleg Géigend mat Wisen a Felder.

"Wow! Kuckt iech mol dee Bam do un!" rífft d'Marie. A scho lafe seng Frënn op déi ural Eech zou, déi ee Stéck wäit riets vum Wee steet. "Hätt ech nëmmen de Mond gehalen!"

An deem décke Stamm vun der Eech ass eng Nisch mat enger hëlzener Muttergottesfigur.

Den Néckel dozéiert: "Dat ass d'Marieneech vun Aaltréier. Déi stoung schonn hei, do ware mir mol nach net op der Welt."

D'Marie sträift mat der Hand iwvert dee raue Stamm. "Sou een ale Bam! Wat soll dee schonn alles erlieft hunn?..."

**"Hei schwätzt d'Muttergottes aus der Eech,
Maacht iech ewech hei, soss gött et Streech!"**

"Griselda, komm eraus do! Fir wéi blöd häls du eis?" laacht d'Marie a setzt sech d'Mouk op d'Schëller. "Sou, an elo virun!"

Iwwert d'Vëlospist geet et duerch den Tunnel vu Bech.

Dem Néckel seng Stëmm haalt an der Däischtert: "Dee gouf 1903 fäerdeggestallt. En ass 210 Meter laang. D'Vëlospist ass nämlech déi al Zuchstreck vum Charely, deen tëscht der Stad Lëtzebuerg an Iechternach..."

"Rrrrronkkkk!"

"Néckel, wat geet dech un esou ze räpsen, du Schwäin!" rífft d'Maisi entrüst.

"Selwer Schwäin, ech war et net!... Wou war ech stoe bliwwen? Ah jo! 't ass kaum ze gleewen,

wat sou een Zichelchen deemools bewierkt huet. Wuere konnten transportéiert ginn, den Tourismus huet opgebléit. Laanscht d'Streck sinn Hoteller a Restauranten entstan..."


"Rrrrronkkkk!"

Do stéisst eppes hien esou fest widdert den Hënner, dass e mat der Nues an ee Pull trëllt.

"Wie war dat?!" Den Néckel steet op a bekuckt säi knaschtegt Gezei. "Kuckt iech mol déi Schwéngerei un! Sou eppes mécht mech schwäiwëll!"

Wéi d'Maisi an d'Marie erbäisprangen, fir dem Néckel op d'Been ze hëllefen, sti si engem schluedwäisse Guss vis-à-vis.

"D'Grassebierger Schwéngchen!" rífft d'Maisi. "Do muss ee scho Schwäin hunn, fir dat ze begéinen!"



"Bestëmmt bréngt et Gléck," mengt d'Marie an heemelt d'Déier. "Komm mir huelen et mat."

Tatsächlech trabt d'Schwéngche mat hinnen aus dem Tunnel eraus a leeft mat bis kuerz virun d'Becher Gare. Bei engem ale Birebam, dee laanscht de Wee steet, spréngt et an de Gruet a verschwénnt.

"Schwéngchen! Bleif bei eis!" rífft d'Marie him no, mee d'Maisi rëselt de Kapp.

"Looss et lafen! Dat kennt net zeréck."

Hanner Bech läit eng wäit Gewan virun hinnen, mat Beem, Hecken a Wisen, sou wäit wéi d'Aa kucke kann.

"Hei si mer am Naturschutzgebitt Hierberbësch," stellt de Néckel fest.

"Dat ass dach net alles Bësch," fënnt d'Marie. "Oder ass dat erëm sou eppes wéi déi Déngens-kierch, déi guer keng Kierch ass?"

"t kennt ee bal mengen!" laacht d'Maisi.

"Fréier, wéi d'Leit an eise Géigenden zu ëmmer méi gi sinn, hunn si Plaz gebraucht fir ze wunnen a Felder unzeleeën. Dofir hunn si einfach de Bësch ofgeholzt. An déi Beem, déi iwwreg bloufen, goufen dann nach ëmgehae fir ze hëtzen."

**"Ëmweltschutz war deemools keen Thema,
An de Bësch war séier am Eemer!"** faasst d'Griselda zesummen.

"A spéider koumen och nach d'Kieler. Dat waren eng Zort Bëschaarbechter, déi sinn iwwer Land gezunn an hunn Holzkuel hiergestallt. Dohanne gëtt et eng Flouer, déi heescht Kuelplaz. Haut kann een do nach donkel Flecken um Buedem gesinn wou fréier d'Kuelemeiler stoungen."

"Hunn déi Kieler och am Bësch geschlof?" freet d'Marie.

"Wann se sou midd ware wéi ech elo sinn, bestëmmt!" behaapt d'Maisi a gaapst.

D'Sonn hänkt déif iwwert den Hiwwelen, an den Himmel fierft sech rosa. Mat schwéiere Féiss schlappe si bis bei een Trapp Beem, ënnert deene sech ee Koup Laf ugesammelt huet. Do riichte si sech eng schuckeleg Schlofplaz an a leie gläich drop niefteneen ze ronken.

Um Kannerwanderwee **Op de Spure vum Charly** kanns du op 13 Statioune Bëschdéiere kenneléieren, eppes iwwert Kannerrechter léieren an erliefs d'Wäschmaschinn vun der Bomi. Lass geet et op der Becher Gare.

Administration communale
de Bech
1, Enneschtgaass,
L-6230 Bech
T: +352/79 01 68-1
E: bech@pt.lu
Informatioun an Download Flyer
W: www.bech.lu



Rätsel

Beschrëft di eenzel Deeler vum Kuelemeiler. Wéieen Buschtaf kënn 4mol an den Äntwerten fir? Dro de Buschtaf als Nummer 19 an d'Zauberwuert an!


G _ A _

B _ _ D _ M

H _ _

H _ L _

_ = 19



Wusst du schon?

Ee Kuelemeiler ass ee grouesse Koup Holz, dee propper opgeschicht gouf. Op d' Holz gouf Hee an da Buedem geluecht. Op dat Ganzt koum nach eng Schicht Moos oder Gras, fir dass de Meiler lofddicht war. An der Mëtt war e Lach duerch dat de Kieler d' Holz an der Mëtt a Brand gestach huet. D' Holz huet am Koup esou laang gesickert, bis just nach Kuelen iwweg waren. Wichtig war, dass de Kieler ëmmer genau opgepasst huet, dass d' Feier am Meiler net ze waarm an net ze vill ofgekillt ass. Dat huet hien un der Faarf vum Damp erkannt. Hien huet da Lächer an de Koup gestach an se no enger Zäit erëm zougemaach. Wann d' Kuele fäerdeg waren, ass d' Feier mat Waasser ausgemaach an de Meiler ofgekillt ginn. Dann huet de Kieler de Meiler opgebrach an konnt d' Kuele verkafen.

Mompech

Deen aneren Dag maachen eis véier Frënn sech gutt ausgeschlof op de Wee iwwer Hierber, ee schéint Dierfche mat villen alen Haiser, bis op Mompech. D'Marie ass schlecht gelaunt.

"Bass du mam falsche Fouss opgestan?" freet d'Maisi.

"Ouni Nuechtiessen an d'Bett a moies ouni Kaffi erëm op de Been! Wou soll een do net granzeg ginn!"

"Lo wou s d'et sees!" bemierkt den Néckel. "'t wär net schlecht, wa mer mol erëm géifen op eng Moolzecht ageluede ginn. Mir si grad erëm op de Spure vun de Réimer, wie weess..."

"'t soll kee mer an d'Féiss kommen!" knaddert d'Marie. "Oder mengs de vläit, sou ee Legionär géif eis een Iessen opdëschen?"

"Mir trëppelen hei iwwert eng al Réimerstrooss, laanscht déi eng sëllech Villae stoungen. An do dran hu keng Legionäre gelieft, mee räich Bierger."

"Villaen?" haakt d'Mais no. "Hate se deemools och schonn sou schick Haiser?"



"Net nëmmen dat," äntwert den Néckel. "Eng réimesch Villa huet aus ville Gebaier bestanen: Haapthaus, Wunninge fir d'Ugestallten, Ställ... Mee doriwwer gëss de zu Iechternach méi gewuer. Do kanns de nämlech d'Iwwerreschter vu sou enger Anlag besichlegen."

Aus enger Wis, iwwert deeër ee liichte Moiesdonst hänkt, kënnst hinnen ee Mann an engem laange Gewand entgéint. "Ave, Friemer!" begréisst en si héiflech. "Wat féiert iech zou mir?"

"Ave, dichtege Réimer!" Dës Kéier ass et den Néckel, deen kéng no vir trëtt. "Mir komme vu wäit hier a wären iwweraus dankbar fir e wéineg Gaaschtfreundschaft."

"Et ass mer eng Eier. Sidd meng Gäscht a loosst iech verwinne." De Réimer schrëtt houfreg duerch d'Gras a mécht wéi wann e géif an een Haus antrieden.

"Wäert der wuel sou fein, är Féiss ofzebotzen, net dass der mäi Mosaikbuedem beschmotzt."

Déi véier kucke ech verwonnert ëm. Wäit a breet ass just Wis.

"Wëllkomm a menger Villa. Huel Plaz a maacht wéi doheem. Labienus! Bréng eis Brout, Kéis a Wäin! Entschëllegt, dass ech iech net méi kann ubidden, mee äre Besuch kënnst e bëssen onerwaart."

"Wäin? Moies fréi schonn?" freet d'Marie.

"Keng Suerg, wann dee Wäin esou ass wéi d'Villa, gëss de net voll!" pëspert d'Maisi zréck an tippt sech mam Fanger un d'Stir.

"Ech gesi schonn," mengt d'Marie batter. "'t geet eis erëm sou wéi beim Veit!"

Mee si sollte sech wonneren. Nodeems si eng Weilche mat deem frëndlechen Här gepotert hunn, steet op eemol ee jonke Borscht mat engem voll geluedene Plateau virun hinnen. Hien zervéiert hinne Brout a Kéis, mee och Uebst an, amplaz Wäin, séissen Drauwejus. Och wann si sech mussen op de Buedem leeë fir z'iessen, schmaacht et hinne prächtig.

"Merci Labienus," seet de Réimer bäileefeg a kuckt senge Gäscht beim Maufelen no. "Ech ka mer denken, wat dir lo vu mir haalt," schmunzelt en. "Mee keng Angscht, ech spannen net. Fir mech ass déi gutt al Zäit vun de Galloréimer nach ëmmer lieweg, an ech fille mech a menger Villa doheem, och wann et se nëmmen a menger Virstellung gött."

"Mat e bësse Phantasie geet alles," bemierkt d'Maisi mat vollem Mond.

"Just de Bauch, dee kritt een net domadder gefëllt," laacht de Réimer. "An dofir hat ech de Labienus, mäi Sklav, an d'Duerf geschéckt, fir eppes géint den Hunger erbäizebréngen. Ech gesinn, ech louch richtig."

Den Néckel erkënnegt sech: "Wann dir schonn e sou laang hei an ärer... ëhm... Villa leeft, da kennt dir d'Géigend jo bestëmmt wéi är Boxentäsch, pardon, wéi d'Plie vun ärer Toga!"

"Sécher, meng Frënn. Ech weess zum Beispill, dass dat klengt Dierfchen Aaltréier zu menger Zäit eng bedeitend Uertschaft war, an och Giwenech eng galloréimesch Vergaangenheet huet. Mee am Laf vun de Joerhonnerten hunn déi Dierfer sech verännert. Zu Giwenech huet am Mëttelalter d'Pescht geroost, Mompech gouf am Drëssegjäerege Krich uerg zerstéiert."

"Nach sou een!" pëspert d'Maisi dem Marie zou. Den Néckel ass begeeschtert.

"Wéi ass dat da mat der Salzquell zu Buer?" freet hien opgereegt.

"D'Quell mam Salzwasser gött et nach ëmmer. Leider ass vun der Saline awer näischt méi iwwreg..."

"Saline? Wat ass dat dann?" ënnerbrécht d'Marie.

"Dat war eng Anlag, mat deeër d'Salz aus dem Waasser gezu gouf. Salz war deemools eng wäertvoll Wuer, an déi Buerer Quell hat ëmmerhin 12 Gramm Salz pro Liter Waasser. Am 16. Joerhonnert ass se an de Besëtz vun der Famill de Villers komm an ..."

D'Marie steet op eng Kéier op. "Dir musst entschëllegen, Här Réimer, mee mir musse lo weider!"

De Réimer dréckt dem Néckel een A zou. "Ech mengen, mir zwee mussen nach eemol zesumme kommen, fir iwwert déi gutt al Zäit ze schwätzen."

Hie begleet seng Gäscht bis viru seng Phantasievilla an wénkt hinnen nach laang no.

"Neen, Néckel, mir maache lo keen Ëmwee méi. Salzwaasser hin oder hier," bestëmmt d'Marie.

Sou wandere si drop lass ouni sech weider opzehalen. Hanner Giwenech allerdéngs, héiere si ee Raschelen, wéi wann een an enger Zeitung géif bliederen. Da geet ee Loftzoch, ouni dass eppes sech beweegt.

"W-wien ass do?" freet den Néckel a probéiert, couragéiert ze kléngen.

Eng hell Fraegestalt schwieft op si zou. Si ass flaach ewéi ee Blat Pabeier an hallef duerchsichteg. Hiert Kleed ass fatzeg, an iwwerall wou si laanscht sträift, bleift ee Stéck hänken.

"D'Pabeierfra!" jäizen d'Maisi an den Néckel mateneen an zéien de Kapp an, wéi d'Wiesen iwwert si ewechfeet. Mee den Zauber ass grad esou séier verschwonn, wéi e komm war. Et raschelt nach eemol kuerz, an dann ass ales roueg.

D'Griselda huet sech als éischt vum Schreck erholl:

**"Dat war nach net d'lescht Etapp op eiser Rees
Déi nächst ass Rouspert, sou wäit ech weess."**

An domat marschéieren eis véier Frënn monter weider.

Wusst du schon?

Bis 1956 ass en Zuch vun Ettelbréck iwwer Iechternach op Gréiwemaacher gefuer. Deen Zuch gouf Charly genannt an huet Passagéier a Wueren transportéiert. D'Streck war och als Sauerlinn bekannt, well den Zuch de ganze Wee duerch den Dall vun der Sauer gefuer ass.

Esou eng Zuchverbindung huet vill Léit an d'Regioun gefouert. Ronderëm d'Garë sinn Hotellen, Restauranten a Caféen entstanen. Hei konnten d'Leit eppes iessen an drénken oder iwwer Nuecht bleiwen. D'Schinne vum Zuch goufen ewechgerappt, awer déi al Gare kanns de haut nach iwwerall do gesinn, wou den Zuch eemol stallgehalen huet. An der Gemeng Mompech war dat zum Beispill zu Méischdref. Aner Gare stinn nach zu: Reisduerf, Grondhaff, Bollendorf, Weilerbaach, Iechternach, Steenem a Rouspert.

Rättsel

Wou war dat scho méi,
wou déi véier Frënn all
déi gutt Saachen ënnert
d'Nues gehale kruten,
an duerno huet sech alles
a Loft opgeléist?



 Ä **E** **R** **E**
20





"Sou lues fänken ech un d'Flemm ze kréie mat deenen Iwwerraschungen, déi hannert all Eck laueren!"

D'Marie schréckt mat agezunnenem Kapp nieft senge Frënn. Vu Mompech féiert de Wee iwwer Bierg an Dall, a si wëssen alleguer, dass se ganz geschwënn um Zil vun hierer Rees sinn. Si trëppelen grad en Hiwwel erof, wéi vun hannen eng staark Loft opkënnt, déi schwaarz Wolleke viru sech hierdréckt. Kuerz duerno falen déck Drëpse vum Himmel.

"Looss mer eis séier enzwousch ënnerdaach stellen!" jäizt d'Maisi a rennt zesumme mam Néckel op eng Kierch zou, déi nieft dem Wee tëscht Hecken a Sträich steet. Si drécken déi schwéier hëlzen Dier op a verschwannen an de sécheren Ënnerdaach.

D'Marie leeft deene zwee Wiichtelcher hannendrun a kuckt duerch déi oppe Kierchendier dem Reen no. Just d'Griselda ass do bausse ganz a sengem Element:

**"Ei wat ee Spaass,
de Reen ass herrlech kal an naass!"**

Hatt spréngt vun engem Pull an deen aneren a wänzelt sech am Bulli. D'Marie wëllt et afänke goen, mee d'Mouk hopst ëmmer weider, bis déi zwéin ëm d'Kéier sinn.

D'Maisi an de Néckel kucken sech an der Tëschenzäit an der Kapell ëm.

"Muttergottes vun der Hieselterheck," liest d'Maisi a staunt iwwert de räich geschmäckten Altor mat der schéi gekleeter Mariestatue.

"Dat ass d'Girsterklaus," erkläert den Néckel, dee grad eng Statue vum Hellege Willibrord bewonnert. "Et ass eng ural Kapell, zu deeër d'Leit säit Joerhonnerte pilgeren, vir zur Muttergottes an aneren Hellegen ze bieden. Eng So erzielt, dass d'Kapell vum Ritter Elbert vu Klierf gebaut gouf, nodeems hien op wonnersam Manéier aus schlëmmer Nout gerett ginn ass."

D'Maisi luusst zur Dier eraus. "Et huet opgehale mat Reenen. Néckel, komm séier! Mir musse weider!"

Mat schwéierem Häerzen trennt de Néckel sech vun deeër schéiner Kapell.

Hei kommen d'Marie an d'Griselda och schonn de Wee erop. Amplaz vu sengem grénge Rack huet d'Marie elo ee Kleed aus Seid mat gëllenen an sëlwere Verzierungen un. Et glänert an der Sonn, déi nees tèscht de Wolleken erduerch blénkt. Hatt bleift virun deenen zwee stoen an dréint sech.

"Kuckt, dat hunn ech dohanne beim Bësch fonnt!"

D'Maisi bewonnert d'Kleed mat groussen Aen a fiert mat de Fanger iwwert de renge Stofft.

De Néckel seet nodenklech: "Dat ware bestëmmt d'Wiichtelcher vu Rouspert. Déi kënne besonnesch gutt schneideren, a wann se ee gutt kënne gebrauchte, schenken se him och alt mol eng vun hiere Creatiounen..."

"Villmools merci, léif Wiichtelcher!" rífft d'Marie an d'Hecken eran.

"Oh, ech wëll och esou ee Cadeau!" rífft d'Maisi jalous.

Mee du kënnt d'Griselda erbäi gehopst, plätschnaass a voller Bulli. Just virum Marie rëselt hatt sech zerguttstert.

"Pass dach op!" jäizt d'Marie a spréngt zeréck, mee 't ass ze spéit. Hatt ass vun uewe bis enne begladdert.

"Ha! Lo gesäis de erëm grad sou aus wéi virdrun!" laacht d'Maisi spëttesch. "Du bass eben net gemaach fir Topmodel ze ginn."

"Pfff!" mécht d'Marie beleidegt a wërft senger Mouk ee gëftege Bléck zou. "Dës Saison gi souwisou Bullis Faarwe gedroen!"

"Schluss mat deem Gekaz!" gräift den Néckel an, a si maache sech erëm op de Wee. D'Griselda kraucht genëschelt hannendrun a passt gutt op, senger Meeschtesch net ze no ze kommen.

Zu Rouspert sti si kuerz duerno virun engem schmoeke Schlass. Den Néckel dréckt seng Nues un enger Fënster platt an erbléckst dobannen eng ganz Rëtsch almoudesch Maschinen, aus deenen iwwerall Kabelen erauskucken. Dertëscht leeft en eelere Mann hin an hier, dréint hei eng Schrauf an a knéchelt do un engem Schalter.

"Dat muss den Henri Tudor sinn!" D'Maisi faasst sech en Häerz a geet eran.

Virwëtzig zitt hatt de Mann um Aarm vu sengem wäissen Hiem. "Meeschter, entschëllegt, wann ech hei sou eragetermt kommen, mee dat musst der mer erklären! Wat maacht dir do?"

De Mann botzt d'Hänn u sengem liederse Schiedeg of. Hien huet schnéiwäiss Hoer, déi zu alle Säite vum Kapp ewechstinn. Hie kuckt duerch säi klenge ronne Brëll op d'Maisi erof.

"Elektrizitéit, meng Mod!" Zerstreet fiert hie sech mat der Hand iwwert de Kapp a mécht sech d'Buschten nach méi duercherneen.

"Negativ an positiv elektresch Luedunge fléissen duerch en elektresche Leeder...," grommelt hie fir sech a weist op verschidden Deeler vu senger Maschinn.

D'Maisi luusst iwwert den Dësch a freet: "A wat ass dat do fir een Déngen?"

"Dat ass ee Bläi-Akkumulator, Meedchen. Mat deem kann ee Stroum späicheren." Hie schrauft um Apparat.

"A firwat ass dat gutt?" freet den Néckel, dee sech och elo eragetraut huet.

"Du verstees dach näischt vun Technik, Néckelchen!" stëppelt d'Maisi. "Bleif du bei denger Geschicht!"

"Domat kann een alles bedreiwe wat Stroum brauch, zum Beispill Luuchten," erklärt de Mann gedëlleg a struwwelt nees seng Hoer.

De Néckel trëppelt eraus bei d'Marie, dat an deeër Zäit dem Griselda de Kapp tëscht d'Ouere gesat huet.

"Den Henri Tudor huet dat Schlass hei gebaut a säin Liewe laang dra geschafft. Hien huet wichteg Erfindungen gemaach. Säin Heemechtshaus war eent vun deenen éischten Haiser zu Lëtzebuerg, déi elektresch Luucht haten."

"Ups!" héiert ee vu banne ruffen. "Ech mengen, elo hunn ech zwee Kabele verwiess..."

Et gëtt een décke Poufert, eng Stéchflam blëtzt op, an eng schwaarz Dampwollek quëllt zur Fënster eraus.

Gläich drop erschénge ee bleecht Maisi an der Dier. Seng Kleeder sinn a Fränjelen, a seng Hoer sti grad sou zu Bierg ewéi dem Wëssenschaftler seng.

"Do kënnt eist Topmodel!" kickelt d'Marie gemeng. "Ass Punk erëm modern?"

"Hal nëmme op!" knoutert d'Maisi. "Als Geescht kann dem Meeschter dobannen näischt geschéien. Mee mir war et net egal."

**"Wien net oppasst, muss et fillen:
Mat Stroum soll een net spillen!"** warnt d'Griselda.

Virun der Dier vum Schlass steet eng Kutsch. Ouni laang nozedenke klamme si eran a nennen dem Kutscher hier lescht Etapp: "Op Iechternach wann ech gelift!"

A scho rullt d'Kutsch de Bierg erof.

De **Musée Tudor** ass eng Mëschung tëschent Science Center an traditionellem Musée iwwer Stroum an Akkumulatoren a genee dat Richteg fir virwëtzeg Kanner. Hei kanns de bei klengen Experimenten d'Geheimnisser vum Stroum entdecken.

Musée Tudor


9, rue Henri Tudor,
L - 6582 Rosport
T: +352/73 00 66 206
F: +352/73 04 26
E: info@musee-tudor.lu
W: www.musee-tudor.lu



Rätsel

Et kann een et nët gesinn.
Et ass doudgefëierlech
wann een et upäkt.
Trotzdeem kënne mir eis
e Liewen ouni et haut net
méi virstellen. Waat ass
gesicht?

S _ _ O U _
21



Wusst du schon?

Den Henri Tudor war e lëtzebuergeschen Ingenieur. Schon als jonke Mann hat hien eng grouss Leidenschaft: Elektrizitéit. A sengem Heemechtshaus, dem Irminenschlass zu Rouspert huet hien éischt Erfindungen a Weiderentwécklung vum Bläiakкумуляtor gemaach. Deen funktionéiert wéi eng Batterie. Esou ass 1882 d'Rousperter Schlass eent vun deenen éischte privaten Haiser an Europa dat elektresch Luuchten hat. D'Stroossen an de Stied an den Dierfer si bis zu der Zäit mat Petroleumluuchte beliicht ginn. Déi Luuchten hunn alleguer eenzel missen ugefaange ginn, si hunn gestonk an gedämpft. Keen Wonner dass jiddereen deen sech et leeschte konnt och elektresch Luuchte wollt. An esou koum et dass e puer Joer méi spéit, Iechternach seng éischt elektresch Beliichtung kritt huet.

Iechternach

Am Ufank geet et gemälleg. Si zockelen duerch Rouspert bis un d'Uwänner vun der Sauer. Mee d'Kutsch fiert net op der Strooss, si rullt einfach iwwert d'Waasser bis an d'Mëtt vum Floss. An elo geet et réischt richteg lass. D'Päerd geheie sech an de Galopp an zéien d'Kutsch mat Caracho iwwert d'Wellen. Eis véier Frënn ginn vun enger Säit op déi aner gehäit.

"Au! Oh! Si mer nach net do!" jéimert d'Marie. D'Griselda huet sech a sengen Hoer fest gekrallt an setzt wéi eng déck, gréng Kroun fest op senger Meeschtesch hierem Kapp.

"Grad si mer laanscht Steenem gefuer, et kann net méi wäit sinn!" rífft de Néckel a klamert sech un de Sëtz.

Si ginn duerchernee gerëselt, bis et op eemol nees am Schrëtttempo geet. Si sinn zu Iechternach. D'Kutsch hält stall, d'Dier geet op, an déi véier sprange raus, frou fir erëm feste Buedem ënnert de Féiss ze hunn. Iert si sech ëmsinn, ass d'Kutsch verschwonnen.

D'Maisi reift sech den Hënner. Den Néckel leeft iwwert d'Plaz a beschwéiert sech: "Lo si mer matzen am Zentrum vun Iechternach! Hei steet den Dënzelt mam Justizkräiz." Virwurfsvoll weist hien op eng stenge Sail. "An ech wollt dach nach bei déi réimesch Villa beim Séi."

"Vergíess et, ech maache vu lo u kee Schrëtt méi wéi néideg! Mir deet alles wéi!"

D'Marie riicht sech op a kuckt ronderëm sech. "Endlech zu Iechternach! Elo feelt just nach den 22. Buschtaf fir d'Zauberwuert, an da kënne mer heem, Griselda!"

"Ech mengen, ech weess scho wie mer kënne besichen, hei an der eelster Stad vu Lëtzebuerg," verkënnegt den Néckel geheimnisvoll. "t ass zwar en ale Geck, mee deen hëlleft eis bestëmmt virun!"

"De Kiddelsmeenchen!" laacht d'Maisi. Si lafen op d'Basilika zou a kommen op eng grouss Plaz. Eng breet Trap féiert an d'Gebai vun der fréierer Abtei. Si drécken d'Dier op a stinn an engem däischtere Gank.

"Kiddelsmeenchen," rífft de Néckel am Pëspertoun. "Kiddelsmeenchen, wou bass du?"

Kuerz drop héiere si ee fierchterlecht Gerubbels. Ee Faass ass vum Daach vun der Abtei gefall a rullt mat vill Kaméidi iwwert de Pavé. Wéi et endlech un d'Stoe kënnt, klëmmt ee kleng Männche mat engem laange Baart eraus.

"Du Spëtzbouf! Elo hat ech dech bal net erëm erkannt!" Den Zwerg laacht iwwert d'ganz Gesiicht, kënnt op den Néckel duer a boxt him widder d'Schëller. "Wéi laang ass dat hier, dass mir zwéin Iechternach onsécher gemaach hunn?"

Den Néckel freet sech, säin ale Frënd erëm ze gesinn. Mee hie schwätzt léiwer net ze vill iwwert déi al Zäit an alles, wat si deemools gestiicht hunn.

"An deng Schwësterchen hues de och derbäi, gesinn ech! A wien ass dann déi charmant Joffer do?"

D'Marie huet keng Loscht op Kosettercher: "Ech sinn d'Marie an ech wëll heem."

"Heem?" freet den Zwerg, verwonnert iwwert déi rabiart Begréissung.

"t ass eng komplizéiert Affär...," den Néckel zitt de Kiddelsmeenchen op d'Säit, an erzielt em déi ganz Geschicht.

"Wann dat sou ass," rífft säin Frënd, "da bass de bei mir richtig, Meedchen! Du wëlls bei d'Sauer? Da komm!"

"Weis eis um Wee dohi wéinstens e bëssen eppes vun Iechternach," fléift de Néckel.

Si marschéieren hannert dem Kiddelsmeenche laanscht d'Basilika, ronderëm d'Orangerie an duerch eng Parkanlag mat ale Beem, schéi geschniddeenen Hecken a faarwege Blumen. Den Néckel kann es net genuch kréien, an hie schwärmt fir déi schéi kleng Stad mat der grousser Vergaangenheet.

"D'Abteistad huet eng laang Geschicht. Schonn zur Réimerzäit hunn hei Leit gewunnt. Do wou haut d'Péiter-a-Paul's-Kierch steet war eng kleng réimesch Festung. Iechternach ass vi-run allem bekannt wéinst dem Missionar Willibrord, deen hei gelieft a gewierkt huet. Hien huet d'Klouschter an d'Basilika gebaut. No sengem Doud ass hien helleg gesprach ginn an d'Léit hunn ugefaang bei säi Graf ze pilgeren..."



"An dat maachen se och haut nach..." fiert de Kiddelsmeenchen dertëscht. "Néckelchen, du hues dech kee Fatz verännert. Du waars nach ëmmer eise klenge Professorer."

D'Maisi klappt sengem Brudder op de Réck: "Wa mer herno nach Zäit hunn, kënnen mer jo ee vun deene ville Muséeë besichen, déi et hei gëtt. Wat interesséiert dech dann am meeschten? Den Abteimusée, déi prähistoresch Zäit oder ländlech Architektur...?"

"... an dohier kënt d'Sprangpréssessioun," dozéiert den Néckel virun, ouni op déi aner anzegoen.

An der Métt vum Park bleift den Zwerg stoen. "Vun hei u musst dir ouni mech weider!," erkläert hien a réiert sech net vun der Plaz. "Äddi, 't war schéin, iech ze gesinn. Néckel, wann s de Loscht hues dech emol erëm eng Kéier ze ameséieren, da komm bis laanscht!"

"En drolege Kärel," fënnt d'Maisi, wéi si duerch de Park viruntrëppelen.

"An engem Klouschtergaart stoung fréier vill Planzen. Si goufen ugeplanzt wéinst hierer Heelwierkung oder als Kraider fir ze wierzen..." setzt de Néckel erëm un, mee d'Marie stéisst hie voller Freed an d'Säit.

"Mir sinn do!" Mat grouse Schrëtt leeft hatt bis un d'Uwänner vun der Sauer. Erliichtert léisst et sech an d'Gras falen an d'Griselda sëtzt sech nieft hatt an d'Wiss. D'Waasser plätscht virun hiere Féiss an d'Maisi kuckt traureg an d'Wellen.

Wousst du schonn ?

Den hellege Willibrord war en Missionar aus England dee virun 1300 Joer gelieft huet. Seng Jugend huet en an engem iresche Klouschter verbruet, vu wou hie mat anere Missionaren opgebrach ass vir um europäesche Kontinent ze priedegen. Zu Iechternach huet hien e Klouschter an d'Basilika baue gelooss. No sengem Doud dass hien helleg gesprach ginn, an d'Mënschen aus der Ëmgéigend hunn ugefaange bei säi Graf ze pilgeren an ze bidden. Och haut gëtt et dës Prozesssioun nach. D'Sprangpréssessioun fënnt all Joer op Péngschtdéischdeg statt an zitt dausende vu Léit un.

Op dësem spannende **Mëttelaltertour** duerch Iechternach entdecken d'Kanner d'Iwwerreschter vun der aler Stadmauer. Dono geet et weider duerch de Park bis bei d'Basilika an den Dokumentatiounscenter vun der Sprangpréssessioun. Ab 10 Joer.

• **Informatioun a weider Toure bei:**

• **ORT Region Müllerthal -**

• **Kleine Luxemburger Schweiz**

• T: +352/72 04 57

• F: +352/72 75 24

• E: guidedtours@mullerthal.lu

• W: www.mullerthal.lu

Rätzel

Wéi heescht dee Missionar,
bei deem d'Leit op der
Sprangpréssessioun
pilgeren?



W _ _ _ BR _ RD
22



Déi véier sëtzen an enger Rei um Uwänner vun der Sauer a wëssen net sou richtig, wat se solle soen.

D'Marie otemt déif: "Tjo, dat wär et da gewiescht!"

D'Maisi blockt driibseg op säi Spigelbild am Waasser. "Hm, Schued..."

"Een Abléck, elo musse mer mol den Zaubersproch zesummebastelen!" decidéiert den Néckel a krozelt mat engem Bengelchen am Sand. "Also, vun all Statioun wou mer waren, huele mer dee markéierte Buschtaf a setzen alles zesummen!"

15 5 14 1 16 20 18

8 21 17 4 23 2 9 3 10

11 22 19 21 6 12 22 22

"Dat wär et! Ech hoffen t'ass alles richtig!"

"Wat ass dat do da fir ee Sproch? Dat ergëtt jo kee Sënn!" stellt d'Marie mësstrauesch fest. "Bass de sécher, dass mer alles richtig hunn?"

"Waart emol," iwwerleet den Néckel a stäipt säi Kënn an d'Hänn. "Vläit wann een der-tëschent heiansdo ee Lach léisst..."

Si strecken d'Käpp zesummen a probéieren.

Bestëmmt weess du scho laang, wéi et richtig ass. Mee eis Frënn si midd vun der laanger Rees, a vläit hu si och guer keng Loscht, den Zaubersproch ze séier erauszefannen, dofir knobelen si nach eng ganz Weilchen, bis d'Griselda endlech rífft:

"Zu Stengefort hu mir ugefaang



Duerch 15 5 14 1 16 20 18 8 21 17

4 23 2 9 si mir du gaang,

An och am 3 10 11 22 19 21 6 12 22 22

Huet et eis 13 gefall!"

1 2 3 4 5 6 7 8 9 10 11 12 13 14 15 16 17 18 19 20 21 22 23



The image features a central cartoon illustration of a young boy with large ears, wearing a cap, a white shirt, and dark overalls. He is pointing upwards with his right hand and holding a blue ball in his left. Behind him is a large, light blue question mark. Surrounding the boy are 23 rectangular boxes, each divided into two horizontal sections. The bottom section of each box contains a blue number from 1 to 23, while the top section is empty. The boxes are arranged in a scattered pattern around the central figure.

"Sou ass et!" muss d'Maisi zouginn. "D'Zauberwuert war ganz einfach. Mir hu just brauchen d'Nimm vun deenen zwou Regiounen, duerch déi eis Rees gaangen ass, uneneen hänken."

D'Marie fret sech dass hatt erëm Heem kann, an engems ass et awer och traureg, dass hatt seng Frënn elo wierklech muss verloossen.

"Äddi Wiichtelcher! Et war wierklech schéin a mir hunn schon zimlech verréckt Saachen erlieft. Denkt nëmmen un dee Réimer deen eis wollt entfëieren an d'Wäiss Fra zu Pëtten. Wat hat ech mech do erfëiert!" laacht hatt an ëmërmelt d'Maisi an de Néckel.

"Oder déi al Bocken zu Miedernach!" schmunzelt d'Maisi a wëscht sech heemlech eng Tréin aus dem Aewénkel.

"Mir kommen dech eng Kéier besichen! Dat ass versprach!" verséichert den Néckel. "An da weist du eis och deng Regioun!"

Eng leschte Kéier wénkt d'Marie, hält d'Griselda ënnert den Aarm a klëmmt mat grouse Schrëtt an de Floss. D'Waasser spruddelt ronderëm seng Been.

Hatt stellt sech an d'Mëtt vun der Sauer a verwandelt sech erëm an déi ellen Hex. Mat knoutereger Stëmm seet si deen neien Zaubersproch op an dréint sech wéi een Dillendapp. D'Waasser setzt sech a Bewegung, bis en déiwen Trëndel entsteet. Eng grouss Fontän schéisst d'Luucht aus, an an deeër verschwannen d'Marie an d'Griselda. Dann ass alles roueg.

Déi zwee Wiichtelcher kucken nach eng Zäit laang de Wellen no, bis den Néckel opsteet.

"Maisi!"

"Hmmm?"


"Looss eis an de Réimermusée goen..."





Pays du Ternois


Regioun 7 Vallées-Ternois





Elo sinn d'Marie an d'Griselda erëm doheem. Do setzen si erëm all Dag ënnert hierer Bréck an der Baach *La Planquette* zu Fressin a waarden op Kanner déi si kënnen erféieren. Nodeems du mam Marie d'Rees duerch di zwou Regioune Lëtzebuerg West a Mëllerdall ënnerrholl hues, besich och du si a Frankräich! Entdeck dem Marie a Griselda hier *Regioun 7 Vallées-Ternois* am Nord-Pas-de-Calais, zum Beispill um

Circuit d'aventure
« Carnet d'aventure de la Route de la Pierre – Entre mystères, pierre & rivière » zu Fressin



D'Buch zum Wee kriss de hei:


**Office de Tourisme Intercommunal
 Communauté de Communes du Canton
 de Fruges**

Place du Général de Gaulle
 62310 FRUGES
 T: 0033 (0)321 0402 65
 E: ot-fruges@nordnet.fr

Méi Informatiounen iwwert d'Regioun
 Pays des 7 Vallées a wat's de do alles
 kanns ënnerrhuelen fënns de op:
www.tourisme-7vallees.com



Léising vun de Rätselen



ZUCH



PÄERDSKUTSCHEN



WAASSERTUERM



MMXIV

GREIWESCHLASS
LEESBESCH
FOCKESCHLASS
GIEWELER BAACH



SIWEN



MARIENDALL



BRUCH



STENGEFORT



LAROCLETTE



MENHIR



DAITSCHLAND



SCHAFFGESCHIR



METTELALTER




HERKULES



HOUGERIICHT



KUNDOLPH



**GRAS
BUEDEM
HEE
HOLZ**



BÄERDREF



STROUM



WILLIBRORD

Impressum

Text:

Marc Angel-Romera, Céline Lanners

Illustratiounen:

Anne Mélan, Diane Erzen

Redaktioun:

Marc Angel-Romera, Céline Lanners, Nicole
Thilges, Michèle Thinnes, Sarah Mathieu

Graphescht Konzept & Layout:

Rose de Claire, design.

Drock:

Imprimerie Centrale, Lëtzebuerg

Oplag:

3000 Stéck

Merci:

Mike Steichen, Maggy Turpel-Backes

GAL LEADER Lëtzebuerg West
& Mëllerdall, 2014

Neioploug, 2019